


INFO °03 25 BLAT

Den analytische Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 7. MEE 2025

Conseil communal du 29 octobre 2025

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 29 OCTOBRE 2025



Thèmes abordés

1. Communications du collège échevinal

2. Office social de Differdange :

3. Personnel communal :

4. Actes et conventions :

5. Plan annuel de gestion des forêts 2026

Communications du collège échevinal



L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT²⁵₀₃

COMPTE-RENDU DU 7 MAI 2025

5-55

EXPOSITION ÉGLISE SAINTE-BARBE

56-57

CONSULAT DU PORTUGAL

58

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Joanna Hudyla Photography

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 03/2025, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 7 MAI 2025

CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)

Morgan Engel (LSAP)
Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

1. Communication du collège des bourgmestre et échevins.
2. Projets communaux:
 - a. NetZeroCities — modernisation de l'éclairage public (DEL) — devis, article budgétaire 4/625/222100/23001;
 - b. Parc Terrain-AS — mise en place d'une toiture sur le terrain de pétanque — devis, article budgétaire 4/625/221313/25003;
 - c. Énergies renouvelables — installations d'ombrières photovoltaïques sur le parking public — devis, article budgétaire 4/532/222100/25021;
 - d. Électromobilité — adaptation de postes de transformation — devis, article budgétaire 4/441/222100/25022;
 - e. Bâtiments communaux — installation d'un poste de transformation — devis, article budgétaire 4/441/222100/25023;
 - f. École des garçons de Niederkorn — travaux de rénovation et de mise en conformité — décompte, article budgétaire 4/910/221311/19022.
3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:
 - a. Modification ponctuelles du PAG à Differdange — vote du conseil communal suivant l'article 14 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain — concernant la suppression partielle de la protection communale dans le cas de la construction localisée à Differdange sur la par-

celle 181/10115 (no 14, rue Pütz), le classement d'une zone spéciale 2 (SPEC-2) et l'adaptation des coefficients du PAP NQ NI02 — Tëschent Lauterbännchen afférent, le classement de la parcelle 767/9815 en tant que zone HAB-1 et de la parcelle 767/9816 en tant que REC-1 au lieudit rue des Jardins, le classement de la parcelle 1304/9552 ainsi que d'une partie de la parcelle 1304/9706 en tant que zone BEP le long de la rue Émile-Mark, la levée du secteur protégé de type environnement construit — façades à conserver sur les bâtiments no 2 et no 2A dans la Grand-rue à Differdange et le classement de la parcelle 2903/9657 en tant que zone HAB-1 au lieudit Route de Pétange;

- b. Modification du plan de repérage (partie graphique) et de la partie écrite du plan d'aménagement particulier quartier existant (PAP QE) de la commune de Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale et concernant des fonds sis à Differdange sur le site du plateau des Hauts-Fourneaux ainsi que trois erreurs matérielles;
 - c. Modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Op de Breeden Dréischer I à Oberkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la société BEPE Immo;
 - d. Demande de morcellement de terrains situés dans la rue Charles-Schambourg à Oberkorn;
 - e. Demande de morcellement de terrains situés dans la rue Pierre-Gansen à Niederkorn.
4. Actes et conventions:
 - a. Acte notarié visant la vente d'une parcelle d'une contenance de 7 ca sis à Oberkorn dans la rue Catherine-Kriepe-Welbes;

- b. Conventions de mise à disposition de parking pour y construire et exploiter une installation photovoltaïque concernant les parkings Woïwer et Rue-Pierre-Gansen;
 - c. Conventions de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé au 88 et 88a de la rue Principale à Lasauvage;
 - d. Contrat de prestation de services pour le projet de passerelle avec l'association Autisme Luxembourg ASBL — crédit spécial, article budgétaire 3/266/622/99001;
 - e. Contrat de bail commercial concernant un local situé au 4, avenue de la Liberté à Differdange;
 - f. Contrat de bail pour un logement locatif à Differdange au 1, rue du Parc-de-Gerlache;
 - g. Convention de mise à disposition de logements sis à Differdange au 41, avenue Charlotte;
 - h. Contrat de bail avec l'office social de Differdange pour les besoins des agents régionaux d'inclusion sociale Aris dans un immeuble sis à Differdange dans la Grand-rue no 23;
 - i. Troisième avenant au contrat de bail avec l'office social de Differdange dans un immeuble sis à Differdange dans la Grand-rue no 23;
 - j. Premier avenant à la convention Karro relative à la mise à disposition de structures pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection nationale signées avec l'Office national de l'accueil (ONA);
 - k. Premier avenant à la convention de mise à disposition d'un local situé au 88 et 88a de la rue Principale à Lasauvage;
 - l. Avenant à la convention avec le Luxembourg Center for Circular Economy SÀRL-SIS en relation avec l'exposition temporaire The Mud.
- 5. **Règlements communaux :**
 - a. Modification du Règlement de circulation;
 - b. Règlements temporaires de circulation.
 - 6. **Commissions consultatives et groupes de travail :**
 - 7. **Modification des règles de fonctionnement de la cellule consultative du logement abordable ;**
 - 8. **Commissions consultatives — changements proposés.**

1. Communications

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengen- an dem Schäfferot, ech si frou, Iech haut um 7. Mee 2025 begreissen ze dierfen am Hall O fir eis Sitzung vum Gemengerot.

Den Här Ulveling léisst sech entschëllegen, deen am Numm vun der Gemeng am Ausland ass. D'Madamm Ceman huet d'Procuratioun.

Si Froen unzemellen? Eng Rei Froe si schrëftlech erakomm, ënner anerem, vun Déi Gréng vun Déifferdeng. Ausser där Fraktioun, si nach Froen unzemellen? Den Här Diderich, den Här Meisch, den Här Cillien, den Här Aguiar, d'Madamm Schütz, den Här Muller.

Da géife mer zum Punkt 1 vun eisem Ordre du jour kommen, de Kommunikatioun vum Schäfferot. Ech hätt Iech matzedeele, dass mer an der Nuecht vum 5. Abrëll op sonndes, de 6. Abrëll, géint 22:00 Auer, a Kenntnis gesat gi si vun engem Brand am Metzckimmert, bei der Vëllosschoul zu Déifferdeng. De Vëllosschapp stoung total a Flamen, ass quasi total ofgebrannt.

De CGDIS, d'Police, d'Permanence vum CGDIS Déifferdeng waren direkt op der Plaz. Ech hunn d'Confirmatioun kritt, dass keng Leit blesséiert gi sinn, mee dass mer en héije Materialschued hunn.

Fir en Iwwergräife vum Feier op de Bësch ze verhënneren, waren d'Pompjeeën iwwer d'Nuecht mat enger Brandwaach op der Plaz bliwwen. Moies ass d'Brandstell ofgeséichert ginn. Aus Sécherheetsgrënn ass den Zougang zu der Spillplaz zougemaach ginn, well do awer vill Brandreschter nach waren an nach deelweis Gefor bestoung.

D'Pompjeeën hu missen op der Plaz bleiwen, fir en Iwwergräife vum Feier ze verhënneren, well d'Gabarite ronderëm dee Vëllosschapp eng gewëssen Hëtzentwécklung haten, datt d'Feier ëmmer erëm opgelodert ass.

Vun der Säit vum Schäfferot ee grouse Merci un all déi Hëllef, déi mer dee Weekend kruten.

Sonndes moies sinn d'Réckstänn vum Brand ofgedroe ginn an esou virun, déi sinn a Container gemaach ginn, sinn op der EFCO stockéiert ginn, an nodeems d'Police hir Enquëten do fäerdeg ofgeschloss huet, ass alles fachgerecht eliminiéiert ginn.

Als Schäfferot gëtt sech Gedanke gemaach iwwer d'Zukunft vum Site en vue vun enger neier Benotzung fir eis Jugend. Dat wier et vu menger Säit.

Ech ginn d'Wuert weider un den Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Schéine gudde Moien och vu menger Säit un eis Nolauschterer.

Déifferdeng war net nëmmen als éischt Lëtzebuerger Gemeng 2018 European City of Sports, mir sinn an alle Beräicher am Sport gutt opgestallt. Net nëmmen punkto Infrastrukturen, och mat eisem Knowhow an eise Servicer versiche mer, wéi een esou schéi seet, ëmmer um Ball ze sinn.

Et géif elo ze wäit féieren, fir all déi verschidde Punkten opzezielen. Ech wollt Iech just iwwer ee weidere Pilotprojet zu Déifferdeng informéieren, deen um Woiwer wäert stattfannen.

De Sportsministère, zesumme mat sengem Sport-Institut INAPS, huet Déifferdeng erausgesicht fir de Projet SportKompas. Déi Sportsetüd an d'Orientatioun ass vun der Uni Gent an der Belsch entwéckelt ginn. Säit 2019 ass dat Flicht an de Schoulen a Flanderen, an dëst fir Kanner vun aacht bis zéng Joer.

Grosso modo geet et dorëms, d'Kanner ze identifizéieren an dann ze orientéieren an déi verschidde Sportsdisziplinen. 14 standardiséiert Motrizitéitstester an Zuele liwweren Erfahrungswäerter, déi kënne gebraucht ginn, fir d'Kanner passend zu hire Fäegkeeten ze beroden a se duerno an eng spezifesch Sportart ze orientéieren.

Gekoppelt un déi physesch Tester kréien d'Kanner een Online-Questionnaire auszufüllen. Déi Froen zilen dorop aus,

GUY ALTMEISCH (LSAP) ouvre la séance en accueillant les membres du conseil communal et du collège échevinal le 7 mai 2025 au Hall O d'Oberkorn. Il informe l'assemblée que monsieur Ulveling est absent, puisqu'il représente la commune à l'étranger, et qu'il a donné procuration à madame Ceman.

Plusieurs questions écrites sont parvenues, notamment de la part du groupe des Verts de Differdange. D'autres conseillers annoncent également des questions : messieurs Diderich, Meisch, Cillien, Aguiar, Muller et madame Schütz.

Le bourgmestre aborde ensuite les communications du collège échevinal. Il informe le conseil qu'un incendie s'est déclaré dans la nuit du 5 au 6 avril vers 22 h au local à vélos près de l'école de vélo de Differdange. Le hangar à vélos est complètement parti en flammes et est presque détruit. Le CGDIS, la police et la permanence du CGDIS Differdange se sont immédiatement rendus sur place. Il confirme qu'aucune personne n'a été blessée, mais que les dégâts matériels sont importants.

Pour éviter la propagation du feu vers la forêt, les pompiers sont restés sur place toute la nuit avec un camion-citerne. Le dimanche matin, le site de l'incendie a été sécurisé et l'accès à l'aire de jeux a été fermé par mesure de sécurité en raison des débris dangereux. Les pompiers ont dû rester sur place, car les matériaux autour du hangar à vélos conservaient une certaine chaleur et le feu se ravivait régulièrement.

Le bourgmestre adresse ses remerciements à tous les services d'aide intervenus ce weekend. Les débris ont été évacués et placés dans des conteneurs stockés chez EfcO, puis éliminés correctement après la clôture de l'enquête policière. Le collège échevinal réfléchit à l'avenir du site en vue d'une nouvelle utilisation pour la jeunesse.

THIERRY WAGNER (LSAP) prend ensuite la parole pour présenter le projet SportKompas. Il rappelle que Differdange a été la première commune luxembourgeoise désignée Ville européenne du sport en 2018 et qu'elle est bien équipée

2. Projets communaux

dans tous les domaines sportifs. Le ministère des Sports et son institut INAPS ont sélectionné Differdange pour ce projet pilote.

Cette étude sportive et d'orientation, développée par l'Université de Gand, est obligatoire dans les écoles flamandes depuis 2019 pour les enfants de huit à dix ans. Le projet vise à identifier et orienter les enfants vers différentes disciplines sportives. Quatorze tests de motricité standardisés fournissent des valeurs permettant de conseiller les enfants et de les orienter vers un sport spécifique adapté à leurs capacités. Un questionnaire en ligne complète les tests physiques pour détecter les souhaits et motivations des enfants.

Ce système permet de minimiser l'abandon sportif en aidant les enfants à découvrir un sport où ils peuvent connaître un certain succès dès le début grâce à leurs capacités. Les enseignants peuvent adapter leurs cours et travailler sur les points faibles des enfants grâce à l'application LTAD proposant divers modules d'entraînement. Les enfants et leurs parents reçoivent un rapport personnalisé avec une orientation non contraignante. Le projet pilote commencera le 6 juin 2025 au campus Woiwer avec six classes du cycle 3.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente quatre communications. Le 22 mars 2025, l'action de nettoyage de la forêt a connu un grand succès avec environ 150 participants.

Le 23 avril, une réunion citoyenne s'est tenue à Lasauvage pour discuter du concept de mobilité et des différents changements possibles.

Le 26 avril, un atelier sur l'énergie a rassemblé environ quarante participants dans une matinée riche en informations.

Enfin, l'étang du CTF Oberkorn d'environ deux ares situé sur le site Am Jommel a été achevé dans le cadre du programme annuel du Sicona.

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 2 de l'ordre du jour concernant divers projets communaux.

fir d'Wënsch an d'Motivatioun vun de Kanner ze detektéieren. Dëst ass och ee Moyer, den Drop-out am Sport ze minimiséieren, andeems d'Kanner eng Sportart entdecken, wou se duerch hir Fäegkeete vun Ufank un eng gewëss Reussite hunn.

Donieft kritt den Enseignant d'Méiglechkeet, säi Sportscours unzepassen an d'Schwaachpunkte bei de Kanner ze entdecken a mat Übunge konkret drun ze schaffen.

Do gëtt et d'LTAD App – Lëtzebuerg lieft Sport, wou eng Panoplie un diversifizéiert Trainings- a Beweegungsmoduller ugebuede ginn.

D'Kanner an hir Eltere kréien ee personaliséierte Rapport, an dëst och mat enger onverbindlecher Orientatioun. De Service des sports steet den Elteren zur Verfügung fir weider Infoen a Rensignementer.

Dëse Pilotprojet start de 6. Juni 2025 um Campus Woiwer, well mer do och eng gréisser Sportshal direkt dobäi hunn, mat sechs Klassen aus dem Cycle 3.

Et ass ee Projet, deem eventuell landeswäit ausgebaut ka ginn. Interessant fir eis wär et, dës Tester vu Joer zu Joer ze widderhuelen, fir Statistiken ze hunn an eng Évaluation à long terme ze realiséieren. Mee do si mer nach a Gespréicher mam Sportministère.

Merci. Fir all weider Info stinn ech zur Verfügung.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Och ech begrësse gäre jiddwereen heibannen, villmools merci, dass Der erëm alleguerten do sidd.

Ech géif ufänke mat der éischter Kommunikatioun. Den 22. März 2025 hate mer d'Bëschbotzaktioun, déi ee ganz groussen Erfolleg war, mat ëm déi

150 Participanten. Et hat eis gefreet, dass deen Dag esou flott ofgelaf ass. Et wär natierlech besser, esou eng Bëschbotzaktioun bräicht ee guer net ze organiséieren, well kee Knascht am Bësch léich. Mee esou laang dat net de Fall ass, wäerte mer dat natierlech och mat grousser Freed weidermaachen an eis Gedanke maachen, wéi mer et déi nächst Joren hikréien, fir vläicht nach méi Participantë fir déi Saach ze mobiliséieren.

Déi zweet Kommunikatioun. Den 23. Abrëll war zu Lasauvage eng Biergerversammlung. Zesumme mat de Lasauvager Bierger hate mer iwwer d'Mobilitéitskonzept oder déi verschidden Ännerungen an der Mobilitéit, déi ee kéint virhuelen, geschwat.

Mir soen ee grousser Merci un alleguerten déi Leit vu Lasauvage, déi do waren, fir matzediskutéieren. A fir déi flott Informatiounen an Doleancen, déi se eis mat op de Wee ginn hunn, fir Lasauvage op verschidde Plazen esou kënnen ze gestalten, datt et fir d'Bierger dann och besser gëtt.

Drëttens war de 26. Abrëll en Energie-Workshop. Mat ëm déi 40 Participanten, hate mer ee ganz flotte Moie mat ganz villen Informatiounen. Och den Dongle, ee Kaddo, deen d'Leit um Schluss kritt hunn, ass ganz gutt ukomm. Vu ville Bierger koum d'Nofro, fir sech esou een unzeleeën. Wat eis natierlech freet, datt d'Leit och an hirem Stot versichen, Energie anzespueuren.

Dann nach eng weider Informatioun: Um CTF Uewerkuer gouf de Weier fäerdeggestallt, ee Weier deen ongeféier zwee Ar huet. Dat ass um Site „Jommel“, fir déi, wou dat vläicht ee Begrëff ass. Hei gouf et fréier zwee Weieren, mee déi ware leider total zougewuess. Déi goufen elo fäerdeggestallt, dëst am Kader, wéi Der och matgestëmmt hat, vum Joresprogramm vum SICONA.

Villmools merci fir Är Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Mir kéimen zum Punkt 2 vum Ordre du jour, dat si

2. Projets communaux

verschiedde kommunal Projeten. Madamm Charlé, wannechgelift, fir eis déi virzestellen an déi néideg Explikatiounen ze ginn.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

De Punkt 2a) ass een Devis vun der Modernisatioun vum Éclairage, dem Wiesselen op LED. Deelweis muss dee ganze Mast ersat ginn, deelweis just de Kapp. Nieft dem Wiesselen vun den eenzele Luuchten, wäert dee ganze System moderniséiert ginn. Esou datt een d'Luucht kann upassen oder an de verschiddene Quartiere mol kéint ausoder uschalten, jee no Besoin.

Mir schwätze vu plus/minus 600 neien LED-Luuchten an de verschiddene Quartieren, zum Beispill an der Route de Longwy, enger Rei Stroossen am Zentrum, der Cité Mathendahl zu Nidderkuer, der Cité de la Chiers, an der Émgegend vun der Route de Sanem, enger Rei Stroossen am Quartier Nidderkuerer-Gare, der Cité Kauffmann zu Uewerkuer, der Rue Pierre Martin an der Rue St. Etienne an enger Rei Stroossen an dem Quartier Kazebësch.

Eng Zomm vu 633.000 Euro fir dës Upassungen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Froen oder Wuertmeldungen zu deem Punkt? Madamm Huberty.

CAROLINE HUBERTY (LSAP):

Gudde Moien, merci fir d'Wuert. Mir kënnen immens stolz drop sinn, datt Déifferdeng an deem europäesche Programm NetZeroCities matmécht.

Wat ech mech gefrot hunn, ass, ob de Staat och déi Virreiderroll, déi Déifferdeng hei spillt, honoréiert an dat finanziell ënnerstëtzt. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Gudde Moien alleguerten. Et ass wichteg, am Kader vun NetZeroCities – dat hei ass emol déi éischt Phas – d'Stroossebelichtung op LED ëmzestellen.

Ech hat nogefrot, et si 512 Luuchten, déi elo ersat ginn oder ëmgebaut ginn. Wou mer ongeféier bis 60 % Strom spueren kënnen. Dat ass schonn eng flott Saach. Et ass net geschenkt! Mee op laang Siicht wäerte mer déi Suen do iergendwéi schonn erëmgesinn.

Wat hei besser oder méiglech ass, dass mer nuets kënnen dimmen op Plazen, wou net esou vill Trafick ass, einfach vläicht déi eng oder déi aner ausschalten oder einfach dimmen. Mat deenen Technologie vum haut gëtt et vill Méiglechkeeten, fir do nach e bëssen ze spueren an trotzdeem awer d'Sécherheet ze behalen.

Dat war et vu menger Säit. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Gudde Moien. Merci, Här Buergermeeschter. Mir begrëssen an ënnerstëtzen dat doten.

Just eng kleng Fro: An der Rue des Lignes beispillsweis, an och erof an den Haneboesch, do si jo schonn där LED-Luuchten. Mee do sinn der e puer, déi si vu Camionen e bësse schif ëmgefuer ginn. Ech weess elo net, ob an deem Kader vläicht och dru geduecht gëtt, fir déi ze remplacieren oder, op d'mannst fir d'Stadbild, déi e bësse méi schéin erëm dohinner ze stellen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente le point 2a, qui concerne un devis pour la modernisation de l'éclairage public avec le passage aux DEL. Elle explique que certains mâts doivent être entièrement remplacés tandis que, pour d'autres, seule la tête de luminaire doit être changée. Au-delà du simple remplacement des luminaires individuels, c'est tout le système qui sera modernisé, permettant d'adapter l'éclairage ou de l'allumer et l'éteindre dans les différents quartiers selon les besoins.

Elle indique qu'il s'agit d'environ 600 nouveaux luminaires DEL répartis dans différents quartiers, dont la route de Longwy, plusieurs rues du centre-ville, la cité Mathendahl à Niederkorn et la cité de la Chiers, les environs de la route de Sanem et plusieurs rues du quartier de la gare de Niederkorn. Elle ajoute aussi les rues Pierre-Martin, Saint-Étienne et plusieurs rues du quartier Kazebësch. Le montant total pour ces adaptations s'élève à 633 000 €.

CAROLINE HUBERTY (LSAP) prend la parole pour exprimer la fierté de voir Differdange participer au programme européen NetZeroCities. Elle s'interroge sur le fait de savoir si l'État honore le rôle de pionnier que joue Differdange et s'il soutient financièrement cette initiative.

GUY TEMPELS (CSV) souligne l'importance de ce projet dans le cadre de NetZeroCities, précisant qu'il s'agit de la première phase de conversion de l'éclairage public aux DEL. Il indique avoir vérifié qu'il s'agit de 512 luminaires qui seront remplacés ou transformés, permettant d'économiser environ 60 % d'électricité. Il reconnaît que l'investissement est conséquent, mais considère qu'à long terme, ces dépenses seront rentabilisées. Il met en avant les possibilités offertes par cette technologie, notamment la capacité de diminuer l'intensité lumineuse la nuit dans les zones à faible trafic ou d'éteindre certains luminaires, tout en maintenant la sécurité.

ERIC CILLIEN (DP) exprime le soutien de son parti à ce projet. Il sou-

2. Projets communaux

lève une question pratique concernant la rue des Lignes et le Haneboesch, où des luminaires DEL existants ont été endommagés par des camions. Il demande si ce programme prévoit de les remplacer pour améliorer l'image de la ville.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient cette initiative d'économie d'énergie, essentielle pour atteindre les objectifs de réduction des émissions de CO₂ dans le cadre de NetZero-Cities. Il demande si la pollution lumineuse a été prise en compte dans cette acquisition et cette planification, notamment là, où il y a trop de lumière ou où l'éclairage est orienté de manière nuisible à la biodiversité et les insectes. Il insiste sur l'importance d'avoir de la lumière uniquement là, où c'est nécessaire, sans pour autant créer des zones sombres, où les habitants se sentiraient en insécurité.

ERNY MULLER (LSAP) apporte des précisions techniques. Il explique que le système de surveillance permettra de contrôler chaque luminaire individuellement ou par groupes. Il propose de toujours garder à l'esprit la sécurité et le confort des citoyens.

Il souligne que cette phase ne concerne que 500 luminaires sur 5300 au total, soit seulement 10 % du parc d'éclairage public. Avec un coût de 600 000 € pour 10 %, il calcule que le projet total représenterait six millions d'euros. Concernant la participation financière de l'État, il suggère de porter cette question au niveau des instances intercommunales comme Pro-Sud et le Syvicol pour faire pression sur les ministères. Il conclut en rappelant que si le retour sur investissement prend au moins dix ans, les bénéfices seront immédiats dès la mise en service.

Erny Muller pose deux questions à madame Charlé. Il souhaite d'abord connaître la durée prévue pour l'opération en cours et la date d'achèvement envisagée. Il exprime ensuite son soutien au projet qu'il qualifie de très bonne initiative.

Il soulève également la question des routes nationales gérées par l'Administration des ponts et chaussées, demandant quelle est leur position

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, als déi Lénk ënnerstëtze mir dës Initiativ, fir Stroum anzespueren, wat ganz wichteg ass an eisen Ziler fir CO₂-Emissiounen anzespueren, am Kader vun NetZeroCities.

Ech wollt froen, ob elo och profitéiert ginn ass heivunner, fir d'Liichtverschmutzung do, wou eeben ze vill Luucht deelweis ass oder d'Luucht esou ausgeriicht ass, dass et fir d'Biodiversitéit an och fir d'Insekte schiedlech ass, ze consideréiere bei dëser Acquisitioun a bei der Planung. Soudass een, en effet, d'Luucht just do huet a benotzt, wou et wichteg ass – natierlech do, wou se och wierklech wichteg ass, also net, dass et op eemol iwwerall däischter ass an d'Leit sech onsécher spieren. Dat heescht, do si jo verschidde Parametere, déi ze consideréiere sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Erlaabt mer ee Wuert dozou ze soen als LSAP-Fraktioun. D'Madamm Huberty huet déi ganz Saach scho begréisst, dat ënnerstëtze mer selbstverständlech.

Awer ech hunn nach e puer Saachen zousätzlech, an zwar technesch Saachen. Do ass emol, dass mer kënnen iwwer e Monitoring alles domadder maachen. Den Här Diderich hat jo elo déi Fro gestallt. Dat heescht, all Luucht ass individuell eenzel bedéngbar, eenzel oder iwwer Gruppen an esou weider. Iwwer e Monitoring, wéi gesot, kann een alles maache wat ee wëll.

Meng Propositoun, och an déi Richtung, ass, dass mer ëmmer d'Sécherheet vun de Leit, vun de Bierger, an de Confort an d'Biergerfrëndlechkeet a virun allem d'Sécherheet am A behalen. Dat ass emol dat Éischt. Mee de System ass jo esou perfekt, dass en dat alles opléisst.

Zum Käschtepunkt. Dës Kéier sinn et ronn 500 Luuchten, wou de Liichtkierper an der Haaptsaach nëmmen ersat gëtt. Wann de Rescht, de Mast, alles an der Rei ass, gëtt en net ersat. Da bleift dee bestoende Mast, wat jo och gutt ass.

Mee et sinn der 500 vu 5.300! Dat heescht: Mir maachen elo 10 %. An déi 10 % kaschte 600.000 Euro. Ech mengen, do hu mer jo séier gerechent, wéi vill 100 % sinn. Dat sinn da sechs Milliounen Euro, déi mer do mussen investéieren an déi ganz Aktioun.

Da gouf d'Fro gestallt: Wéi ass d'Participatioun vum Staat? Ech mengen, do musse mer kucken. Dat gëllt net nëmme fir déi hei Aktioun, dat gëllt fir all déi Mesurë vun NetZeroCities. Och déi, déi mer duerno nach beschwätzen, déi och nach eng Partie Geld kaschten, vu Photovoltaik, vun Chargy-Systemer an esou weider.

Ech mengen, mir hu jo Verrieder am Pro-Sud fir d'Südgemengen an och am Syvicol, do musse mer dat Theema op deen Niveau bréngen. Ech weess, dass eis Gemeng, de Schäfferot, schonn Demarchë gemaach huet bei d'Ministèren, mee anscheinend si mer do nach net op dat richtegt Ouer gestouss. Bis elo ass nach keng Propositoun komm.

An ech mengen, dat ass och eng Propositoun, déi muss kommen am Kader vum gesamte Land, oder op jidde Fall um Plang vun alle Gemengen. Do muss e bësse méi Drock gemaach ginn. Do hu mer jo och déi richteg Verrieder an deene Gremien, dass mer dat kënnen op deen Niveau bréngen an dann och virufueren.

Zum neie System, dat ass jo och eppes, wat mer nei hunn, wou mer kënnen all déi Installatiounen iwwer e Monitoring individuell kucken herno an iwwerwaachen, och d'Consummatioun an esou weider.

Dir hutt gesot, mir kréien déi Suen eventuell eng Kéier erëm. Mee Dir musst awer rechnen, dass dat een Zäitraum ass vun zéng Joer mindestens. Soudass mer awer op laang Siicht investéieren. Mee et ass awer direkt een Notzen do, well mer ab deem Moment, wou et fäerdeg ass, dervu profitéiere kënnen.

2. Projets communaux

D'Madamm Charlé wollt ech froen, wéi laang déi Operatioun do dauert, bis dat fäerdeg ass. Den Zäitraum, wéini Der gedenkt, dat fäerdeggestallt ze hunn.

Et ass eng ganz gutt Saach. Ech géif mer och wënschen – nach ee Punkt, dat ass dee vu Ponts et chaussées. Mir hunn och eng Partie Staatsstroossen. Wéi steet Ponts et chaussées dozou, fir och op hire Stroossen, wou si da Responsabilitéit hunn, dat selwecht ze maachen, wat mir elo hei um Niveau vun der Gemeng maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moie vun der grénger Fraktioun. Mir begrëssen dëse Projet, well et an déi richteg Richtung geet. Och begrësse mer déi zousätzlech Informatiounen vum Här Muller, déi dat Ganzt weider beliicht hunn. Mir si ganz gespaant op d'Äntwerte vun de Froen, déi gestallt gi sinn. Dat war et vun eiser Säit. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi interessant Bemierkungen. D'Wuert geet zréck un d'Madamm Charlé, fir eis e puer Erklärungen ze ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Ech versichen, op déi verschidde Sachen anzegoen.

Déi éischt Fro, vum Här Cillien, wéi et ass mat deene Luuchten, déi et schonn duerch d'Gemeng gëtt, déi futti sinn, déi elo net mat hei opgeléicht ginn. Natierlech kritt een net ëmmer mat, wa mol Luuchten dorëmmer futti sinn, well vläicht zum Beispill ee Camion derwidder rennt oder esou. Dofir géif ech gären een Opruff maachen: Wann Der Plaze kennt, wou Iech opfält, datt d'Luuchten offensichtlech net ersat

ginn, da kënnt Der Iech ëmmer ganz gäre mellen. Datt mer déi mat op d'Léicht huele kënnen. An dësem Devis sinn déi elo net mat dran.

Den Här Diderich iwwer d'Liichtverschmutzung. Aktuell si mer amgaangen, ee ganzt Konzept opzestellen, wat natierlech ugepasst ass un de Klimapakt, un den Naturpakt an och un NetZeroCities. Dat brauch e bëssen. Well wann een déi Konzepter schreift, mussen déi op déi dräi verschidde Projeten eebe passen. Mee et ass awer ganz kloer, datt dës Luuchten hei schonn dozou bäidroen an een éischte Schratt sinn, fir deem méi nozekommen.

Den Här Muller huet gesot, dat si vläicht 10 %, wat mer elo hei maachen, mee mir fänken alt schonn un. Déi nächst Jore si weider Budgetsposte virgesinn, fir déi no an no ze ersetzen.

D'Madamm Huberty hat eng Fro gestallt, wat d'Ënnerstëtzung säitens dem Ministère ugeet. Am Januar hate mer een Zesummekomme mam Ëmweltminister, wat ganz positiv war. Wou eis verschidde Saache gesot goufen, déi am Laf vun dësem Joer eventuell nach sollen ëmgesat ginn. Kloer war awer, datt fir dës éischt Bestellung vun dëse 512 Luuchten, dëst nach net wäert kënnen op de Bee stoen, an dass mer och warscheinlech heifir réckwierkend keng Subside wäerte kréien. Wichtig ass, dass een einfach emol ukënnt.

Bis ewell hu mer nach keng weider Informatiounen kritt säitens dem Ministère, mee mir freeën eis awer, deemnächst do eppes ze héieren. Beim Zesummekommen elo am Mee mam Minister, also Enn dës Mounts, wäerte mer nach eng Kéier nofroen an e bëssi Drock maachen. Ech mengen, dat ass eis ganz, ganz wichtig, dass mer do déi néideg Ënnerstëtzung kréien.

Wat d'Fro ugeet, wéi et mat de Staatsstroossen ass, do hu mir aktuell keng Nouvelles, datt esou eppes geplangt ass. Ech ginn awer dovunner aus, datt och Ponts et chaussées à long terme muss virgesinn, fir dës Liichtposten ze ersetzen. Ech mengen, do komme si och net dolaanscht. Zemoools wann ugefaange gëtt, d'Gemengen ze ënnerstëtze mat Subsidien, ginn ech dovunner aus, dass si och wäerten op de Wee goen, fir dës Posten unzepassen.

concernant l'application de mesures similaires sur les routes dont ils ont la responsabilité, à l'image de ce que fait actuellement la commune.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *salue l'assemblée et exprime le soutien de son groupe au projet, estimant qu'il va dans la bonne direction. Elle apprécie les informations supplémentaires fournies par monsieur Muller, qui éclairent davantage le sujet. Le groupe vert attend avec intérêt les réponses aux questions posées.*

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *répond aux différentes questions soulevées. Concernant la première question de monsieur Cillien sur les lampadaires défectueux dans la commune, elle reconnaît qu'on ne remarque pas toujours immédiatement les lampadaires endommagés, par exemple à la suite d'une collision avec un camion. Elle lance un appel aux citoyens pour signaler les endroits où des lampadaires ne sont manifestement pas remplacés, afin de les inclure dans la liste. Elle précise que ces cas ne sont pas actuellement inclus dans le devis présent.*

Répondant à monsieur Diderich sur la pollution lumineuse, elle indique qu'un concept global est en cours d'élaboration, adapté au Pacte climat, au Pacte nature et à NetZeroCities. Ce travail prend du temps, car les concepts doivent correspondre aux trois projets. Elle affirme néanmoins que les nouveaux lampadaires contribuent déjà à cet objectif et constituent une première étape.

Concernant l'observation de monsieur Muller estimant que cela représente environ 10 % du travail total, elle confirme que des postes budgétaires sont prévus pour les années suivantes afin de remplacer progressivement l'éclairage.

Pour répondre à la question de madame Huberty sur le soutien ministériel, elle rapporte qu'une réunion positive a eu lieu en janvier avec le ministre de l'Environnement. Plusieurs mesures devraient être mises en œuvre cette année, mais pour cette première commande de 512 lampadaires, aucune subvention rétroactive n'est attendue. Elle

2. Projets communaux

souligne l'importance de commencer. Aucune nouvelle information n'a été reçue du ministère, mais une relance est prévue lors de la prochaine rencontre avec le ministre fin mai.

Concernant les routes nationales, aucune information n'indique qu'un projet similaire est planifié par l'Administration des ponts et chaussées. Elle suppose cependant qu'à long terme, ils devront également prévoir le remplacement de ces éclairages, surtout si les communes commencent à recevoir des subsides.

Quant au délai d'achèvement, les travaux devraient être terminés fin de l'hiver, tout devant être réalisé cette année. Elle estime que les 512 points lumineux seront opérationnels en novembre avec le nouveau système complet.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute que cette démarche est également motivée par l'impossibilité de trouver des pièces de rechange pour les installations actuelles, la technologie étant obsolète et abandonnée par l'industrie. Il mentionne des problèmes similaires dans les halls sportifs, où d'autres types d'éclairage doivent être utilisés.

Il propose ensuite de voter en bloc sur les points liés à NetZeroCities, mais après discussion avec madame Pregno sur la clarification des points concernés, il est décidé de voter séparément sur chaque point.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) constate que des votes séparés créeraient du désordre.

Guy Altmeisch (LSAP) indique qu'ils s'assurent ainsi de n'oublier personne et de ne pas voter deux fois. Il propose de passer au vote du point 2a.
(Vote)

D'Fro wéini dëst sollt fäerdeggestallt sinn, déi sollte bis Enn vum Wanter fäerdeggestallt sinn. Also alles gëtt nach dëst Joer gemaach. Mir schätzen, datt am November alleguerten déi 512 Liichtpunkte funktionell si mam neie System, also net nëmmen d'Luuchten, mee dee ganze System, deen dann dohannerstécht.

Ech hoffen, ech hunn näischt vergiess. Wann dach, da maacht mech drop opmierksam.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wëll nach zousätzlech soen, wat eis zu deem Schratt do och beweegt huet, dat ass, well mer fir eis Anlagen einfach keng Ersatzstécker méi kréien, well dat vereelt ass. Well déi Technik net méi vun der Industrie virugefouert gëtt, an dass mer noutgedrongen op een anere Wee musse goen, aus deenen Ursachen, déi d'Madamm Charlé elo ginn huet.

An dat anert nach als Zousaz: Et si vill Saachen, déi mer net méi remplaceiert kréien, mer kee Remplacementsmaterial méi kréien. Mir stellen dat och fest an de Sportshalen, wou zum Beispill aner Luuchten da musse gebraucht ginn an esou virun. Dat ass och eng vun den Ursachen, firwat mer mussen ëmdenken. Also eng weider Ursach, fir op dee Wee do ze goen.

Da géif ech proposéieren, dass mer alleguer déi Punkten, déi mer elo am Rahme vun NetZeroCities beschwätzen, wa mer weider keng grouss Opposition mieren, herno en bloc ofstëmmen. Wann net, da géife mer se eenzel ofstëmmen.

Ech géif dann d'Wuert nach eng Kéier ginn un d'Madamm Charlé, fir op de Punkt 2b) anzegoen. An, wéi gesot, herno, wa mer fäerdeg si mat all deene Punkten, da géif ech Iech déi Fro nach eng Kéier stellen, ob mer eenzel oder en bloc driwwer ofstëmmen.

Jo, Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Kéint Der just, wannechgelift, preziséieren, wéi eng Punkten Dir elo wëllt zesummenhuelen? Wëllt Der se all zesummenhuelen? Et geet jo net nëmmen ëm NetZeroCities an deem Punkt 2.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, et ass den 2a), den 2b), den 2c) an den 2d).

An dat anert géif ech Iech da presentéieren, dat ass den Devis final, d'final Rechnung vun der Bouwe-schoul. Déi géife mer separat ofstëmmen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

An den 2e)?

(Diskussionen)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

A, den 2b) ass net dran.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Vläicht ass et besser, mir huele se eenzel. Well ech gesinn, dass et schonn e bëssen en Duercherneen ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, da kommt, mir huele se eenzel. Da si mer och sécher, dass mer kee vergiess hunn oder keen zweemol ofstëmmen.

Okay. Da géife mer zur Ofstëmmung komme vum Punkt 2a).

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pourtant sur la modernisation de l'éclairage public (DEL) dans le cadre de NetZeroCity.

2. Projets communaux

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 2b). Dat betrëfft den ancien Terrain AS. Do géif ech nach eng Kéier d'Wuert ginn un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Hei schwätze mer vun engem Devis vu 40.000 Euro fir eng Pergola, also engem Iwwerdaach vun der Pétanquespist um AS-Terrain. Den Devis beinhalt d'Viraarbechten, d'Opriichten an d'Sécherheetsaarbechte vum Iwwerdaach, deem installéiert gëtt.

No dësen Aarbechten, gëtt analyséiert, wéi et op deenen anere Petanquespisten ass. Deemno wärend dës Plazen dat kommend Joer eventuell virgesinn, fir och iwwerdeckt ze ginn.

Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen? Den Här Olten.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Ech si schonn e puermol op Déifferdeng, also op de Fousbann, spille gaangen. Effektiv, wann d'Sonn richtig do eraknallt, dann ass et ganz sauer, fir do ze spillen. Souguer Pétanque. Dat mécht Sënn, dass do eng Pergola hikennt. Et wär och flott, wann eng géif op Nidderkuer kommen, well do gi mer och heiansdo spillen. Ech mengen, d'Fräizäitangebot an der Gemeng ass ni grouss genuch, dat bréngt d'Leit jo och zesummen. Dat ass op jidde Fall eng gutt Saach. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Här Aguiar.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Mir begrëssen déi Initiativ. Mir fanne se wierklech ganz gutt a wëllen Iech och felicitéieren.

Mir hu just zwou kleng Froen: Firwat den Terrain um Park AS-Terrain an net een aneren? Hutt Dir eng Strategie globale, fir all Terrain pétanque respektiv multisport mat engem Iwwerdaach ze ekipéieren? Ech soen Iech villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Och vun déi Léng aus ënnerstëtze mer dat doten. Et ass ganz wichteg, Plazen an enger Gemeng ze hunn, wou Leit zesummekommen, fir zesummen enger Aktivitéit nozegoen.

Mir hunn e Gemengepakt zum interkulturellen Zesummeliewen ënnerschriwwen. Do sinn esou Plazen och ganz wichteg, dass et déi gëtt. An dass ee sech net nëmme flüchteg begéint an enger Stad, mee eeben och Zäit zesumme verbréngt.

A Pétanque ass souzesoen en interkulturelle Sport, well do kann ee ganz einfach zesummekommen. Dat ass eng Traditioun op ville Plazen, an zu Lëtzebuerg eeben och. An och bei eis an der Gemeng. A mir hu jo och – dat wësse vläicht vill Leit net – zu Lasauvage ee Boulistclub, wou eng Indoorpist och ass, wat een och méi kéint promouvéieren. Ech mengen, dat ass ville Leit net esou richtig bekannt.

Mee wann een do e puer Gruppen huet, déi reegelméisseg zesumme spillen, da kéint ee sech och vläicht iwwerleeën, do heiansdo eppes ze organiséieren, fir déi organiséiert an déi net organiséiert zesummenzebréngen. Ech mengen, dat kéint eppes Flottes ginn.

Natierlech, wann een elo méi Geleeënheeten huet, fir esou Plaze besser ze amenagéieren – ech mengen, deen Terrain hei um alen AS-Terrain, wann ech mech richtig erënneren, hu si jo Zougang zu der Toilette vum Jugendhaus, wa Leit do sinn. Et wär op jidde Fall wichteg, dass dat de Fall ass. Well dat war am Parc de la Chiers, zum Beispill, eng Demande an och ee Probleem, dass do einfach dann näischt war, wou ee

GUY ALTMEISCH aborde le point 2b concernant l'ancien terrain de l'AS.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente un devis de 40 000 € pour l'installation d'une pergola, soit une toiture couvrant la piste de pétanque sur le terrain de l'AS. Ce devis comprend les travaux préparatoires, le montage et les travaux de sécurité pour cette installation. Elle précise qu'après ces travaux, une analyse sera effectuée sur les autres pistes de pétanque de la commune, et que ces emplacements pourraient éventuellement être couverts l'année suivante.

CLAUDE OLTEN (CSV) partage son expérience personnelle, expliquant qu'il est allé plusieurs fois jouer à Differdange sur le terrain de football et que, lorsque le soleil tape fort, il devient très difficile d'y jouer, même à la pétanque. Il trouve donc judicieux d'installer cette pergola et suggère qu'il serait également intéressant d'en installer une à Niederkorn, où il va parfois jouer. Il estime que l'offre de loisirs dans la commune n'est jamais assez importante, car elle permet de rassembler les citoyens. Il considère que c'est une excellente initiative.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) félicite cette initiative qu'il trouve excellente. Il pose deux questions : pourquoi avoir choisi le terrain du parc AS plutôt qu'un autre, et s'il existe une stratégie globale pour équiper tous les terrains de pétanque ou multisports d'une toiture.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient également ce projet. Il souligne l'importance d'avoir dans une commune des espaces où les gens peuvent se rassembler pour pratiquer une activité commune. Il rappelle que la commune a signé un pacte communal pour le vivre-ensemble interculturel, et que de tels espaces sont essentiels pour permettre aux citoyens de passer du temps ensemble plutôt que de se croiser fugacement. Il présente la pétanque comme un sport interculturel, qui permet de se rassembler facilement, étant une tradition au Luxembourg et dans la commune. Il mentionne l'existence d'un club

2. Projets communaux

de boules à Lasauvage avec une piste intérieure, peu connue du public, et suggère d'organiser des événements pour réunir des joueurs organisés et non organisés.

Il souligne l'importance de prévoir des toilettes accessibles, citant le problème rencontré au parc de la Chiers, pour que ces espaces soient vraiment accessibles à toutes les générations.

ERNY MULLER (LSAP) exprime le fort soutien de son parti. Il révèle qu'il a participé à la planification du projet et que cette réalisation concrétise une promesse faite aux citoyens. Il trouve pertinent d'offrir une protection contre le soleil et la pluie.

Il se réjouit d'entendre que les autres sites seront analysés pour d'éventuelles améliorations, car ces activités de loisirs permettent aux gens de se rencontrer, particulièrement les retraités, mais pas exclusivement.

FRANÇOIS MEISCH (DP) approuve la valorisation de ces espaces et encourage la réflexion sur d'autres sites concernant les toilettes.

Il signale un problème au parc de la Chiers, où les poubelles débordent régulièrement, transformant le terrain de pétanque en véritable dépôt, et demande une surveillance plus fréquente.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) reprend la parole pour répondre aux questions. Concernant le choix du terrain AS, elle explique qu'il faut bien commencer quelque part et que ce terrain a été choisi, car il est complètement dégagé, sans bâtiment ni mur à proximité pour offrir de l'ombre, contrairement aux autres terrains. Les utilisateurs confirment qu'il fait vraiment très chaud et que beaucoup refusent d'y jouer en été à cause de la chaleur excessive.

Zenia Charlé explique qu'initialement, une toiture était prévue, mais qu'elle n'a pas été réalisée directement. Elle souligne l'importance de cet endroit, car c'est un très beau parc fréquenté par beaucoup de gens, mais peu de personnes jouent à la pétanque, car elles sont exposées à la pluie, au soleil et à tous les

konnt higoen. A fir dass dat awer och fir all Generatioun wierklech eng Optioun ass, muss een och esou Saachen aplangen. Dofir mécht et absolutt Sënn, dat hei ze maachen.

Ech weess net genee, wéi et zu Nidderkuer ass, ob do eng Toilette an der Géigend ass. Mee op deene Plaze mécht et op jidde Fall Sënn, dat weider ausbauen. Dat sinn net déi grouss Investments, mee déi bréngen awer laangfristeg eppes fir d'Liewensqualitéit. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

D'LSAP begréisst dat ganz staark, wéi dat Ganzt geplangt war. Do hat ech meng Fangen e bësse mat am Spill, do hate mer de Leit dat versprach. Mir léisen also eist Versprieche an.

Et mécht Sënn, well et ass souwuel Sonne- wéi Reeschutz, wa kuerzzäiteg emol eng Schauer erofkomme sollt, wa se amgaange sinn um Bullenterrain. Sou dass dat absolutt Sënn mécht.

Ech si frou, haut héieren ze hunn, dass déi aner Plazen, wou esou Aktivitéite sinn, och gekuckt ginn an eventuell Verbesserungen an déi Richtung gemaach ginn. Well ech sinn och der Meinung, dass déi Aktivitéit do, de Loisir, dass dat eng ass, wou d'Leit sech kënnen treffen. Haaptsächlech sinn et Leit, déi e bësse méi Zäit hunn, déi schonn a Pensioun sinn, mee och anerer.

Mir si ganz d'accord mat deenen Initiativen, deene Méiglechkeeten, déi schonn hei erwänt gi si vun anere Virriedner, fir dat nach méi attraktiv ze maachen an auszedeeenen, sou Fräizäitaktivitéiten um Niveau vun eiser Gemeng. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert. Och schéine gudde Moie vu menger Säit. Mir begréissen et, wann esou Plaze wéi déi doten opgewäert ginn. An et ass schonn ugeklongen, dat soll dann och op anere Plazen eventuell weider geduecht ginn, Thema Toilette an esou weider.

Eng kleng Remark dozou: De Parc de la Chiers als Beispill geholl, do sinn d'Poubellen, déi reegelméisseg total iwwerquellen. Dat ass ee richtegen Dreckseck ginn, dee Petanquesterrain. Do misst vill méi oft duerno gekuckt ginn. Als keng Notiz. Da kann een dat vläicht direkt weiderginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Keng weider Wuertmeldung. Ech ginn d'Wuert zrëck un d'Madamm Charlé.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech géif versichen, op alles anzegoen. Mee och hei erëm: Wann ech eppes sollt vergiess hunn, sot Der mer Bescheed.

Déi éischt Fro war: Wisou den AS-Terrain? Wéisou net enzwousch anescht? Ech mengen, et muss een ëmmer iergendwou ufänken. Et ass ëmmer eppes de Start. Fir eis war dat elo den AS-Terrain. Einfach, vläicht och mam Hannergedanken, datt dat ee vun deenen Terrainen ass, dee komplett fräi ronderëm ass, wou d'Sonn wierklech richtig schléit.

Wann een elo déi aner Terrainen am Kapp huet, do ass ëmmer iergendwéi niewendrun ee Gebai, eng Mauer eppes, wat e bësse schützt, wou ee sech awer e bësse kann an de Schiet stellen. Dat ass elo hei wierklech guer net ginn. Also et ass wierklech scho richtig waarm. Et sinn och vill Leit, déi effektiv soen: „Ech ginn dach net dohinner spilen am Summer, dat packs de net“.

Ursprénglech war dat jo och matgeplangt, ass duerno net direkt realiséiert ginn. An et ass awer wichteg op dëser Plaz. Well et ass wierklech ee ganz, ganz flotte Park an et si richtig vill Leit do,

2. Projets communaux

mee Petanque spille wéineg Leit do, einfach well se dem Reen, der Sonn an allem Méiglechem ausgesat sinn. Esou datt mer dann do ufänken.

Dem Här Diderich seng Fro mat den Toiletten. Während den Éffnungszäiten, wann niewendrun op ass, kënnen d'Leit natierlech déi Toilettë benotzen. Mir sinn eis allegueren eens, datt op deenen anere Plazen, haaptsächlech am Parc de la Chiers, dass do och eppes an deem Sënn muss geschéien, net nëmmen den Iwwerdaach a soss Upassunge ronderëm d'Pist, mee awer och déi Toilettëfro iergendwéi ze léisen. Dat ass nämlech do wierklech net ganz evident.

Och wat den Här Meisch gesot hat, wat d'Propretéit ugeet, dat ass ee Site, wou immens vill Betrib ass, vill méi Leit sinn, vill méi Jugendlecher, wéinst de Schoulen an awer och wéinst dem Opkorn, an d'Bierger dëse Park notzen. Wat mat sech bréngt, dass méi Knascht produzéiert gëtt. Mir wäerten deem nächst méi Dreckschëschtchen opstellen.

De Problem war e bëssen, datt wann ee gréisser Dreckschëschtchen mécht, d'Leit da Saachen drageheien, hiren Hausmüll drageheien, a mer no enger Léisung sichen, datt dat dann net eskaléiert, datt d'Leit do Deponië vun hirem Hausmüll maachen. Mee mir wäerten eis deem unhuelen.

De Veräin zu Lasauvage gouf ugeschwat. Heiriwwer si mer och ganz frou, déi si ganz aktiv, hunn och ganz vill jonk nei Membere bäikritt, dat hu se eis nach den 1. Mee matgedeelt. An datt si verschidden Organisatiounen an Tournoien hunn, och op Nationalfeierdag zum Beispill hire groussen Tournoi organiséieren.

Mir si ganz frou, wa mer Organisatiounen vun der Gemeng zu Lasauvage hunn, datt si och ëmmer gäre bereet sinn, ee Stand ze maachen an esou weider. Et ass wierklech ee ganz aktive Veräin.

Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci. Ech wollt dobäihaken, dass mer zu Lasauvage den Terrain frësch gemaach hu beim Club. Dat heescht och indoor, deen hu mer och renovéiert. Dass do wierklech och gutt Kompetitioun ka gespillt ginn. Dorëms geet et jo. Et ass ee Veräin, dee Kompetitioun spillt. An da musse mir derfir suergen, dass dat och klappt.

An da wollt ech nach eppes soen zum Parc de la Chiers, déi Geschicht mat där Pergola, déi ass awer och scho relativ al. Ëmmerhi sechs, siwe Joer gëtt dovu geschwat. Déi viereg Koalitioun huet och ëmmer erëm dervu geschwat, et ass awer net gemaach ginn. A mir fänken elo um AS-Terrain un a wäerten d'nächst Joer kucken, dass mer dat am Parc de la Chiers och realiséieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Mir kommen zum Vott vum Punkt 2b).

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis de mise en place d'une toiture sur le terrain de pétanque du parc Terrain-AS.

Ech soen Iech Merci. Punkt 2c), erneierbar Energien. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Et geet ëm PV-Anlagen, déi op de Parking bei der Woier Schoul installéiert ginn. Fir d'éischt mussen awer zwee Posten ugepasst ginn, respektiv erneiert ginn, well déi aktuell Uschlëss esou eng Installatioun nach net zouloossen. Hei schwätze mer vu 45.000 Euro.

Weider 120.000 Euro si virgesi fir all d'Génie-civile-Aarbechten um Parking Gansen als Virbereedung, esou datt Ombriëren och hei am Nachhinein kënnen installéiert ginn. Zum Beispill

éléments possibles. C'est pourquoi ils commencent là.

Concernant la question de monsieur Diderich sur les toilettes, pendant les heures d'ouverture, quand c'est ouvert à côté, les gens peuvent naturellement utiliser ces toilettes. Tous sont d'accord pour que quelque chose soit fait ailleurs, principalement au parc de la Chiers. Cela comprend l'abri et d'autres adaptations autour de la piste, ainsi que la question des toilettes, qui est réellement problématique.

Concernant ce que monsieur Meisch a dit sur la propreté, c'est un site où il y a énormément d'activité à cause des écoles et aussi à cause de l'augmentation de l'utilisation du parc par les citoyens, ce qui entraîne plus de déchets produits. Ils vont prochainement installer plus de poubelles. Le problème est que quand on installe des poubelles plus grandes, les gens y jettent leurs ordures ménagères. La commune cherche une solution.

Le club de Lasauvage a été mentionné. Ils sont contents qu'il soit très actif, qu'il ait gagné beaucoup de nouveaux membres et qu'ils aient différents organisations et tournois.

THIERRY WAGNER (LSAP) ajoute qu'à Lasauvage, ils ont refait le terrain du club, y compris l'indoor, pour que des compétitions puissent y être tenues. Il s'agit d'un club qui joue en compétition et ils doivent veiller à ce que cela fonctionne.

Concernant le parc de la Chiers et l'histoire de la pergola, le problème est relativement ancien. On en parle depuis six ou sept ans. La coalition précédente en a toujours parlé, mais n'a rien fait. Le collège échevinal commence par le terrain AS et poursuivra l'année prochaine avec le parc de la Chiers.

(Vote)

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente ensuite les installations photovoltaïques sur le parking de l'école Woier. Deux postes doivent d'abord être adaptés ou renouvelés, car les raccordements actuels ne permettent pas encore une telle installation, coûtant 45 000 €. Cent-vingt-mille euros sont prévus pour

2. Projets communaux

les travaux de génie civil sur le parking Pierre-Gansen et les préparations. Un devis total de 210 000 €.

(Vote)
Zenja Charlé passe à l'installation de bornes électriques sur le site de l'école Fousbann et du parking au 1535° nécessitant le renouvellement des postes de transformation électrique. Des travaux préparatoires doivent être effectués pour que la société Bestcharge puisse raccorder et installer les stations de recharge. Elle demande d'approuver ce devis de 140 000 €.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande comment cela est géré, s'ils reçoivent une subvention de l'État ou quelque chose de la société.

CAROLINE HUBERTY (LSAP) souligne que l'électromobilité est l'avenir et demande combien de stations de recharge s'ajoutent.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond qu'il y aura 17 stations de charge rapide additionnelles, soit 34 prises au total, ainsi que 2 bornes normales, ce qui représente 4 connexions supplémentaires, pour un total de 38. Zenia Charlé répond à la question de monsieur Diderich concernant la gestion des installations. Elle explique que la société Bestcharge prend en charge le paiement de son raccordement. L'entreprise a ses bornes installées avec les connexions, et elle paie la ligne jusqu'à la station communale. Cela signifie qu'elle s'occupe entièrement des travaux, y compris le creusement des tranchées, la pose des câbles et le raccordement aux installations communales. Aucun cout n'incombe donc à la commune pour ces travaux.

Elle précise cependant que les stations communales doivent être adaptées. Par exemple, sur le site du 1535°, elle mentionne qu'il est prévu à long terme de refaire le toit pour permettre l'installation de panneaux photovoltaïques. Pour rendre cela possible, l'installation électrique doit être adaptée. Il s'agit en fait d'un travail préparatoire pour le moment où une installation photovoltaïque complète sera mise en place. Elle explique qu'ailleurs, de petites adaptations

muss do eng Ramp ewechgeholl ginn, fir dat do ze erméiglechen.

Am Total hu mer hei en Devis vun 210.000 Euro fir déi zwou Saachen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé? Gëtt et Wuertmeldungen oder Froen zu deem Punkt? Mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis portant sur l'installation d'ombrières photovoltaïques sur les parkings publics.

Ech soen Iech Merci. Punkt 2d), Elektromobilitéit. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Fir d'Installatioun vun Elektrobornen um Site vun der Fousbanner Schoul an um Site vum Parking am 1535° ze erméiglechen, müssen déi elektresch Transformationsposten erneiert ginn. Et musse Virbereedungsarbechte gemaach ginn, fir datt d'Firma BESTCHARGE d'Luedestatiounen uschléissen an installéiere kann.

Ech géif Iech deemno bieten, dësen Devis vun 140.000 Euro matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Prinzipiell begrësse mir dat natierlech. Ech wollt just nofroen, wéi dat gehandhaabt gëtt. Mir maachen elo d'Investitioun, an herno ass et jo eng Firma, déi am Fong do de Stroum verkeeft. Kréie mir do iergendee Subsid vum Staat? Kréie mir do iergendeppes vun där Fir-

ma? Oder ass dat Ganzt à notre charge an do gëtt et keng aner Méiglechkeet?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Madamm Huberty, wannechgelift.

CAROLINE HUBERTY (LSAP):

Merci fir d'Wuert. D'Elektromobilitéit ass d'Zukunft. Ee Schwaachpunkt fir vill Leit ass am Moment nach, dass se fäerten, dass ze wéineg Luedestatiounen disponibel sinn. Wéi vill Luedestatiounen kommen dobäi? Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Huberty. Nach eng Wuertmeldung? Da géif ech d'Wuert un d'Madamm Charlé zrëckginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci, Här Altmeisch, fir d'Wuert. Ech äntwerte fir d'Éischt der Madamm Huberty. Déi Fro ass e bësse méi séier beäntwert.

Et wäerte 17 weider Schnelllade-Statiounen bäikommen. Dat heescht, dat sinn am Ganze 34 Uschlëss.

An dann nach zwou normal Bornen, dat heescht nach eng Kéier véier Uschlëss. Dat sinn am Ganzen 38, déi mer wäerte bäikréien.

D'Fro vum Här Diderich, déi Fro hat ech mer am Ufank och gestallt, wéi dat gehandhaabt gëtt. Et ass am Fong esou: D'Firma BESTCHARGE bezilt am Fong hiren Uschloss. Also si hu jo déi Këscht do stoe mat den Uschlëss. Si bezuelen d'Leitung bis bei eis Statioun. Dat heescht, si këmmere sech ganz ëm déi Aarbecht, och e Gruet zéien, dat dohinner leeën, soen ech emol einfach, an eis Këscht eranzezéien. Do këmmere si sech ganz drëm. Dat heescht, do fale fir eis keng Käschtchen un.

Et ass awer esou, dass eis Statiounen esou mussen ugepasst ginn. Well zum Beispill um Site vum 1535°, ech men-

2. Projets communaux

gen, Dir wësst et, do ass à long terme och geplangt, dass deen Daach muss frësch gemaach ginn, esou dass deen och mat PV-Anlage ka beluecht ginn. Fir dëst awer ze erméiglechen, muss d'Këscht ugepasst ginn. Dat heescht am Fong ass et och eng Viraarbecht fir dee Moment, wou mer hei eng ganz Photovoltaik wäerten installéieren.

Well anerwäerts géife mer kleng Upassunge maachen, déi net deen dote Budget erfuerderen, déi däitlech manner wären. An da misst een am Nachhinein Upassunge maachen, fir dass iwverhaapt dës Photovoltaik kéint do installéiert ginn. Dat heescht, dat gëtt e bësse schonn am Viraus gemaach.

Et ass effektiv och, dass si sech do kënnen uschléissen. Dat ass net falsch. Mee dat ass eebe kontraktuell esou festgehalten, dass mir awer müssen déi néideg Struktur hunn, fir dass si sech iwverhaapt kënnen mat hire Schnelluede-Stationen heirun uschléissen.

Da kënnt awer och nach dobäi, dass mer variabel och Suen erakréien. Dat heescht, si verkafe jo am Fong hire Stroum. A mir kréie fënnef Cent d'Kilowattstonn. Dat heescht, do kënnt schonn eppes eran.

Dat ass awer, éierlech gesot, elo keng Mass. Dat heescht, déi hu jo natierlech och ee groussen Invest, fir iwverhaapt dës Stationen hei ze maachen. Dat heescht, si maachen am Endeffekt Suen, mee mir kréien awer variabel, jee no Verbrauch, och eppes dann hei eran.

Ech weess elo net, ob ech elo alles konnt beäntweren. Wann net, da loosst mech et gär wëssen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Subside vum Staat: Gëtt et do keng, an deem Fall do? Nee.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Momentan, wéisst ech net, dass do Subside vum Staat virgesi wären. Dat ass aus menger Siicht, oder aus eiser Siicht, schued. Als Gemeng gi mir net subventionéiert, obschonn de Privatmann, deen esou eng Borne installéiert,

Batterien installéiert, PVen installéiert anescht subventionéiert gëtt wéi mir, och punkto Elektromobilitéit. Wa mir als Stad wëllen ëmschalten op Elektromobilitéit, kréie mir och net déi Subsiden, wéi een als Privatmann do zegutt huet. Dat ass esou vum Legislateur festgesat.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass, en effet, ze bedauern. Et kann ee vläicht dozou soen, dass et am Kader vum Klimapakt eis awer och Punkte bréngt an dat och e bësse Finanzementer bréngt. Grad wéi an anere Beräicher, wann een eppes mécht, dass een da strukturell méi Sue kritt. Mee et wär am Fong gutt, wann ee wéilt am ganze Land d'Elektromobilitéit méi weiderbréngen an d'Gemengen op dee Wee ze kréien, dass de Staat mat Subsiden, beim Invest, matgéing.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do si mer ganz Ärer Meinung heibanen, mee leider si mer do limitéiert. An do musse mer eis un déi national Legislatur halen. Mee mir wieren awer och frou, wa mer eng weider Enveloppe géife kréien, an deem Zesammenhang.

Madamm Charlé nach eng Kéier, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Mir wäerten Ufank Juni dës Luedestationen aweien. Do ass den Här Minister invitéiert, well et eis ganz wichteg ass, hei och vläicht eng Dier opzemaachen oder him e puer Froen ze stellen, wéi d'Zukunft ausgesäit, wat si virgesinn hunn, wat d'Subsiden ugeet. Do leeë mer ganz vill Wäert drop, op dat Gespréich. An der Hoffnung, dass dat, à long terme, Verbesserung ka mat sech bréngen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Keng Wuertmeldung méi. Mir kommen zum Vott.

seraient faites, qui ne nécessiteraient pas ce budget important et qui coûteraient beaucoup moins cher. Toutefois, il faudrait ensuite effectuer des modifications pour permettre l'installation du photovoltaïque.

Elle confirme que l'entreprise peut effectivement se connecter, mais qu'il est contractuellement établi que la commune doit avoir la structure nécessaire. Elle ajoute que la commune reçoit également des revenus variables, car l'entreprise vend son électricité et la commune reçoit cinq centimes par kilowatt/heure. Bien que ce ne soit pas une somme importante, elle reconnaît que l'entreprise a également un gros investissement pour installer ces stations.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande s'il n'y a pas de subventions de l'État dans ce cas.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il n'a pas connaissance de subventions étatiques prévues, ce qu'il trouve regrettable. Il explique que les communes ne sont pas subventionnées alors que les particuliers qui installent de telles bornes, batteries ou panneaux photovoltaïques le sont. Quand la ville veut passer à l'électromobilité, elle ne reçoit pas les mêmes subventions qu'un particulier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) trouve cela effectivement regrettable, mais note que, dans le cadre du Pacte climat, cela apporte des points et donc un financement, comme dans d'autres domaines. Il estime qu'il serait bon que l'État accompagne les communes avec des subventions à l'investissement pour promouvoir l'électromobilité dans tout le pays.

GUY ALTMEISCH (LSAP) partage entièrement cet avis, mais souligne qu'ils sont limités et doivent se conformer à la législation nationale.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) annonce que la station de charge sera inaugurée début juin avec le ministre invité, car il est important d'ouvrir le dialogue et de poser des questions sur l'avenir et les subventions prévues.

2. Projets communaux

(Vote)

Zenia Charlé passe au parking Pierre-Gansen et explique qu'un poste sera installé pour 205 000 € et qu'il faudra 165 000 € pour le relier au site scolaire de Niederkorn, permettant ainsi l'installation future de panneaux photovoltaïques et des économies d'énergie à long terme. Le devis total s'élève à environ 433 000 €, TVA comprise.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe à l'école des garçons de Niederkorn et se réjouit que les travaux de rénovation, qui se sont déroulés de 2019 à 2024, soient terminés avec une dépense effective de 2 397 044 € sur un devis voté de 2 400 000 €, soit une économie de 50 000 €.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) note toutefois qu'en 2020, le projet devait initialement coûter 1,7 million d'euros et qu'un devis supplémentaire de 650 000 € a été voté en 2023, probablement en raison de l'augmentation des prix durant cette période.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis portant sur l'adaptation de postes de transformation sur les sites de l'école Fousbann et du 1535° Creative Hub.

Ech soen Iech Merci. Punkt 2e), nach eng Kéier d'Madamm Charlé, wannechgelift.

Ech soen Iech Merci. Punkt 2e), nach eng Kéier d'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Hei, wéi och am Punkt 2c), geet et ëm d'Ombrière fir de Parking Gansen. Éischtens gëtt ee Posten installéiert um Parking. Hei leie mer bei enger Zomm vun 205.000 Euro.

Zweetens ginn 165.000 Euro gebraucht, fir dëse Poste mam Nidderkuerer Schoulsite ze verbannen. Esou kéint een zukünfteg, och scho wéi vir drun erkläert, op dem Nidderkuerer Site, also op d'Gebaier, PV-Anlagen installéieren. Eventuell kéint een d'Anlage souguer da selwer installéieren an esou ganz vill Energie, à long terme, aspueren.

Mat der TVA een Devis vu ronn 433.000 Euro.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen dozou? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis portant sur l'installation d'un poste de transformation sur les sites du parking de la rue Pierre-Gansen et sur le campus scolaire Niederkorn.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 2f) betrëfft d'Bouweschoul zu Nidderkuer. Déi verschidde Renovatiounsaarbechte si fäerdeggestallt ginn. Do hu mer en

Dekont, wou mer déi verschidden Devisen schonn hei am Gemengerot duerchgeholl hunn. Do sinn ech frou, dass mer do zum Dekont kommen.

Op der Diffcloud oder an Ärem Dossier gesitt Der, dass d'Aarbechten, déi sech vun 2019 bis 2024 gezunn hunn, elo zum Ofschluss komm sinn, an eis zu der Finalitéit vun de Fraisen an den Akkonte vum Ministère des Sports bréngen, dass mer dat ofrechnen.

D'Devisen, déi mer gestëmmt haten am Gemengerot, hu sech op 2.400.000 Euro belaf. Mir kommen op eng Dépense effective vun 2.349.744 Euro. Dat heescht, mer hunn do eng Dépense, déi manner grouss ass, vu 50.000 Euro.

Ech si frou, Iech een Devis an een Dekont hei ze presentéieren, ouni dass mer mol eng Kéier musse Sue bäileeden. Dass mer kënne weisen, dass et och anescht geet. Also ech géif Iech bidden, mer deen ze stëmmen.

Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Meng éischt Lektür war och esou positiv wéi Ä. Dunn hunn ech awer ënne gekuckt, bei Devis et devis supplémentaires, wou jo steet, dass mer 2020 mat 1,7 Milliounen dee Projet wollte maachen, an dass mer dann 2023 een zousätzlechen Devis vu 650.000 Euro gestëmmt hunn.

Da ginn ech schonn dovunner aus, dass mer am Ufank gemengt haten dee Projet och mat 1.750.000 ze maachen. An dann awer Präisdeierechten haten – déi och normal sinn an där Period. Ech soen elo net, dass dat elo eppes Louches wär oder do iergendeppes net gutt gemaach gi wär. Wann een d'Devisen eenzel kuckt pro Budgetsjoer, d'Artikelen, da si mer ëmmer drënner bliwwen, mee mir hunn awer een Zousazdevis gestëmmt. Wat net onüblech ass bei esou eppes a sech och hei nach an normale Gefilden hält. Mee am Endeffekt hu mer net manner ausgi wéi dat, wat mer urspringlech geplangt haten. Oder gesinn ech dat falsch?

3. PAG et PAP

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nee. Wann een d'Chifferen einfach esou vergläicht, hutt Der scho ganz Recht domadder. Mee et ass, wéi Dir sot, et ass d'Präisdeierecht, déi do mat-spillt. An dann ass et och de Legislateur, deen eis verschidden Oplagen dann am Laf vun där Zäit – mir schwätzen hei vun enger Zäitspan vu véier, fënnef Joer, do ginn déi Restriktiounen oder déi Oplage vum Staat, Point de vue bâtiment, ëmmer méi grouss, fir datt eis Schoulkanner ëmmer méi Sécherheet, ëmmer méi sanitärgepassten Anlage kréien. Dowéinst gëtt dat dann och méi deier wéi den initiale Präis.

Net méi spéit wéi leschte Weekend, wéi d'Bock-Schoul opgaangen ass, wéi mer op der Porte ouverte waren, hu mer awer festgestallt, dass alleguer déi Suen, déi an déi Schoul investéiert gi sinn, zum Wuel vun eiser Jugend an zum Wuel vun der Zukunft vun der Stad Déifferdeng sinn. Déi Präisentwécklung hei ass nach am Rahme vum Marché. No deene sechs Joer si mer awer do nach an enger glécklecher Rumm. Wa mer iwuerall kéinten an esou enger klenger Rumm bleiwen, da wiere mer nach méi frou, wéi mer haut scho frou sinn.

Nach eng Wuertmeldung zu deem Devis? Nee. Mir kommen zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux de rénovation et de mise en conformité de l'école des garçons de Niederkorn.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 3 betrëfft de PAG an de PAP vun eiser Gemeng. Ech probéieren, Iech dat dann esou gutt, wéi den Här Ulveling dat ëmmer mécht, virzedroen an Iech dat ze erklären. Ech hoffen, Dir sidd net ze vill streng mat mer, well et och deelweis fir mech Neiland ass. Mee ech wäert mer all Méi ginn, fir Iech dat esou gutt wéi méiglech ze erklären.

Dir wësst: All Ännerung an engem PAG muss duerch de Gemengerot goen a

vum Gemengerot approuvéiert ginn. Da geet dat op de Ministère de l'Intérieur. An déi Spezialiste vum Intérieur ginn eis dann en Avis zu eisem Vott, an da kréie mer dat zréck, fir an een zweete Vott ze ginn, fir dass et dann effektiv bei de Minister als Fin décideur ka goen. Fir dass dee ka gréng Luucht ginn, fir dass mer dat kënnen esou amenagéieren, wéi mir eis dat virstelle fir eis Stad.

Ënner anerem fält dorënner déi Protection communale, déi mer hunn op de verschiddene Gebailechkeeten. Ech huele Punkt no Punkt, da géif ech Iech froen, ob Der Froen dozou hätt an da géife mer kucken, wéi mer dat herno ofgestëmmt kréien. Entweder stëmme mer et Punkt fir Punkt of – ech mengen, dat ass vläicht méi einfach, da komme mer och vläicht méi zügeg virun.

Deen éischte Punkt ass eng Suppression vun enger partieller Protektioun, geleeën op 14, Rue Pütz. Do hu mer vun de Spezialisten aus der Stad, vum Ministère, zréckkritt, dass si dat och favorabel aviséieren, fir déi Protektioun do opzehiewen. Well dat ass eng Protektioun – d'Fotoe sinn op der Diffcloud ze gesinn –, déi net méi deem entsprécht, wéi dat protegéiert ginn ass.

Soll ech virufueren oder si Wuertmeldungen ze maachen? Ech géif soen, mir huelen dat, wou d'Kommissioun mat eis d'accord ass, en bloc. An da kucke mer, wou se net mat eis d'accord ass, dass mer dat eenzel da kommentéieren.

Dann hu mer déi selwecht Situatioun, dat ass ee Klasement vun enger Zon SPEC-2 an der Adaptation des coefficients. Dat ass een Avis favorable vun der Commission d'aménagement, sou nennt sech déi. Dat ass zu Nidderkuer am Mall, dat ass eng Ännerung vum PAP, well de Mall eng Autorisatioun muss hunn, fir méi héich do ze bauen, fir kënnen ze existéieren.

Dann hu mer ee Klasement vun enger Parzell an eng Zon HAB-1 an der Rue des Jardins. Och een Avis favorable vun der Kommissioun.

Dann ee Reklasement an enger anerer Zon, wou mer och een Avis favorable hu vun der Kommissioun. Dat ass eng Situatioun beim Institut Emile Metz, wou mer mussen upassen, well ee Stéck

GUY ALTMEISCH (LSAP) reconnaît que la comparaison directe des chiffres donne raison à monsieur Diderich. Il souligne néanmoins que l'inflation joue un rôle important dans cette situation. Il explique que le législateur impose progressivement de nouvelles obligations concernant les bâtiments, sur une période de quatre à cinq ans. Les restrictions et obligations imposées par l'État deviennent de plus en plus importantes, notamment pour garantir davantage de sécurité aux écoliers et des installations sanitaires mieux adaptées. Ces exigences supplémentaires entraînent naturellement une augmentation des coûts par rapport au prix initial.

Il évoque ensuite l'inauguration récente de l'école du Bock lors du weekend dernier, où ils ont participé à la journée portes ouvertes. Il constate que tous les investissements réalisés dans cette école servent le bien-être de la jeunesse et l'avenir de la ville de Differdange. Il affirme que l'évolution des prix reste dans le cadre du marché et qu'après six ans, ils se trouvent encore dans une fourchette acceptable. Il exprime son souhait de pouvoir maintenir cette situation favorable partout.

(Vote)

Guy Altmeisch aborde le point 3 concernant le PAG et le PAP de la commune. Il reconnaît devoir présenter ce dossier à la place de monsieur Ulveling et espère que l'assemblée ne sera pas trop sévère avec lui, car c'est en partie un domaine nouveau pour lui. Il promet de faire de son mieux pour expliquer clairement la situation.

Il rappelle que toute modification du PAG doit passer par le conseil communal et être approuvée par celui-ci. Le dossier est ensuite transmis au ministère de l'Intérieur, dont les spécialistes émettent un avis sur leur vote. Le conseil procède alors à un second vote avant que le ministre, en tant que décideur, puisse donner son feu vert pour l'aménagement envisagé pour la Ville. Il mentionne notamment la protection communale sur différents bâtiments.

Il propose de procéder point par point, en commençant par la sup-

3. PAG et PAP

pression d'une protection partielle située au 14, rue Pütz. Les spécialistes de la Ville et du ministère ont émis un avis favorable pour lever cette protection, les photos disponibles sur Diffcloud montrant que le bâtiment ne correspond plus aux critères de protection.

Le bourgmestre énumère ensuite plusieurs autres points ayant reçu un avis favorable de la Commission d'aménagement : le classement d'une zone SPEC-2 avec adaptation des coefficients au Niederkorn Mall pour permettre une construction plus haute, le classement d'une parcelle en zone HAB-1, rue des Jardins, un reclassement près de l'institut Émile-Metz pour intégrer une portion de terrain oubliée dans l'ancien PAG, et le classement d'une parcelle dans la route de Pé-tange pour inclure un bout de terrain manquant.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *intervient pour clarifier la procédure de vote et indique qu'il n'a pas de questions sur les points présentés. Il souhaite s'exprimer sur la Grand-rue, où la commission a émis un avis négatif concernant la proposition de ne plus conserver les façades.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *précise alors qu'il n'a pas encore abordé ce point spécifique.*

C'est l'unique avis où le collègue échevinal estime que la conservation n'est plus justifiée. Il rappelle que le conseil a déjà voté sur ce sujet. L'ancien escalier a été supprimé lors de la construction de l'immeuble de grande hauteur, et il s'agit maintenant de conserver les deux maisons restantes, situées aux numéros 2 et 2A de la Grand-rue. Le collègue échevinal considère que leur conservation n'apporte aucune plus-value à l'ensemble de la rue, contrairement à l'avis de la Commission d'aménagement, qui souhaite les protéger. Le bourgmestre propose de procéder à un vote séparé sur ce point spécifique pour clarifier la position du conseil.
(Vote)

vum Terrain net an deem ale PAG berécksiichtegt gi war.

Dat si mol déi Klassementer, wou mer een Avis favorable vun der Kommissioun hunn. An dann nach eng favorabel. Dat ass ee Klassement vun enger Parzell am Péitenger Wee. Do ass eng Parzell, wou favorabel gëtt, well mer do een Eck net am PAG mat dran haten, dat gëtt awer dann an den aktuelle PAG mat erageholl.

Hutt Der zu deene Saachen, déi ech elo gesot hunn, Froen? Oder kann ech Iech do nach Detailer liwweren, déi Der elo net op der Diffcloud respektiv an Ärem Dossier fonnt hutt? Ech weess, et ass e bëssen eng komplizéiert Matière. Mee wann ee se awer e puermol kuckt – oder ech hu mer och Erklärungen dozou gi gelooss –, da geet dat awer.

Wann Der keng Froen dozou hätt, da géife mer déi Punkten elo mol – oder ech liesen Iech deen aneren och nach vir, wou mer vläicht da méi eng grouss Diskussioun kréien. Mee mir kéinten iwwer déi Punkten do awer mol ofstëmmen dann.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also eenzel ofstëmmen?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo. Dann huele mer se all eenzel.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also ech hu keng Fro.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Kommt, mir huele se all eenzel. Da komme mer net duercherneen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, et ass schoonn Duercherneen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ass et schoonn Duercherneen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dir hutt just gefrot, ob mer eng Fro hätten. Ech wollt just Stellung huelen. Kënne mer eis elo mellen zu de Punkten?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo, jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay. Also d'Punkte si mer kloer. Ech hu keng Fro dozou.

Ech wollt just mech ausdrécken zu der Groussstrooss, wou och d'Kommissioun een negativen Avis ofginn huet zu der Propos, déi Fassaden net méi ze conservéieren. Mir haten och ...

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ma dat ass deen eenzege Punkt, deen ech bis elo nach net ugeschwat hunn. Mee ech kann deen awer nach uschwätzen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da maache mer et esou.

D'Groussstrooss, dat ass deen eenzegen Avis, wou mir gesot hunn, dat wier net méi derwäert, fir se ze conservéieren. Ech erkläre mech och nach eng Kéier dozou. Mir haten dat zwar schoonn ofgestëmmt am Gemengerot.

Do war déi al Trap, wa mer wësse wéi den Ufank vun der Groussstrooss war,

3. PAG et PAP

ier d'Héichhaus gebaut ginn ass. Déi Trap ass ewechgeholl ginn an dunn ass gesot ginn, mer conservéieren déi zwee Haiser nach, déi hei opgelëscht sinn: 2 an 2a, Grand-Rue. Do ware mir der Meenung, dass dat net méi derwäert wär, an dass dat och keng Plus-value wär fir déi ganz Strooss. An d'Commission d'aménagement huet awer gemengt, dat misste mer protegéieren.

Un eis elo nach eng Kéier een Avis dozou ofzeginn, wéi eis Stellungnam ass. An doriwwer wéilt ech da separat ofstëmme loosse vun deem Block, wou mer d'accord sinn, fir dat heiten dann erauszehuelen. Et ass dat, wat Der mengt, Här Diderich, oder?

Komme mer zu deem, wat ech Iech elo gesot hunn, zu deem, wou mer eis dem Avis vun der Commissioun d'aménagement upassen. Gëtt et dozou eng Wuertmeldung? Da géife mer doriwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant le classement de la parcelle 2903/9657 en tant que zone HAB-1 au lieudit route de Pétange.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant le classement de la parcelle 767/9815 en tant que zone HAB-1 et de la parcelle 767/9816 en tant que REC-1 au lieudit rue des Jardins.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant la suppression partielle de la protection communale dans le cas de la construction localisée à Differdange sur la parcelle 181/10115 au no 14, rue Pütz.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant le classement de la parcelle 1304/9552 ainsi qu'une partie de la parcelle 1304/9706 en tant que zone BEP le long de la rue Émile-Mark.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant le classement d'une zone spéciale 2 (SPEC-2) et l'adaptation des coefficients du PAP NQ NI02 — Tëschent Lauterbännchen.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zu de Wuertmeldunge vun der Situatioun, déi ech Iech erkläert hunn, 2 an 2a, Grand-Rue. Wou mer och Fotoen op der Diffcloud hunn a wou mir als Gemengerot an eiser Sitzung vum 27. September dofir gestëmmt hunn, fir dee Levée opzehiewen a wou d'Commission d'aménagement awer der Meenung ass, mir sollen déi Fassaden do awer weider schützen.

Gëtt et dozou Wuertmeldungen? Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech hat jo schonn ugefaangen ze soen, dass ech an deem heite Fall – bon, ech gesinn elo net déi Fotoen, mee ech kennen d'Plaz jo. An deem heite Fall, an dat hate mer och an der Bautekommis-sioun diskutéiert, wou och eng Rei Leit, och Architekten, net der Meenung sinn, dass een hei déi Protektioun sollt ophiewen, mee sollt oprechterhalen.

Et ass een Haus, wat Charakteristiken huet, déi erhalenswäert sinn. An deem Ensembl, dee scho méi kleng ass, wéi Der et beschriwwen hutt, wierklech da ganz dee Cachet do verléiert. Ech mengen, wa mer elo un dat doten Haus ginn an der Protektioun, da kënne mer bei ganz villen Haiser ufänken, iwwer d'Protektioun ze schwätzen. An ech mengen, dat ass dann och net fair par rapport zu anere Situatiounen, wou

Guy Altmeisch aborde à nouveau la question des bâtiments 2 et 2A, situés dans la Grand-Rue. Il explique que, lors de la séance du 27 septembre, le conseil communal a voté pour lever la protection de ces façades, mais la Commission d'aménagement maintient qu'il faut continuer à les protéger. Des photos sont disponibles sur Diffcloud pour illustrer la situation.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) prend la parole pour exprimer son désaccord avec la levée de la protection. Il affirme que cette question a été discutée en Commission des bâtisses, où plusieurs personnes, notamment des architectes, estiment que la protection devrait être maintenue. Selon lui, la maison possède des caractéristiques architecturales qui méritent d'être préservées.

Il souligne que, si l'on commence à supprimer la protection de cette maison, cela créerait un précédent, qui pourrait s'appliquer à de nombreux autres bâtiments, ce qui serait injuste envers les propriétaires dont les façades sont protégées.

3. PAG et PAP

Il insiste sur le fait que la Commission d'aménagement constitue une instance neutre d'experts dont l'avis devrait être respecté.

ERNY MULLER (LSAP) intervient pour corriger les propos de monsieur Diderich. Il précise que la discussion évoquée par celui-ci concernait le premier vote et qu'une nouvelle discussion a eu lieu la semaine dernière en Commission des bâtisses, lors de laquelle aucune objection n'a été soulevée. La commission a accepté l'avis du service communal et du collège échevinal concernant la levée de la protection.

Erny Muller clarifie que l'opposition mentionnée par monsieur Diderich émanait d'un expert individuel siégeant dans la commission, et non de la commission dans son ensemble. Il souligne que, lors du second vote, cette même personne ne s'est pas opposée à la levée de la protection.

Erny Muller rappelle également que cet expert est membre de la Commission des sites et monuments, qui avait initialement proposé cette protection, alors que la commune n'était pas favorable dès le départ, considérant que la valeur patrimoniale n'était pas suffisante. Il conclut en réaffirmant le soutien du LSAP à la levée de la protection et en précisant que la Commission des bâtisses n'a pas émis d'avis complètement défavorable.
(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente les modifications du plan de repérage, notamment des corrections d'erreurs de mesure sur le plateau des Hauts-Fourneaux et trois petites erreurs de cartographie dans le PAG concernant de très petites parcelles non colorées, qui doivent être rectifiées pour mettre à jour le PAP.
(Vote)

och Leit sech froen, firwat ass mäin Haus elo, oder d'Fassad, protegéiert.

Dat heescht, ech fannen, déi Kommissioun huet een Avis d'expert. An déi soll een och respektéieren an als neutral Instanz consideréieren an dem Avis vun der Kommissioun nokommen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Informatiounen. Mir hunn, niewent dem Avis vun der Commission d'aménagement, och en Avis vun eisen Architekten a vun eise komunale Spezialisten, déi och dozou ze schwätzen hunn. Den Här Muller huet nach ee Wuert dozou ze soen. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Wat den Här Diderich elo gesot huet, muss ech awer deelweis korrigéieren. Hie schwätzt do vun engem Avis oder vun enger Diskussioun, déi war beim éischte Vott. An déi selwecht Diskussioun war elo nach eng Kéier déi lescht Woch, wéi mer en Avis ofginn hunn, iwwer déi Punkten, déi mer haut um Ordre du jour vum Gemengerot hunn, an der Bautekommissioun. An do ass déi Objektioun net méi komm. An d'Bautekommissioun huet deen Avis hei akzeptéiert vun eisem Service, an och de Schäfferot, deen dat ënnerstëtzt, fir déi opzehiewen, déi Protektioun.

Also ech mengen, wat den Här Diderich wollt soen, dat war een Avis vun engem Expert, deen do an der Bautekommissioun ass, awer net vun der gesamter Bautekommissioun. Ech wëll dat ganz kloerstellen.

An des Kéier scho guer net, well do huet déi selwecht Persoun sech net dergéint gewiert, dass dat doten net däréf opgehewe ginn. Also no deem zweete Vott, wou déi Proposition do war.

An ech wollt dat awer soen, well Dir, Här Diderich, waart deemools Member, Dir sidd jo elo net méi Member vun der Bautekommissioun. Mee deemools war Der do, an Dir hutt jo och déi Diskussioun matgefouert an ech och.

An dat stëmmt, wat Dir gesot hutt: Déi Persoun, déi en Expert ass, deen do drasetzt, deen ass iwwregens och Member vun der Kommissioun Sites et Monuments, déi selwecht déi dat do proposéiert haten, deemools.

Well mir haten déi do Protektioun net proposéiert, well mer schonn deemools der Meenung waren, dass et net vun esou enger grousser Valeur wär. Mee déi ass eis praktesch vun der Commission, deemools huet se Sites et Monuments geheescht, imposéiert ginn.

Ech wëll just soen, dass ech zu där Propos do stinn an d'LSAP, fir déi Protektioun do net ze maachen. An ech kann och nëmme soen, dass d'Bautekommissioun do elo net een Avis complètement défavorable ginn huet, wéi ech elo ee Moment gemengt hunn, dass den Här Buergermeeschter dat elo esou ugeholl hätt. Mee dat ass net esou.

Dat wollt ech nach dozou soen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Et gött keng aner Wuertmeldung méi. Dat heescht, elo komme mer zum Vott iwwer dee Levée vun där Protektioun. Wien elo mat Jo äntwert, deen ass fir d'Levée vun der Protektioun, dass mer dat ganz kloerstellen. Mer kommen zum Vott.

Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver les modifications ponctuelles du PAG de Differdange concernant les façades à conserver sur les bâtiments n° 2 et n° 2A dans la Grand-rue à Differdange.

Ech soen Iech Merci. Da komme mer zum Punkt 3b), dat si Modifikatiounen am Plan de repérage. Do ass, éischstens emol, um Plateau Hauts-Fourneaux beim Nomesurage festgestallt ginn, dass beim Ausmoosse vum Terrain Fehler geschitt sinn, an dass mer do müssen nodréiglech stëmmen, dass deen Terrain – dat ass minimal –, dass deen och zu der Communautéit vun deem Héichhaus do gehéiert.

3. PAG et PAP

Déi zweet Saach, och ënner dem Punkt 3b), do sinn dräi Feeler geschitt an der Opzeechnung vum PAG. Dat heescht do si ganz, ganz kleng Parzellen, déi net mat enger Faarf gekennzeechent gi sinn an doduercher am PAG am Fong net misse berécksiichtegt ginn. Dat si kleng Feeler, déi mussen nogestëmmt ginn, fir dass eise PAP à jour ass.

Wuertmeldungen oder Froen dozou? Et ass am Fong geholl méi eng administrativ Saach, déi mer mussen do rektifizéieren. Da kéime mer zum Vott vun deem Punkt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du plan de repérage (partie graphique) et de la partie écrite du plan d'aménagement particulier Quartier existant (PAP QE) de la commune de Differdange présentée par le collège échevinal pour le compte de l'administration communale et concernant des fonds sis à Differdange sur le site du plateau des Hauts-Fourneaux ainsi que le redressement de trois erreurs matérielles.

Soen Iech Merci. Punkt 3c), dat ass eng Modifikatioun vum PAP „Op de breeden Dréischer II“, dee mer schonn eng Kéier hei virgestallt haten, mat der Firma selwer. Dat ass am Fong geholl eng Procédure allégée, déi mer elo aleeden, fir dass mer dee ganze PAP op där Plaz do net brauchen ze änneren.

Doduercher spuer mer an der Bauphas an an der Entwécklung vun deem Quartier bal ee Joer. Dat ass eng Prozedur, déi eis d'Saach vereinfacht an déi am Fong geholl just d'Densitéit vun den Awunner betrëfft. Dat sinn dräi kleng Changementer am Bau, déi awer och net weider ausschlaggebend si fir déi ganz Realisatioun vun deem Projet do.

Gëtt et Froen oder Wuertmeldungen, déi Der net aus Ärem Dossier erausfonnt hutt, sinn ech bereet, Iech déi ze beäntweren.

Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier dénommé Op de breeden Dréischer II à Oberkorn, présentée par le collège échevinal pour le compte de la société Bepe Immo.

Ech soen Iech Merci. Si mer beim Punkt 3d), dat ass eng Demande de morcellement an der Rue Charles Schambourg. Dee Morcellement, wat de Promoteur mécht mat deene verschiddene private Propriétaires, erlaabt eis spéider, véier Eefamilljenhaiser an der Charles-Schambourg-Strooss ze bauen, wat eng ganz gutt Saach ass fir d'Entwécklung vun eiser Stad, a wat och an d'Konzept vun där Strooss do passt.

Dir hutt d'Demande an Ärem Dossier. Gëtt et Froen zu deene Pläng? Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Just eng Zousazerkklärung. Och déi Punkte sinn ëmmer an der Bautekommissioun an ech wollt just soen, dass d'Bautekommissioun och heifir een Avis favorable ginn huet an dat och begreisst, fir dass dat op deem Terrain geschitt. Genau sou wéi dee Projet, deen duerno kënnt, zu Nidderkuer. Ech mengen, dat ass alles gekuckt ginn a vun der Bautekommissioun als positiv bewäert ginn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcellement de terrains situés dans la rue Charles-Schambourg à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Punkt 3e), dat ass erëm eng Demande de morcellement, an der Rue Pierre Gansen. Während den Ausmoossungen ass festgestallt ginn,

Guy Altmeisch présente deux points. Concernant le point 3c), il explique qu'une modification du PAP Op de breeden Dréischer II est proposée selon une procédure allégée. Cette approche évite de modifier l'ensemble du PAP et permet de gagner presque une année dans le développement du quartier. Les modifications concernent uniquement la densité d'habitants et impliquent trois changements mineurs dans la construction, qui n'affectent pas la réalisation globale du projet.

(Vote)

Pour le point 3d), Guy Altmeisch présente une demande de morcellement dans la rue Charles-Schambourg. Le promoteur, en collaboration avec différents propriétaires privés, permettra la construction de quatre maisons unifamiliales, ce qui contribue au développement de la ville et s'intègre parfaitement dans le concept de cette rue.

ERNY MULLER (LSAP) apporte une clarification supplémentaire. Il précise que ces points sont toujours traités en Commission des bâtisses et souhaite souligner que la Commission des bâtisses a également émis un avis favorable à ce sujet et accueille favorablement cette réalisation sur ce terrain, tout comme le projet qui suivra à Niederkorn. Il affirme que tout a été examiné et évalué positivement par la Commission des bâtisses.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente le point 3e concernant une demande de morcellement dans la rue Pierre-Gansen.

4. Actes et conventions

Durant les opérations d'arpentage, il a été constaté que deux fois un mètre de trottoir appartient encore aux riverains. La commune souhaiterait reprendre ces portions à sa charge et assurer l'entretien de ces trottoirs. Il s'agit d'une formalité dont ils ont été informés à posteriori, reconnaissant qu'il serait préférable que la commune soit propriétaire de l'ensemble du trottoir, comme c'est le cas pour les maisons identiques situées à droite et à gauche. Cette situation est plus avantageuse pour l'entretien et pour les habitants.

S'il n'y a pas de questions, il propose de passer au vote.

(Vote)

Guy Altmeisch présente le point 4a concernant un acte notarié nécessitant une visite chez le notaire. Il s'agit d'un terrain de sept centiares situé rue Catherine-Krieps-Welbes à Oberkorn, qui avait fait l'objet d'un arpentage erroné lors de l'aménagement du parc. Ces sept centiares seront rétrocédés à la communauté pour qu'elle puisse répartir correctement sa gérance et ses frais. Les plans se trouvent dans le dossier, bien qu'il faille chercher attentivement pour repérer ces sept centiares sur le plan. Il sollicite l'approbation du conseil.

(Vote)

Pour le point 4b, Guy Altmeisch cède la parole à madame Charlé pour expliquer la mise à disposition du parking avec photovoltaïque au Woïwer et dans la rue Pierre-Gansen.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) explique qu'il s'agit de deux conventions pour des installations photovoltaïques sous forme d'ombrières avec la société Sudsolar Energy Invest II. La première concerne le parking Woïwer et, la seconde le parking de la rue Pierre-Gansen. Dans les deux cas, la commune met le parking à disposition : pour 19 ans au Woïwer et 20 ans dans la rue Pierre-Gansen, afin d'y installer les ombrières. La durée de 19 ans s'explique par l'existence d'un contrat en cours avec le propriétaire, la commune ne pouvant louer ce qu'elle ne possède pas pour une durée supérieure.

dass do zweemol ee Meter vum Trottoir nach de Leit géif gehéieren. Mir géifen dat dann als Gemeng zréck an eis Charge huelen an och den Entretien maache vun deenen Trottoiren.

Et ass am Fong geholl eng Formalitéit, wou mer am Nachhinein drop opmierksam gemaach gi sinn, dass dat net ganz glécklech ass. An dass mer als Gemeng besser hätten, do Proprietär ze si vun deem ganzen Trottoir, wéi déi Haiser riets a lénks vun niewent zwou Situatioun, déi ech Iech erkläert hunn, identesch och sinn.

Dass d'Gemeng do Proprietär ass vum Trottoir, dat ass awer besser fir den Entretien a fir déi Leit, déi do wunnen och.

Wann et keng Froen dozou gëtt, kéime mer zum Vott vun deem Punkt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcellement de terrains situés dans la rue Pierre-Gansen à Niederkorn.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 4, Akten a Konventiounen. Ech géif Iech de Punkt 4a) virstellen. Dat ass een Acte notarié, wou mer mussen bei den Nottär goen.

Mir schwätzen hei iwwer een Terrain vu siwen Zentiar, deen an der Rue Catherine Krieps-Welbes zu Uewerkuer läit, wat och eng falsch Ausmoossung am Fong geholl war, wéi dee ganze Park do opgeriicht ginn ass. Do schwätze mer vu siwen Zentiar, déi mer elo zréckginn un d'Communautéit, fir dass déi kënnen hir Gerance anstänneg opdeelen an hir Fraisé vun der Gerance och opdeelen.

D'Pläng hutt Der an Ärem Dossier leien. Dir musst gutt kucken am Dossier, fir iwwerhaupt déi siwen Zentiar um Plang ze gesinn. Do hu mer misse méi laang sichen, fir dat ze fannen. Mee dat ass och net ganz grouss. Ech wier frou, wann Der mer dat géift stëmmen.

Wuertmeldungen oder Froen zu deem Stéck Terrain? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié visant la vente d'une parcelle d'une contenance de sept centiares sise à Oberkorn dans la rue Catherine-Krieps-Welbes.

Ech soen Iech Merci. Fir de Punkt 4b) géif ech d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, fir eis d'Mise à disposition ze erklären vum Parking mat der Photovoltaik um Woïwer an an der Pierre-Gansen-Strooss. Madamm Charlé, wann echgelif.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm zwou Konventiounen fir Photovoltaikanlagen a Form vun Ombrière mat der Firma Sudsolar Energy Invest 2, déi Éischt um Parking Woïwer an déi zweet um Parking an der Rue Pierre Gansen.

A béide Fäll stelle mer hinnen de Parking zur Verfügung, de Parking Woïwer fir 19 Joer, Gansen fir 20 Joer, fir déi Ombriëren do opzeriichten. Wa vläicht ee sech gefrot huet, wéi sou 19, dat ass, well hei nach ee Kontrakt mam Proprietär leeft. A mir kënnen jo net eppes verlounen, wat mer selwer net esou laang hunn. Dofir 19 Joer. Op där anerer Säit sinn et eeben dann 20 Joer.

Wann elo nach ee méi konkret Froen huet, da stinn ech natierlech zur Verfügung.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Här Cillien, wannechgelif.

ERIC CILLIEN (DP):

Eng Bemierkung an eng Fro dozou. Wa mer elo ee Kontrakt op 20 Joer maachen oder op 19 Joer, verbaue mer eis do net eng Méiglechkeet, wa mer wëlte méi Parkingen iergendwann dohinner setzen? Eventuell wa mer géifen denken, ee Parkhaus an der Rue Pierre Gansen, eppes op zwéi Stäck oder esou, do opzeriichten? Dat wär déi eng Fro.

4. Actes et conventions

Déi aner Fro, virun allem elo bei der Woiwer Schoul, dee Parking: Wann déi Saachen opgeriicht ginn, gëtt do gekuckt, datt dat während der Zäit ass, wou kee Schoulbetrib ass? Well ech weess, datt ganz vill Leit jo awer do hiren Auto parken, während där Zäit. Wann déi Ombriëren do opgeriicht ginn, ass de Parking trotzdem nach à disposition fir déi Leit, déi do am Quartier wunnen? Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Madamm Pregno, wannechge-lift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begreissen déi Installatiounen, well et an déi richteg Richtung geet, wéi dee ganze Projet NetZeroCities.

Ech wollt just meng üblech Fro stellen: Ass eppes punkto Biergerbedeelegung virgesi mat der Firma? Sidd Der a Gespréicher oder ass d'Surface vläicht ze kleng oder net adaptéiert? Dir hutt bestëmmt Detailer. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Weider Wuertmeldungen? Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Wat dem Här Cillien seng Fro ugeet: Et ass ëmmer esou, datt wa mer eppes maachen, datt iergendwellech Leit net kënnen do stoen. Well och zu den Zäiten, wou keng Schoul ass, ass dee Parking relativ voll. Dat heescht, mir kommen net dolaanscht, iergendwann iergendeen ze stéieren. Mee dat ass bei engem Chantier nun emol esou.

Ech wäert mech do awer vergewësseren. Ech kann Iech elo net soen, nee, dat ass an der Schoulvakanz. Ech ginn dovun aus, datt doru geduecht ginn ass. Ech kann dat awer net elo hei sécher soen. Ech froen dat awer ganz gären no. An da ginn ech och gären dee Feedback da weider, datt dorop dann awer

vläicht nach opgepasst gëtt, datt dat vläicht an der Schoulvakanz stattfënnt.

D'Biergerparticipatioun: Mir investéiere jo net, d'Firma Sudsolar mécht en Invest hei. Dat heescht, si sinn am Fong zoustänneg. Dat heescht, mir sinn do e bëssen eraus, fir hinnen ze ordonéieren oder ze soen, datt si musse Biergerbedeelegung maachen.

Ech mengen, hei geet et ëm een Invest vun iwwer enger Millioun, wou déi maache fir dës Installatiounen. Dat heescht, déi brauchen och déi 20 Joer, fir ee Surplus ze maachen.

Wann ech mer dat elo séier eng Kéier ausrechnen, da géif ech soen, eréischt no der Hallschent vun der Lafzäit hu si warscheinlech hir Suen eran, an ab do maache se da Suen domat. Plus où moins wäert dat esou sinn. Dat heescht d'Biergerparticipatioun gesinn ech einfach hei och schwierig. Well, fir soss een ze fannen, deen dësen Invest mécht, muss jo awer schon iergendeppes dobäi erauskommen.

Mee fir zukünfteg Photovoltaikanlagen, wéi ech virdu gesot hunn, wa mer eng Kéier zu deem Moment kommen, vun Nidderkuer zum Beispill, huele mer dat awer ganz gären da mat op de Wee, wann do aner Méiglechkeete fir d'Biergerparticipatioun bestinn.

Ech hunn iergendeppes vergiess.

ERIC CILLIEN (DP):

Et war nach d'Fro – ech schwätze vun Nidderkuer –, wann een do wéilt eppes méi Grousses iergendwa bauen, ob mer eis do net déi Méiglechkeet verbauen.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Kloer ass, wann dat do steet an dee säin Invest gemaach huet, da soe mer jo och net, e soll e Buttek ewechrappen. Ech mengen, dat ass elo eng Entscheedung, déi geholl ginn ass, datt mer iwwerzeegt sinn, datt dat doten elo emol dat Richtegt ass. Do ass net virgesinn, op béide Plazen, fir do an den nächste Jore eppes méi Grousses ze bauen.

Et muss een awer och soen, dass et eng Opwäertung vum Parking ass: D'Auto-

ERIC CILLIEN (DP) *soulève deux questions : premièrement, un contrat de 19 ou 20 ans ne compromet-il pas la possibilité d'aménager davantage de places de parking ou éventuellement un parking sur deux niveaux dans la rue Pierre-Gansen ?*

Deuxièmement, concernant l'école Woiwer, il demande si les travaux d'installation auront lieu pendant les périodes sans activité scolaire, car de nombreuses personnes utilisent ce parking. Le parking restera-t-il accessible aux riverains pendant l'installation des ombrières ?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *se réjouit de ces installations, qui s'inscrivent dans la bonne direction, comme l'ensemble du projet NetZeroCities. Elle pose sa question habituelle concernant la participation citoyenne : des discussions sont-elles prévues avec l'entreprise, ou la surface est-elle trop petite ou inadaptée ?*

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *répond qu'effectivement, toute intervention perturbera certains usagers, le parking étant très fréquenté même hors période scolaire.*

Concernant le calendrier des travaux, elle ne peut confirmer qu'ils auront lieu pendant les vacances scolaires, mais vérifiera ce point et transmettra l'information. Pour la participation citoyenne, elle précise que Sudsolar réalise un investissement de plus d'un-million d'euros et a besoin des vingt ans pour rentabiliser, estimant qu'ils ne commenceront à dégager des bénéfices qu'après la moitié de cette période. La participation citoyenne semble donc difficile dans ce cas précis, mais pourra être envisagée pour de futures installations photovoltaïques, notamment à Niederkorn.

ERIC CILLIEN (DP) *soulève une interrogation concernant Niederkorn, se demandant si, dans le cas où l'on voudrait construire quelque chose de plus important à cet endroit, on ne risque pas de se priver de cette possibilité.*

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *répond qu'il est évident que, lorsqu'une infrastructure est en place et que l'invest-*

4. Actes et conventions

tisseur a réalisé son investissement, on ne va pas lui demander de supprimer son commerce. Elle précise que c'est une décision qui a été prise en étant convaincus que c'est actuellement la bonne chose à faire. Elle ajoute qu'il n'est pas prévu de construire quelque chose de plus grand sur ces deux emplacements dans les prochaines années.

Elle souligne que c'est une valorisation du parking : les voitures qui s'y trouvent bénéficient d'un toit, sont protégées du soleil, de la neige et de la pluie, ce qui améliore vraiment la qualité. D'autre part, cela permet une bien meilleure utilisation d'une surface imperméabilisée. Ainsi, la commune se rapproche de son objectif dans le cadre de NetZeroCities, ce qui est très important.

De plus, il est convenu que la commune recevra trois euros par kilowatt-crête. La commune gagne aussi un petit quelque chose. Ce ne sont pas des sommes astronomiques qui en ressortiront, mais la commune en profite également.

GUY ALTMEISCH (LSAP) intervient pour ajouter, concernant la question sur la participation des citoyens, que les citoyens en bénéficient indirectement. Il explique que le capital de Sudenergie est composé de différentes tranches de capital des communes et que la commune participe aux bénéfices de cette institution, proportionnellement à son investissement et au capital qu'elle met à disposition. Ainsi, les habitants ont indirectement un avantage lorsque la commune travaille avec Sudenergie, car il s'agit d'argent communal qui est géré.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) exprime une certaine confusion, demandant s'il s'agit de Sudenergie ou de Sudstrom, qui est lié à Sudsolar. Concernant la rémunération, il trouve positif que la commune la reçoive. Cela permettra de couvrir les frais des postes de transformation que la commune préfinance, ce qui représente un investissement pour rendre l'installation possible. Il doute cependant que la commune récupère plus que cela. Il note que la commune investit pour

en, déi do stinn, hunn en Iwwerdaach, si virun der Sonn, virum Schnéi, virum Reen geschützt, wat awer wierklech d'Qualitéit hei an d'Luucht dreift. Op där aner Säit hu mer eng vill besser Notzung vun enger versigelter Fläch. Esou dass mer heimat eisem Zil, am Kader vun NetZeroCities, méi no kommen, wat eis scho ganz wichtig ass.

Ausserdeem ass ofgemaach, datt mir dräi Euro de Kilowatt-Peak och hei kréien, änlech wéi et déi aner Säit ass. Datt mer och eppes Klenges mat dru verdéngen. Dat si keng horrend Zommen, déi herno do erauskommen, mee et ass awer esou, dass d'Gemeng och do mat dru profitiert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wëll nach zousätzlech soen, well d'Fro opkomm ass vun der Participatioun vun de Bierger. Eis Bierger hunn indirekt eppes dovunner, well wa mer wëssen, dass d'Kapital vu Sudenergie zesummegeat gëtt aus verschiddene Kapitaltranché vun de Gemengen, an dass mer um Benefice vun där Institution, och prozentual zu eisem Invest, an eisem Kapital, wat mer do zur Verfügung stellen, awer participéieren. Wouduerch eis Leit och indirekt een Avantage hunn, wa mer als Gemeng a Sudenergie matenee schaffen. Well dat kommunal Sue sinn, déi do geréiert ginn.

Den Här Diderich, nach eng Kéier, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Elo ginn ech awer e bëssen duercherneen. Ass et elo Sudenergie oder ass et Sudstrom, un där Sudsolar ugehaangen ass? Well Sudstrom wär an deem Fall elo net – also do sinn ech mer elo net ganz sécher, wann ech Iech no-lauschteren.

Dat anert, wat ech soe wollt, d'Remuneratioun, ass ganz gutt, dass mer déi kréien. Domadder kréie mer d'Onkäschte fir déi Transformatiounsposten, déi mer elo virfinanzéieren – wat jo een Invest ass, wat mir maachen, fir dass dat do iwwerhaupt kann installéiert ginn – vläicht emol eran.

Ob mer do elo méi erakréie wéi dat, woen ech ze bezweifelen. Ech hunn do elo keng Simulatioun gemaach. Mir investéiere jo emol, dass dat dote méiglech ass. Mir stellen och d'Fläch zur Verfügung, mee esou oder esou, ob et elo en Ableger ass vu Sudenergie oder vu Sudstrom, et sinn ëffentlech Träger. Ob mir als Gemeng dra sinn oder just d'Escher Gemeng, ech mengen, bei deenen zwou Entreprisë gëtt einfach alles an d'Aktivitéit och reinvestiert. An et ass dat, wat wichtig ass. Aus deem Grond ech emol selwer kee Problem hunn, och wann elo do keng Biergerbedeelegung ass.

Ech mengen, mir solle reegelméisseg Projeten hunn, wou och eng Biergerbedeelegung méiglech ass, änlech wéi um Stadion. Mee wa mer wëlle schnell weiderkommen, da kënnen och esou Projekte gemaach ginn, mat engem ëffentlechen Träger. Wat ech och begrëissen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Pregno.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech wollt just preziséieren, dass Der zwee Nimm duercherneeghätt hutt. Mee et ass jo an der Rei, den Här Diderich sot dat jo schonn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass scho richtig, wat Der sot. Ech schwätze vu Sudenergie, wa mer mat deene schaffen. Mir hu jo och nach Projekte mat deene lafen, mat der Photovoltaik. Do komme mir indirekt awer da mat an d'Spill.

Wat ech och nach wollt soen, wat och ausschlaggebend ass an esou Dossieren, wou een d'Leit net ëmmer ka mat direkt an den Dossier eranhuelen, dat ass, wa mir Proprietär si vun engem Gebai a mir riichten eppes drop op, als Gemeng, dann ass dat eng aner Saach, wéi wa mir eng Locatioun maache vun engem Parking. An der Woiwer Strooss zum Beispill, wou mir müssen ee Contrat de bail verlängeren, da mam Pro-

4. Actes et conventions

prietär kucken, fir et weider kënnen ze benotzen. Et ass eng aner Base, wa mer ee Gebai hunn, wou mir als Gemeng Proprietär sinn, wéi wa mer eng Locatioun hunn. Dat ass ee groussen Ënnerschied bei de Verhandlungen.

D'Madamm Charlé nach eng Kéier, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Fir vläicht ze komplettéieren, wat d'Biergerbedeelegung ugeet. Et ass esou, datt dat net méiglech ass, well Sudsolar beim Appel à projets vum Staat matgemaach huet. Do kréie si ee garantéierten Tarif proposéiert. Dat heescht, wa si elo do eppes anescht maachen, zum Beispill a Richtung Biergerbedeelegung, dann hätte si dat net méi. Dofir ass dat elo an dësem Fall dann och net méiglech.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Weider Wuertmeldungen? Nee. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un parking pour y construire et exploiter une installation photovoltaïque dans la rue Pierre-Gansen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un parking pour y construire et exploiter une installation photovoltaïque au Woiwer.

Ech soen Iech Merci. Punkt 4c) ass eng Convention de mise à disposition, déi mer am Nachhinein maache mussen, betreffend d'Adress 88 an 88a, Rue Principale op der Zowaasch.

Mer haten ee Contrat de bail gemaach mat deenen Artisten a mat deene Leit, déi déi Haiser do benotzen. Et hat sech

dunn erausgestallt, dass mir net Proprietär wäre vun deem Haus. Deemno och kee Recht hätten, fir ee Contrat de bail ze maachen.

Dofir musse mer dee Contrat de bail elo ëmswitchen an eng Convention de mise à disposition, nodeem mer mam Proprietär vum Haus, wat de Staat ass, eens gi sinn, dass mer mat där Conventioun op dat selwecht Resultat géife kommen.

Dat heescht, de Loyer an déi Meterkareeën, déi déi Leit zur Verfügung gestallt kréien, bleift alles d'selwecht. An där Convention de mise à disposition steet dran, dass se d'Waasser, de Kanal an d'Elektresch vun der Gemeng gestallt kréien an doduerch déi minimal Zomm fir déi Mise à disposition do musse bezuelen, fir hir Ateliers d'artistes.

Den Detail hutt Der an Ärem Dossier. Gëtt et Froen, Wuertmeldungen oder Propositionen? Nee. Mir kommen zum Vott vun deem Punkt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88A de la rue Principale à Lasauvage avec Egberdien Van der Torre.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88A de la rue Principale à Lasauvage avec Farshad Afsharimehr.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88A de la rue Principale à Lasauvage avec Gábor Farkas.

rendre cela possible et met la surface à disposition.

Que ce soit une filiale de Sudenergie ou de Sudstroum, ce sont des organismes publics, et tout est réinvesti dans l'activité, ce qui est l'important. Pour cette raison, il n'a personnellement aucun problème, même s'il n'y a pas de participation citoyenne. Il pense que la commune devrait régulièrement avoir des projets, où une participation citoyenne est possible, comme au stade, mais pour avancer rapidement, de tels projets peuvent être réalisés avec un organisme public, ce qu'il salue.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *intervient brièvement pour préciser que les deux noms ont été confondus.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *confirme qu'il parle de Sudenergie, avec qui la commune a d'autres projets photovoltaïques en cours.*

Il ajoute un point important : dans de tels dossiers où l'on ne peut pas toujours inclure directement les gens, lorsque la commune est propriétaire d'un bâtiment et y installe quelque chose, c'est différent que lorsqu'elle loue un parking, comme rue Woiwer, où il faut renouveler un contrat de bail avec le propriétaire. C'est une base différente lors des négociations.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) *complète les propos concernant la participation citoyenne : ce n'est pas possible, car Sudsolar a participé à l'appel à projets de l'État et bénéficie d'un tarif garanti. S'ils faisaient autre chose maintenant, par exemple, une participation citoyenne, ils perdraient cet avantage. C'est pourquoi ce n'est pas possible dans ce cas.*
(Vote)

Guy Altmeisch (LSAP) aborde le point suivant concernant une convention de mise à disposition pour l'adresse 88 et 88A, rue Principale à Lasauvage. Il explique qu'un contrat de bail avait été établi avec des artistes, mais il s'est avéré que la commune n'était pas propriétaire et n'avait donc pas le droit d'établir ce contrat. Il faut maintenant le transformer en convention de mise à disposition,

4. Actes et conventions

après accord avec le propriétaire, l'État, pour obtenir le même résultat. Le loyer et les mètres carrés mis à disposition restent identiques. La convention stipule que la commune fournit l'eau, les égouts et l'électricité, et les artistes paient une somme minimale pour leurs ateliers d'artistes.

(Vote)

JERRY HARTUNG (CSV) prend la parole pour présenter un projet pilote inclusif, Passerelle, avec Autisme Luxembourg. Il se réjouit de ce projet, qui est non seulement pratique et utile, mais qui, comme son nom l'indique, envoie aussi un signal fort de société, montrant l'ouverture et la solidarité de la commune.

Concrètement, il s'agit d'une coopération avec une équipe de jardinage d'Autisme Luxembourg, composée de six à huit personnes du spectre autistique, qui entretiendra à l'avenir le parc public de la commune, en l'occurrence le parc de la Chiers.

Jerry Hartung explique que le parc de la Chiers était jusqu'à récemment entretenu par le COSP avant leur déménagement de Differdange à Esch-sur-Alzette. Le service du jardinage de la commune a dû prendre en charge l'entretien complet du parc, ce qui représente beaucoup de travail. Trois équipes travaillaient parfois pendant des semaines pour maintenir le parc en ordre, notamment la piste de pétanque, qui nécessite un nettoyage plus systématique.

Ce projet pilote permet de décharger le service du jardinage, qui peut désormais consacrer plus de temps aux nombreux petits espaces verts de la commune. Pour le parc, des personnes sont présentes quotidiennement pour l'entretenir systématiquement.

La convention prévoit que l'ASBL intervient chaque jour de la semaine avec quatre à cinq personnes pour entretenir le parc : tondre le gazon, tailler les arbres et les haies, arracher les mauvaises herbes, entretenir les parterres de fleurs, vider les poubelles ou, en hiver, déneiger et saler les chemins pour que les citoyens puissent circuler correctement.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88A de la rue Principale à La-sauvage avec Laurent Schiltz.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88A de la rue Principale à La-sauvage avec Pablo Schwickert.

Ech soen Iech Merci. Punkt 4d), ginn ech dem Här Hartung d'Wuert, fir eis d'Detailer ze ginn, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter. Léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, léif Matbierger, och vu menger Säit gudde Moien, alles Gutts. Ech sinn immens frou, datt mer dësen inklusive Pilotprojet „Passerelle“ mat Autisme Luxembourg kënnen ëmsetzen. Deen net nëmme praktesch a sënnvoll ass, mee wéi den Numm Passerelle et ausdréckt, och gesellschaftlech ee staarkt Zeeche setzt. A mir als Gemeng ee kloert Signal vun Oppenheet a Solidaritéit ginn.

Konkreet geet et ëm eng Kooperatioun mat enger Gaardenekipp vun Autisme Luxembourg, besteeënd aus sechs bis aacht Persounen aus dem Autismus-Spektrum-Beräich, déi den ëffentleche Park an eiser Gemeng, an dësem Fall de Parc de la Chiers, an Zukunft wäert ënnerhalen.

Nieft der Gaardenaarbecht a Motivatioun, brénge si zudeem vill fir d'Gemeng mat, andeems mer zesummen als Gemeng an als Bierger d'Inklusioun liewen, wou mer sou munches wäerte bäiléieren an esou all dru wuessen.

An dësem Kontext muss ee wëssen, datt de Parc de la Chiers bis viru Kuerzem vum COSP ënnerhale gouf, bis si vun Déifferdeng op Esch geplënnert sinn. Do huet de Service jardinage vun der Gemeng missen an d'Bresch sprangen, den Entretien vum ganze Park iwwer-

huelen. Dat ass zimmlech vill Aarbecht. Zäitweileg waren dräi Ekippen do, iwwer Wochen heiansdo, fir dee Park an der Rei ze halen. Ech mengen, dat ass och schonn ugeschwat ginn, besonnesch vun der Petanquespist, datt do misst méi systematesch gebotzt ginn.

Doduerch datt mer elo dëse Pilotprojet drop hunn, entlaaschte mer eise Service jardinage, soudatt si nees méi Zäit hunn, fir déi vill kleng Gréngflächen uechter d'Gemeng an der Rei ze halen. Fir de Park, wéi gesot, sinn all Dag Leit do, fir dat systematesch propper ze halen.

De Service jardinage – ech mengen, d'Gemeng wiest jo stänneg, mat all deene Gréngflächen. Ech mengen, mer wëlle jo och ëmmer d'Quartiere verschéineren, dat bedeit jo dann och, datt een do mol deen een oder deen anere Bam, eng Gréngfläch an esou virgesäit. An dat muss jo dann och ënnerhale ginn. Ech denken, un Aarbecht feelt et hinnen net, éischter au contraire.

D'Konventioun gesäit vir, datt d'ASBL all Wochendag zu véier bis fënnef Persounen bei ons schaffe kënn an de Park ënnerhält. Also d'Wiss méien, d'Beem an d'Hecke kieren, d'Onkraut rappen, d'Blummebeeter ënnerhalen, d'Poubellen eidel maachen oder am Wanter d'Weeër vum Schnéi befreien, streeën. Datt d'Bierger och am Wanter hei gutt derduerch kommen.

Ofwisselend si Fachleit vun Autisme Luxembourg dobäi, déi fir eng gutt Betreuung, Organisatioun a Kommunikatioun vun der Ekip suergen. D'Ekip huet eng professionell Begleitung, wat eis wichteg war. Et gëtt ee gudden Austausch, fir d'Zesummenaarbecht no an no ze optiméieren a méiglech Stolperseng am Sënn vun allen, virun allem dem Aarbechtnehmer, ze behiewen.

D'Prestatioun, fir dee ganze Parc de la Chiers an der Rei ze halen, bezuele mer pro Joer ronn 145.000 Euro. Wat u sech hiren Onkäschen entsprécht an, vu dem Volume un der Aarbecht hei am Park, méi wéi gerechtfäerdigt ass.

D'Aarbechter kréie vun hinnen normal hir Pai ausbezuelte. Si decken dës zu engem Deel mat de Subventiounen, déi si vum Familljeministère respektiv der ADEM Kréien, an zum aneren dat, wat

4. Actes et conventions

dann opbleift, mat deem, wat si ons verrechnen.

De Crédit spécial fir de Pilotprojet läit dem Dossier bäi, iwwer dee mer haut ofstëmmen.

Ech wéilt de Leit aus der Chancëgläichheetskommisioun villmools Merci soen, déi dat Ganzt matbegleet hunn. Mat hinnen hu mer, an dësem Kontext, jo och schonn den Informatiounsowend zum Statut du travail handicapé organiséiert. A mer haten een internen Austausch mat der ADEM diesbezüglich.

Dëse Projet ass eng Chance fir d'Gemeng, fir d'Leit, déi ënner dem Trouble de l'autisme leiden, an och fir eis als Gesellschaft. Dëse Gaardenaarbechtsprojet ass net nëmmen eng praktesch Léisung fir d'Fleeg vun engem Park, mee virun allem ee mënschlechen a gesellschaftlechen Akt. Souzesoen een Invest an d'Zukunft vun enger méi inklusiver, mënschlech zougewanter Gesellschaft. Dofir bieden ech Iech, dëse Projet matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung, fir déi Erklärungen. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci, Här Hartung, fir d'Erklärungen. Wéi den Numm Passerelle et seet, geet et hei drëms, Brécken ze bauen a Richtung vum éischten Aarbechtmarché. Mir begrëssen esou een inklusivt Denken a Schaffen.

Ënner dem Stréch géif just d'Remuneratioun fir d'Betreiungspersonal, also d'Fachpersonal, Educateuren/Educatrices, wéi och ëmmer, fir d'Gemeng ze bezuele bleiwen, wa mer dat richteg verstinn.

Eise Parc de la Chiers entwéckelt sech prächtég. Mir hoffen, dass et, mat dëser tatkräfteger Ënnerstëtzung, an déi Richtung weidergeet.

Deen heite Kontrakt kënne mer gäre matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Mir als LSAP begrëssen an ënnerstëtzen dës Initiativ. Ech mengen, dass grad Jugendlech an där Richtung, a manner Jugendlech, och kënnen Aktivitéiten entdecken an duerchzéien, rasonabel Aktivitéiten. Deenen och nei Perspektive ginn, deelweis. Also ech mengen, dat ass scho wichteg an interessant.

Op där anerer Säit ass de Parc de la Chiers ee Park, dee scho ganz vill genotzt gëtt, ganz vill Uklang fënnt bei eiser Populatioun. An ech mengen, wann deen an engem gudden Zoustand ass, dann ass dat och ee flotten Erhuelungsberäich fir eis Leit, eis Déifferdenger Bierger. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Iech alleguerten. Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Esou ee Projet fënnt an eiser gréngeger Fraktioun vollst Ënnerstëtzung. E bitt, wéi gesot, et ass schonn ugeschwat ginn, Autisteleit, Leit mat autistescher Beanträchtegung, déi en Deel vun eis sinn, Inklusioun. Dat Wuert ass och scho gefall.

Ech hätt zwou Froen heizou. Ass virgesinn, dass Leit aus dësem Grupp, wéi ee se kann nennen, spéiderhin op der Gemeng géifen agestallt ginn?

Zweetens, e Gesetz gesäit jo eigentlech vir, dass am Service public 5 % vum Personal misst ënner dem Statut handicapé schaffen. Kënnt Der eis soen, wou mir do am Moment als Déifferdenger Gemeng stinn. Ech soen Iech Merci.

Des professionnels d'Autisme Luxembourg assurent alternativement un bon encadrement, l'organisation et la communication de l'équipe. L'équipe bénéficie d'un accompagnement professionnel, ce qui est important pour la commune. Il existe un bon échange pour optimiser progressivement la collaboration et éliminer d'éventuels obstacles dans l'intérêt de tous, surtout des travailleurs.

La prestation pour l'entretien de tout le parc de la Chiers coute environ 145 000 € par an, ce qui correspond aux frais et est plus que justifié par le volume de travail dans le parc. Les travailleurs reçoivent leur salaire normal. L'ASBL couvre partiellement ces couts avec les subventions du ministère de la Famille et de l'ADEM, et facture le reste à la commune.

Jerry Hartung remercie les membres de la Commission de l'égalité des chances qui ont accompagné le projet. Ce projet représente une chance pour la commune, pour les personnes atteintes de troubles autistiques et pour la société. Ce projet d'entretien des jardins n'est pas seulement une solution pratique, mais surtout un acte humain et social, un investissement dans l'avenir d'une société plus inclusive et plus humaine.

FRANÇOIS MEISCH (DP) souligne que le nom « Passerelle » évoque la construction de ponts vers le premier marché du travail. Il salue cette pensée et ce travail inclusifs. Il comprend que seule la rémunération du personnel d'encadrement professionnel reste à la charge de la commune. Il note que le parc de la Chiers se développe magnifiquement et espère que cela continuera avec ce soutien efficace.

ERNY MULLER (LSAP) exprime le soutien de son parti à cette initiative. Il souligne que les jeunes et les moins jeunes peuvent découvrir et exercer des activités raisonnables, qui leur offrent de nouvelles perspectives. Le parc de la Chiers est très utilisé et apprécié par la population, et son bon état en fait un bel espace de détente pour les citoyens de Differdange.

4. Actes et conventions

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *exprime le plein soutien de sa fraction verte. Elle pose deux questions : est-il prévu que des personnes de ce groupe soient ultérieurement embauchées par la commune ? La loi prévoit que 5 % du personnel du service public devrait travailler sous statut handicapé. Où en est actuellement la commune de Differdange ?*

CLAUDE OLTEN (CSV) *souligne l'importance du projet Passerelle pour l'inclusion, qui signifie créer des structures permettant aux personnes handicapées d'être dès le départ une partie précieuse de la société. Il mentionne les six à huit personnes effectuant le travail de jardinage sous la direction de deux responsables. Le projet doit durer un an, mais il serait bien qu'il soit prolongé et qu'on envisage même de lancer d'autres projets similaires. La commune montre ainsi sa conception de l'inclusion.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *exprime son soutien total à l'initiative présentée, qu'il considère comme un très bon exemple. Il appuie également la demande de madame Schütz concernant la manière dont la commune peut assumer ses responsabilités de façon structurelle et systémique au-delà d'un projet ponctuel. Il souligne l'importance d'intégrer l'inclusion dans le travail quotidien normal, d'intégrer la diversité de la population et d'offrir un emploi permanent et stable aux personnes ayant des besoins spécifiques. Il estime que cela devrait faire partie d'une stratégie globale pour l'inclusion des personnes ayant des besoins particuliers et se dit intéressé par les futures initiatives dans ce domaine.*

JERRY HARTUNG (CSV) *explique qu'il doit rechercher le nombre exact de personnes travaillant sous le statut de travailleur handicapé dans la commune et promet de transmettre cette information ultérieurement. Il indique que la Commission de l'égalité des chances et le collège échevinal souhaitent améliorer ce nombre. Au cours des discussions, il apparaît que ce n'est pas si simple. L'objectif n'est pas*

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Den Här Olten, wannechgelift.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. De Projet Passerelle ass immens wichtig, fir d'Inklusioun. Inklusioun bedeit, Strukturen ze schafen, dass Mënsche mat Behënnerung vun Ufank un e wäertvollen Deel vun eiser Gesellschaft sinn.

Wéi den Här Hartung scho gesot huet, gëtt et sechs bis aacht Leit, déi Gaardenaarbecht maachen, ënner der Leitung vun zwou verantwortabele Persounen.

Dee Projet soll elo ee Joer lafen. Et wär wierklech flott, wann dee Projet doriwwer eraus kéint verlängert ginn a vläicht souguer driwwer nogeduecht ginn, nach esou ee Projet ze lancéieren.

Op jidde Fall eng gutt Saach. Mir weisen do als Gemeng, wat mir vun der Inklusioun halen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot, dat hei ass ee ganz gutt Beispill, eng ganz gutt Initiativ, déi mer absolutt ënnerstëtzen. Ech ënnerstëtzen awer och déi Nofro vun der Madamm Schütz, fir ze soen, wéi kënne mer, à part, vun engem extrae Projet, dee positiv ass, deen een och soll maachen, eis Responsabilitéit als Gemeng strukturell a systemesch wouerhuelen an déi Inklusioun esou wäit opmaachen, dass mer se an den normalen Aarbechtsalldag huelen. An d'Diversitéit vun eiser Bevëlkerung abannen, a Mënschen eng permanent stabil Aarbecht ubidden, déi spezifesch Besoinen hunn.

Ech mengen, dat soll och Deel si vun enger Gesamtstrategie, d'Inklusioun vu

Mënsche mat spezifesche Bedierfnisser. An do géif mech, en effet, interesséieren, wat do weider Initiative sinn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. D'Wuert geet zrëck un den Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci. D'Unzuel vu Leit, déi am Statut vum Travailleur handicapé bei eis schaffen, dat muss ech nosichen. Loossen ech Iech zoukommen. Et besteet de Wonsch vun der Commission vun der Égalité des chances an och vum Schäfferot, déi Zuel no uewen ze verbesseren. Am Laf vun de Gespréicher, ass du festgestallt ginn, datt dat awer dann net esou einfach ass.

Eist Uleies war et, elo och net nëmmen eppes ze maachen, wat herno um Paabeier gutt ausgesäit, mee ze kucken, datt et och de betroffenen Aarbechtnehmer dann och gutt dobäi geet. Dofir si mer frou, hei esou ee professionellt Encadrement ze hunn, datt Autisme Luxembourg eis zwee vun hire Betreier mat zur Verfügung stellt, déi, wéi gesot, ofwiesselend do sinn.

Dat war u sech och d'Recommandatioun vun Autisme Luxembourg. Well mer schafen hei fir d'Aarbechter eng spezifesch, a virun allem nei, Situatioun. An et weess een net, wéi si dat empfangen oder drop reagéieren. Et kënne gutt Gäertner sinn a bei hinnen zu Biekerech kann alles gutt lafen, well do, zum Beispill, méi an engem zouene Kader geschafft gëtt. Dat kann een awer net einfach esou 1:1 op Déifferdeng an eise Park transposéieren. Oder dovunner ausgoen, datt et identesch oder änlech oflafe géif.

Well si sinn op Verschiddenes vill méi sensibel. Et kann eppes virkommen, wouru mir vläicht emol net denken oder souguer wouerhuelen, wat fir si awer anescht ass a mécht, datt dëst si da géif extreem belaaschten.

An hei si mer jo och ausserhalb vun engem Atelier protégé, an engem Lieu pu-

4. Actes et conventions

blic. Also eng aner Plaz mat méi Kontakt mat Passanten. Dofir hu mer ons fir dës Variant elo mol entscheet.

Natierlech ass ugeduecht, datt een do kéint probeweis vläicht deen een oder deen anere spéider an enger vun eisen Ekippen integréieren. Ech mengen, an deem Spektrum gëtt et jo och vu bis.

Hei ass och de Virdeel, zu Biekerech platze se aus allen Néit. Esou kënne si weider Leit ophuelen, a si hu jo och ee Service jardinage an hirem Atelier protégé, wou si dann och emol Leit kënne mat bei eis bréngen, fir ze testen, fir ze kucken: Klappt et och ausserhalb vum Atelier oder net?

Ech denken, datt dat awer eng grouss Win-Win-Situatioun ass.

Vläicht nach, fir ze preziséieren: Biekerech ass, fir Lëtzebuerger Verhältnissen, e bësse méi wäit ewech. Mir hu mat hinne geschwat, fir besonnesch Leit vun Déifferdeng ze prioriséieren. Ech mengen, an dëser Saach soll een elo net Kierchtuermspolitik maachen, mee si hunn awer och ganz kloer gesot, si hätten der och aus dem Süden. Soudass dee ganzen Transport ewechfält a mer wierklech hei eppes Flottes schafe fir déi Leit, déi do betraff sinn.

Ech mengen, ech hätt op all d'Froe géintwert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Keng weider Wuertmeldung méi. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le crédit spécial concernant le contrat de prestation de services pour le projet Passerelle avec l'association Autisme Luxembourg ASBL.

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 4e), dat ass ee Contrat de bail commercial. Do ginn ech d'Wuert dem Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. An dësem Punkt geet et ëm ee Contrat de bail fir e Commerce op 4, Avenue de la Liberté, wou bis elo ee Kleedergeschäft war.

D'Lokal huet 82,45 Meterkaree plus eng Mezzanine vun 43 Meterkaree. D'Locatioun leeft op dräi Joer, an duerno mat enger Tacite à reconduction vu jee weils dräi Joer nees.

De Loyer ass dat éischt Joer 12 Euro de Meterkaree a geet all Joer ëm een Euro erop. Esou dass ee virun der Verlängerung op 15 Euro ass an duerno ugepasst gëtt, jee no Index.

D'Chargé fir Waasser, Kanal an Energiekäscht sinn op 200 Euro fixéiert.

Deen neie Commerce ass spezialiséiert op Eventer, wéi Familljefeieren, awer virun allem fir d'Dekoratioun. Net fir näischt heescht de Buttek dann och Happy Party.

Merci, fir dëst esou matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Wuertmeldungen/Froen dozou? Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Wéi den Här Wagner erkläert huet, ass et ee Geschäft, wat duerch eng aner Aktivitéit ersat gëtt. Wat mir begräissen, och säitens dem Comité d'accompagnement économique.

Et muss ee soen, et war vläicht e bëssen onglécklech, dat Geschäft virdrun. Hei hu mer jo d'Méiglechkeet, selwer ze decidéieren, wat fir ee Genre vu Commerce mer do erawëllen. Leider hat dat Geschäft virdrun net deen Usproch fonnt hei zu Déifferdeng. Soudass mer hoffen, dass dat hei eppes ass, déi Party-Organisatiounen – vu dass een hei an direkter Noperschaft keng esou Artikelen ze kafe kritt, do muss ee schonn e bësse méi wäit fueren –, wou mer hoffen, iw-

seulement de créer quelque chose qui paraît bien sur le papier, mais de veiller au bien-être des travailleurs concernés. Il se réjouit d'avoir un encadrement professionnel avec Autisme Luxembourg, qui met à disposition deux accompagnateurs en alternance.

Il précise que c'était la recommandation d'Autisme Luxembourg, car la situation de travail représente quelque chose de spécial et nouveau pour les travailleurs. Ces personnes peuvent être d'excellents jardiniers à Beckerich, où le travail s'effectue dans un cadre plus fermé, mais cette situation ne peut pas être transposée directement à Differdange, dans le parc de la Chiers. Ces personnes sont particulièrement sensibles à divers éléments auxquels nous ne penserions peut-être pas. Ici, ils travaillent en dehors d'un atelier protégé, dans un lieu public avec plus de contacts avec les passants. L'idée est d'essayer d'intégrer progressivement certaines personnes dans les équipes communales.

Il souligne l'avantage pour Beckerich, qui peut accueillir de nouvelles personnes et tester si le travail fonctionne également en dehors de l'atelier. Il considère cette situation comme gagnant-gagnant et précise que, même si Beckerich est relativement éloigné, ils ont discuté pour prioriser les personnes de Differdange, tout en accueillant aussi des personnes du sud pour éviter les problèmes de transport. (Vote)

THIERRY WAGNER (LSAP) présente un contrat de bail pour un commerce au 4, avenue de la Liberté, un ancien magasin de vêtements. Le local comprend 82,45 m², plus une mezzanine de 43 m². La location court sur trois ans avec tacite reconduction. Le loyer commence à 12 €/m² la première année et augmente d'un euro chaque année jusqu'à 15 €. Le nouveau commerce, spécialisé dans l'événementiel et la décoration, s'appellera Happy Party.

ERNY MULLER (LSAP) salue ce remplacement d'activité commerciale. Il reconnaît que le commerce précédent n'avait malheureusement pas

4. Actes et conventions

trouvé son public à Differdange. Il espère que ce nouveau concept, absent dans le voisinage immédiat, attirera des clients au-delà de Differdange.

La nouvelle locataire prévoit également d'organiser des ateliers au premier étage. Il apprécie le loyer échelonné et espère que la nouvelle exploitante connaîtra le succès qu'elle mérite.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) accueille favorablement l'installation de ce nouveau commerce dans un emplacement stratégique pour la revitalisation du centre ancien.

Elle se réjouit également qu'un accord temporaire ait été trouvé pour la gelateria, particulièrement important pendant les mois d'été qui sont revitalisants pour le centre-ville.

Laura Pregno souhaite beaucoup de succès à la dame concernée. Elle sait que cette personne possédait déjà un commerce à Differdange, qui a rencontré beaucoup d'écho à l'époque. La dame bénéficie d'une famille qui la soutient et dispose d'un réseau social stable à Differdange, ce qui simplifie considérablement les choses lorsqu'on peut prendre pied sur le territoire de la commune et créer des liens avec les consommateurs. Le chemin du consommateur vers le magasin devient ainsi beaucoup plus simple et celui-ci peut changer ses habitudes pour acheter ses décorations de fête localement plutôt que de se rendre dans une enseigne à Foetz ou à Messancy.

Elle souhaite beaucoup de succès et félicite le comité d'accompagnement économique pour sa réactivité, qui a permis de rendre cela possible.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) aborde un contrat de bail.

JERRY HARTUNG (CSV) explique qu'un appartement s'est libéré fin de l'année dernière à la suite du départ du locataire. En janvier, après un incendie, une famille y a été hébergée temporairement, mais est maintenant repartie. Comme il s'agissait d'une location de courte durée, la cellule logement s'est

wer Déifferdeng eraus, Interessé ze wecke fir dëse Commerce.

Déi nei Propriétaire oder Locataire huet wëlle, och Workshoppen ze maachen mat de Leit, wéi ee ka Fester schéin organisieren, wat een alles do ka maachen. Dat géif dann um éischte Stack do passéieren, wou och nach ee Raum zur Verfügung steet, wat jo och ganz positiv ass.

Begréissenswäert ass dee Loyer échelonné, wou een op ee Maximum vu 15 Euro kënnt, wat den Här Wagner sot, e gestaffelte Loyer. Wat och eng ganz positiv Saach ass.

Ech kann nëmme soen, ech hoffen, dass déi nei Exploitante deen néidege Succès huet, dee se verdéngt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci Här Muller. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Mir begréissen d'Installatioun vun engem neie Commerce. Sachant, dass et eng strateegesch Plaz ass fir d'Revitaliséierung vum alen Zentrum.

Mir begréissen an deem Kontext – am leschte Gemengerot hate mer jo intervenéiert, well d'Gelateria sollt zoumaachen –, begréisste mer, dass een Accord mol fonnt ginn ass fir eng temporär Léisung, nennen ech dat elo mol. À savoir, dass se vläicht net endgülteg ass, mee op d'mannst fir d'Summerméint. Ech denken, dass Summerméint awer ëmmer revitalisant si fir esou ee Stadkär, well d'Leit méi dobause sinn, et ass méi laang hell an et huet een einfach méi „Loscht“, soen ech entre guillemets, Suen ënner d'Leit ze bréngen.

Mir wënschen der Madamm op jidde Fall vill Erfolleg. Ech weess, dass si schonn ee Commerce hat zu Déifferdeng, deen an der Zäit och vill Uklang fonnt huet. D'Madamm huet eng Famill, déi hannendru steet, ee soziaalt stabilt Netz zu Déifferdeng, wat d'Saach och schonn e bësse vereinfacht,

wann een um Territoire vun der Gemeng konnt Fouss faassen a scho konnt mam Consommateur ubändelen.

Well dann ass vläicht de Wee vum Consommateur an de Buttek vill méi einfach an et ännert ee vläicht da seng Gewunnechten, fir seng Party-Dekoration do kafen ze goen, wéi dofir an eng Enseigne op Féiz oder op Messancy ze fueren.

Mir wënsche vill Erfolleg. Komplimenten un de Comité d'accompagnement économique, dass Der esou reaktiv waart an dat hei erméigleche konnt. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial concernant un local situé au 4, avenue de la Liberté à Differdange avec Nancy Jacqueline Zhingri Arreaga — Happy Party.

Ech soen Iech Merci. Punkt 4f), mir bleiwen am Park. Mir schwätzen iwwer ee Contrat de bail. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen, hei hu mer en Appartement, wat Enn lescht Joer fräi gouf, well de Locataire geplënnert ass. Duerno hate mer am Januar no engem Brand eng Famill hei temporär ënnerbruecht, déi elo nees eraus ass.

Vu datt et eng kuerzzäiteg Locatioun war, huet d'Cellule logement am Mäerz scho getaagt gehat, fir iwwer déi verschidde Kandidaturen op der Liste d'attente ze befannen.

D'Appartement huet zwou Schlofkummen um zweete Stack, ouni Lift. Laut Gesetz fir dës Gréisst, eegent et sech fir eng Famill mat engem Kand respektiv

4. Actes et conventions

der zwee, wann d’Kanner nach vill méi jonk wéi zwielef Joer sinn.

D’Cellule huet déi verschidde Kandidature gekuckt. Dir gesitt all d’Pièce vun der Cellule, de Kontrakt ass op der Cloud.

Wéi an der Vergaangenheet, huet d’Cellule och direkt ee Reservist festgehalten, fir de Fall, datt déi Éischt net géifen unhuelen oder sech géifen zrëckzéien. Ech bieden Iech, dës esou matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Froen oder eng Proposition? Nee. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le contrat de bail pour un logement locatif sis à Differdange au 1, rue du Parc-Gerlache.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 4g) ass eng Konventioun, eng Mise à disposition, och erëm vun engem Logement, wat zu Déifferdeng op 41, Avenue Charlotte ass. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Hei geet et ëm een Haus zu Déifferdeng, wou mir an den Office social an der Vergaangenheet Leit en détresse respektiv an enger Urgence ënnerbruecht hunn, mat soit engem direkte Kontrakt tëscht dem Locataire an der Gemeng, an an anere Fäll, wou mir en Zëmmer als Logement d’urgence un den Office social verlount hunn, fir datt si et dann un déi spezifesch Personnes en détresse sollte weider verlounen.

An deem Kontext muss ee wëssen, datt d’Gemeng, iwwer de Service vivre-ensemble, an den Office social ëmmer ganz enk zesummeschaffen, och wat d’Betreiung vun de Leit ugeet. Vun eiser Sait wéi vum Office social bestoung de Wonsch, fir d’Kontrakter méi eenheetlech ze gestalten. D’Zëmmere ginn elo

net méi eenzel verlount, mee d’Haus en bloc un den Office social. Si maachen dann eenheetlech Kontrakter vu Mise à disposition mat eeben de Locataires, déi an der Detresse oder an der Urgence sinn, pro Zëmmer.

Hannendrun ännert näischt. D’Ofrechnung vun de Chargë gëtt weiderhi pauschal gemaach. An eise Service vivre-ensemble schafft natierlech och weiderhin enk mam Office social zesummen, fir de Suivi vun de Locataires ze asurëieren.

Ech bieden Iech, dës Konventioun mam Office social esou ze validéieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Froen oder Wuertmeldungen? Mir kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la convention de mise à disposition de logements sis à Differdange au 41, avenue Charlotte (office social de Differdange).

Soen Iech Merci. Da kéime mer zu den Erklärungen vun de Punkte 4h) a 4i), déi relativ zesummen hänken. Den Här Hartung géif eis déi Erklärungen ginn. An da kucke mer, ob mer dat kënnen zesummen ofstëmmen. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Déi Punkte gehéieren iergendwéi zesummen, duerfir dann och gemeinsam zesummen d’Erklärungen.

Konkreet geet et ëm d’Lokalitéiten, zum enge vum Office social an zum anere vum ARIS, dee jo och zum Office social gehéiert.

Wéi geplangt, sollte si am Centre médico engersäits méi Plaz kréien an anerersäits regroupéiert ginn. A mer hu mat hinnen zesumme gekuckt, wéi dës am beschte kéint ëmgësat ginn.

réunie en mars pour examiner les différentes candidatures sur la liste d’attente.

L’appartement comprend deux chambres à coucher au deuxième étage sans ascenseur. Selon la loi, cette taille convient à une famille avec un enfant, ou deux si les enfants ont moins de 12 ans.

La cellule a examiné les différentes candidatures et a également désigné directement un candidat de réserve, au cas où le premier refuserait ou se désisterait.

(Vote)

Pour le point suivant, Jerry Hartung présente une convention concernant une maison à Differdange, où la commune et l’office social ont hébergé des personnes en détresse ou en urgence. Dans certains cas, il y avait un contrat direct entre le locataire et la commune, dans d’autres, ils louaient une chambre comme logement d’urgence à l’office social, qui la sous-louait ensuite aux personnes en détresse.

La commune, à travers le département du vivre-ensemble, et l’office social collaborent toujours étroitement pour l’accompagnement des personnes. Les deux parties souhaitent uniformiser les contrats. Les chambres ne sont plus louées individuellement, mais la maison est louée en bloc à l’office social, qui établit ensuite des contrats uniformes de mise à disposition avec les locataires en détresse ou en urgence, par chambre. Le décompte des charges reste forfaitaire et le département du vivre-ensemble continue de travailler étroitement avec l’office social pour assurer le suivi des locataires.

(Vote)

Concernant les locaux de l’office social et de l’ARIS, Jerry Hartung explique qu’ils doivent être regroupés au centre médical avec plus d’espace. Actuellement situés au premier étage, avec la moitié du cinquième et tout le septième étage, ils occuperont désormais les premier et troisième étages pour l’office social, et tout le quatrième étage pour l’ARIS. Ils conservent la grande salle de réunion au septième étage pour les réunions internes. Les troisième et quatrième étages

4. Actes et conventions

ont été entièrement réaménagés et repeints.

Le déménagement s'est bien déroulé. Les deux contrats sont datés rétroactivement au 1er avril. Deux contrats distincts sont nécessaires, car l'ARIS est financé à 100 % par le ministère de la Famille, tandis que l'office social l'est à 50 % par le ministère et 50 % par la commune. Dans environ trois ans, ils espèrent tous déménager dans le nouveau bâtiment communal une fois l'extension terminée.

ERNY MULLER (LSAP) remercie le collège échevinal pour l'accord rapide trouvé. Il a fallu attendre que les locataires précédents, l'administration fiscale et l'ADEM libèrent les lieux. Les locaux étaient en bon état. L'effectif du personnel de l'office social ayant augmenté, de nouveaux bureaux étaient nécessaires, d'où cette extension.

Erny Muller explique que l'objectif consiste à maintenir les couts aussi bas que possible. Il aurait été préférable de prendre les étages 1, 2 et 3 plutôt que 1, 3 et 4, mais cela aurait nécessité de nombreuses transformations au deuxième étage, entraînant des couts plus élevés qu'ils souhaitent éviter.

Il évoque ensuite la nécessité de quitter le septième étage en raison de fortes infiltrations d'eau qui s'y produisaient, même si la situation s'est maintenant améliorée et que les problèmes ont été examinés. La salle de réunion était également touchée, mais c'est la seule grande salle qui était pratiquement terminée et utilisable sans transformations. Ils ont donc décidé de continuer à l'utiliser tout en gardant la situation sous surveillance. Il indique avoir discuté avec le collège échevinal et le bourgmestre de la nécessité de sécuriser le bâtiment contre les infiltrations.

Concernant les bureaux, il affirme qu'ils sont en bon état. Il aborde ensuite la situation future de l'office social et de l'ARIS mentionnée par monsieur Hartung. Il explique qu'ils examinent en interne ces questions, car ils ont maintenant besoin de plus d'espace que ce qui était initialement prévu dans le projet. Le centre médical convient parfaitement pour des activités de bu-

Aktuell befinde ich mich im ersten Stock, ich komme zum ersten Stock an nach dem ganzen ersten Stock. An Zukunft werde ich dann wohl ganz Stöck an zwar den ersten an den dritten Stock, für alles, was Office social ist, an den ganzen vierten Stock für den ARIS.

Des Weiteren wollte ich mich im ersten Stock den großen Versammlungsraum beibehalten für intern Reunionen. Was, ob ich Wunsche, ob die zwei Kontrakte aber aufgesplittet geht.

Den dritten an den vierten Stock, wo ich wohl bleiben, habe ich ganz neu amnagiert, und umgestaltet. D'Leit ich scho geplänert, alles auch gutt immer d'Büngaang.

Die zwei Kontrakte laufen zünder dem 1. April, also rückwirkend ich se am 1. April datiert.

Für die zwei Kontrakte? Ich bin inner-schidlich bezüht. Den ARIS zu 100 % vom Familienministerium. An den Office social zu 50 % vom Familienministerium an die ander 50 % von der Gemeng.

Die nächste Etappe, an hoffentlich drei Joer plus/minus, heescht dann, dass ich mit all ich Servicer bei eis zusammen an die neu Gemeng kommen, wann den Ausbau färdig ist.

Ech bieten ich, des zwei Kontrakte mitzustimmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci für die Erklärungen, Här Hartung. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Bürgermeeschter, für d'Wuert. Kolleginnen und Kollegen aus dem Schaffen- und Gemengerot, Dir gesitt, dass mich Ennerschreft do mit drop ist. Ech wollt dem Schäfferot Merci soen, dass mich schnell ein Accord fonnt hunn. Et huet natierlich mich gewahrt ginn, bis d'Locatairen heraus waren, dass war engersäits d'Steierverwaltung an andersäits d'ADEM. Die Raimlechte sinn dunn zur Ver-

fügung komm. Die meescht waren an engem gudden Zustand.

Dir wësst, dass mich d'Ziel vom Personal vom Office social eng Partie eropgesat hunn. Soudass mich neu Büro gebraucht hunn. Das heescht, mich hunn eis misse vergrössern.

Et ist gekuckt ginn, der Käschtpunkt esou kleng wie möglich zu halten, weil es war ja mein ideal gewiescht, mich hätten d'Stück ein, zwei an drei geholl amplatz ein, drei a vier. Mich dann hätte mich missen um zweite Stock vill Transformatione maachen, dass war mein ee grouse Käschtpunkt ginn. An das wollte mich emgoen.

Für was mich mich aus dem ersten Stock herausgoen? Ein Moment ware ganz staark Wasser-Infiltrationen do am dem Stock, die sech aber elo verbessert hunn. Die Saache ich gekuckt ginn.

Die Reunionssall war auch betrafft, mich dass ich den eenzege Sall, den am Fong färdig war als esou ee grössere Sall, den ein ouni Transformatione konnt weiter benutzen. Duerfür mich mich gesot, mich gräifen op den zreck, behalten d'Saach am A. Mich hunn eis mich Schäfferot a mich Bürgermeeschter auch innerhalten, dass mich aber elo solle kucken, für das Gebai, an dem Senn, sécher zu kriegen, dass Infiltrationen, also die Saachen, ob d'mannst net mein der Fall sinn.

Für der Rescht sinn die Büros okay. Das ist an der Rei.

Den Här Hartung hat die zukünftige Situation vom Office social a von der ARIS ugeschnitten. Mich kucken intern nach eng Käier no, was do war. Mich brauche ja auch elo mein Platz, wie demools scho geplangt war, an dem Projekt. Duerfür wollte mich die Situation elo nach eng Käier kucken.

Well, es muss ein aber soen, der Centré médico eegent sech ganz gutt für Bürosaktivitäten a für administrativ Servicer. An auch wier frau, was mich das Gebai erem geife voll kriegen. Well es ist ja auch eng Einnahmequelle für eis Gemeng. Duerfür ist es wichtig, vu dass eventuell Projekten, die do geplangt waren an elo aber net mein direkt esou akut sinn, für das Gebai an ein Zustand zu verset-

4. Actes et conventions

zen, dass mer Bürosaktivitéiten do hunn.

Dat ass jo och am Interêt vun eisem Stadzentrum. Mir schwätzen iwwer de Commerce. Ech mengen, wa mer am Stadzentrum esou Aktivitéiten hunn, da kann de Commerce och dovun profitéieren.

Fir de Rescht, géif ech mer wënschen, dass deen Accueil do e bësse méi frëndlech oder accueillant wär vis-à-vis vun de Leit, déi do higinn. Dat ass e bëssen, wann een dat kuckt, déi Haaptraim, déi sinn um Rez-de-chaussée, wou ee kéint ee flotten Accueil maachen. An da kënnt een op den éischte Stack an ee kleng Schloff, an da freet ee sech: Wou kënns de dann elo hei hin?

Et soll een ëmmer kucken, dass d'Leit deen Accueil kréien oder och déi Ëmstänn do fannen. Wa se dann dobanne sinn, hu mer natierlech elo e Raum, wou d'Leit sech kënne dann och ophalen, ënner normale gudde Konditiounen. Mee dat si Saachen, wann een haut eng sougenannte Maison sociale plangt, plangt een dat ganz anescht. Dat ass net reng nëmme Administratioun, wou da Büro sinn.

Mee do sinn och alleguer nach déi Annexen, déi wichteg sinn, fir esou Leit ze empfänken. Fir anstänneg mat hinnen ze schwätzen, fir hinnen aner Informatiounen weiderzeginn, also am Fong och e sozialen Encadrement oder d'Interessen allgemeng, vun deem, wat si am Fong interesséiert misst, an och dat ukléng loosse. Dat sollt een Deel vun der Betreierung sinn, déi do geschitt am Office social.

Nach eng Kéier Merci un de Schäfferot, dass mer awer elo déi Raimlechkeeten hunn, déi mer brauchen. Fir de Moment kënne mer do ganz korrekt schaffen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci fir déi positiv Wieder. Et ass vill matene geschwat ginn an zesumme gekuckt ginn, déi bescht Léisungen ze fannen.

Dir hutt den Accueil an d'Beschrëftung ugeschwat. Dat ass an der Maach. D'Beschrëftung wollt mer elo net am Virfeld scho maachen, net datt d'Leit schonn op de falsche Stack lafen. Do wollt mer elo waarden, bis se wierklech installéiert sinn. Si sinn am Mount Abrëll geplënnert, hin an hier, an do hunn och eis Servicer ganz vill geholf.

Wat d'Plazen am Medico ugeet, ausser de siwente Stack, ass elo net méi allze vill do fräi. Et sinn nach aner Aktivitéiten dran. Um siwente Stack, do hate mir jo och eng Reserv virgesinn, fir wann e Problem dës Wanter sollt sinn. Wéi Dir selwer sot, do waren Aarbechten am Laf vum leschte Joer gemaach ginn, soudatt net huet missen op déi aner Büros zrëckgegraff ginn. Dat heescht, mer hoffen, datt dat och e bëssen elo uerdentlech ass.

Mir wollt elo mol um siwente Stack déi Büros nach ee Moment fräi loosse, fir sécher ze sinn, datt dat wierklech an der Rei ass.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Just ee klengen Zousaz. Den Här Hartung huet mech am Fong elo do drop bruecht. Mee ech hunn dat och schonn intern gesot: Do si jo nach ëmmer Schëlter vun der ADEM a souguer vun der Steierverwaltung, an ech hu gesot, déi missten onbedéngt ewechkommen. Well allkéiers, wann ech an d'Gebai ginn, da begéinen ech Leit, déi sichen no der ADEM an esou weider. Vir op der Dier ass nach ëmmer ee ganz grousst Schëld, dass d'ADEM vun esou vill bis esou vill Auer op ass. Ech mengen, déi Saache muss mer elo ...

reaux et des services administratifs, et il serait heureux de voir le bâtiment à nouveau pleinement occupé.

Il souligne que c'est une source de revenus pour la commune et qu'il est important de transformer le bâtiment pour accueillir des activités de bureaux, même si certains projets initialement prévus ne sont plus aussi urgents. Cela profiterait également au centre-ville, car ces activités pourraient stimuler le commerce local.

Il exprime le souhait que l'accueil soit plus chaleureux pour les visiteurs. Les espaces principaux au rez-de-chaussée permettraient de créer un bel accueil, mais actuellement, en arrivant au premier étage par un petit escalier, on se demande où aller. Il insiste sur l'importance d'offrir de bonnes conditions d'accueil.

Aujourd'hui, une maison sociale moderne ne se limite pas à l'administration avec des bureaux, mais comprend tous les espaces annexes nécessaires pour accueillir dignement les gens, discuter avec eux et leur transmettre des informations dans le cadre d'un encadrement social complet.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie les conseillers communaux pour les mots positifs et confirme que beaucoup de discussions ont eu lieu pour trouver les meilleures solutions. Concernant l'accueil et la signalisation, il précise que c'est en cours. Ils ont préféré attendre l'installation effective, prévue en avril, avant de mettre la signalisation pour éviter que les gens ne se dirigent vers les mauvais étages.

Pour les espaces du centre médical, peu restent disponibles, hormis le septième étage. Une réserve avait été prévue au septième étage en cas de problème cet hiver. Les travaux effectués l'année dernière ont permis d'éviter de recourir aux autres bureaux. Ils préfèrent laisser ces bureaux libres encore un moment pour s'assurer que tout est vraiment en ordre.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que des panneaux de l'ADEM et de l'administration fiscale sont encore présents et doivent absolument être

4. Actes et conventions

retirés, car des gens cherchent encore ces services.

JERRY HARTUNG (CSV) *confirme que c'est en cours et qu'un inventaire a été fait. Un accueil sera installé pour guider les visiteurs, et la salle de formation aménagée apportera de l'animation.*

(Vote)

Jerry Hartung aborde un avenant concernant le Karro pour l'hébergement provisoire de demandeurs d'asile avec l'ONA. Il explique que la guerre en Ukraine reste malheureusement une réalité sans solution en vue, avec toute la misère humanitaire que cela engendre. L'ONA demande donc de prolonger la structure d'accueil des réfugiés au Karro d'une année supplémentaire.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *note qu'il s'agit de prolonger le contrat avec l'ONA jusqu'en mars 2026, ce qui ne pose pas de problème.*

Il mentionne toutefois que le budget 2025 prévoit une recette de 12,6 millions d'euros pour le bâtiment Karro. Il souligne une incohérence. Il estime qu'une explication est le minimum requis, rappelant que, lors du budget, on a déjà tenté de minimiser ce thème. Il demande que les informations nécessaires leur soient transmises.

JERRY HARTUNG (CSV) *répond volontiers à cette demande d'explication. Concernant le dossier Karro, il indique avoir déjà eu des échanges avec l'ONA et le ministère de la Famille au sujet des 12,6 millions d'euros. Il présente deux options possibles.*

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Dat ass schonn an der Maach. Mir hatten eis Leit eng Kéier duerch d'ganz Gebai geschéckt, fir ze repertoriéieren: Wien ass nach do? Wien ass net méi do? Dat hu mer op der Gemeng. Mee et ass ëmmer méi einfach, et geet ee sur place, fir dat ze kucken.

Dat ass gemaach. Déi Schëlter, déi sollen natierlech och ewechkommen. An och am Accueil soll herno een enne setzen, elo net eng Sécherheetsfirma, mee fir d'Leit e bëssen ze guidéieren, deem natierlech dann och do schaffe kann. Mir hu jo och do niewendrun dee Formatounssall amenagéiert. Do kënnt Liewen dran.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Mir géifen zur Ofstëmmung komme vun de Punkte 4h) a 4i). Géifen déi zesummen ofstëmmen, wann Der domat Accord sidd. Jo.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec l'office social de Differdange pour les besoins des agents régionaux d'inclusion sociale Aris dans un immeuble sis à Differdange dans la Grand-rue n° 23.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le troisième avenant au contrat de bail avec l'office social de Differdange dans un immeuble sis à Differdange, Grand-rue n° 23.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 4j) ass en Avenant zu enger Konventioun betreffend de Karro, eng Convention d'hébergement provisoire fir Demandeurs d'asile am Zesummenhang mam ONA. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Leider, wa mer d'Noriichte suivéieren, gesäit een, de Krich an der Ukrain ass

nach ëmmer Wierklechkeet. An, leider, keng Léisung sou richtig a Siicht, mat, ënner anerem, deem ganzen humanitären Misär, deem dëst mat sech bréngt. Dofir freet d'ONA, fir d'Flüchtlingsstruktur am Karro ëm ee weidert Joer ze verlängeren. Wat mer da mat dësem Avenant maache géifen an ech Iech bidden, deem zouzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Eng Wuertmeldung zu deem Avenant? Den Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Hei geet et drëms, de Kontrakt mat ONA bis Mäerz 2026 ze verlängeren. Sou wäit, sou gutt. An och kee Problem.

Et geet ëm dat sougenannte Gebai Karro, fréier Gulliver Tower, matten an Déifferdeng. Am Budget fir 2025 steet eng Recette vun 12,6 Milliounen Euro betreffend d'Gebai Karro, dat mam Libellé: „Prise en charge à 100 % des coûts d'acquisition avec l'objectif de la mise à disposition des logements à des familles des réfugiés pendant 40 ans.“

Elo solle mer eng Konventioun stëmmen, fir d'Gebai weiderhi bis Mäerz 2026 zur Verfügung ze stellen. Do passt elo iergendeppes net zesummen.

Ech mengen, do feelt eis eng Erklärung. Ech mengen, dat ass dat mannst, wat ee ka soen. Well scho beim Budget gouf probéiert, dat Theema e bësse kleng ze halen. Vlächent kënnt Der eis do dat Néidegt nach zoukomme loossen. Merci.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Jo, richtig. Déi Erklärung kritt Der ganz gären. Wéinst dem Karro hate mer schonn Echängë mat der ONA an dem Familljeministère, fir eeben déi 12,6 Milliounen Euro.

Hei gëtt et u sech zwou Optiounen. Déi eng, déi wier iwwe de Logement abordable, also de Logementsministère. Do géife mir Propriétaire bleiwen, kréichen et zu 100 % subventionéiert. Kréichen

4. Actes et conventions

esou déi 12,6 Milliounen Euro eraus. An dat wär da fir 40 Joer. Mee wärend och fir all déi ufalend Aarbechten zoustänneg. Mir hätten awer näischt méi dra matzebestëmmen, well mer et jo awer dann iergendwéi ofginn hätten un d'ONA.

Déi aner Optioun wär de Verkaf un de Staat, an do wär de Finanzministère be-
trafft, da géife mer och eis Sue kréien. Do wiere mer och ganz eraus.

Doriwwer hu mer mat hinne geschwat. Si hu sech verpflichtet, souwuel mam Logementsministère wéi mam Finanzmi-
nistère Kontakt opzehuelen, an do eng Entrevue zu dräi, also de Familljemi-
nistère, ONA mat deem betraffene Mi-
nistère an eis, dann ze maachen, sech
zesummen un en Dësch ze sëtzen, fir ze
kucken, wéi eng Pist mer do kënne
poursuivéieren.

Mee et ass wéi iwwerall, et sinn u sech
europäesch Gelder, déi hannendru fléis-
sen, wou dann och d'Prozeduren an
d'Gesetzer mussen agehale ginn.

Deementspriedend hu se eis ze verstoe
ginn, datt dat net esou séier goe géif,
wéi mir eis dat géife wënschen. Si ginn
dovunner aus, datt dat fréistens fir
2026 kéint ëmgesat ginn. Duerfir hu
mer elo ëm ee Joer verlängert. Mer hof-
fen dann um Enn vum Joer do méi
schlau ze sinn, nodeem mer eis mat dee-
nen zwee Ministère zesummen un den
Dësch gesat hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dat bedeit also, datt déi 12,6 Milliounen, déi am Budget 2025 als Recette stoungen, net wäerte fléissen, dëst Joer?

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Richtig!

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Weider Wuertmeldungen zu där Konventioun mat der ONA? Mir géifen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention Karro relative à la mise à disposition de structures pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection nationale signées avec l'Office national de l'accueil (ONA).

Ech soen Iech Merci. Punkt 4k), do ginn ech d'Wuert un den Här Wagner, wannechgelift, fir eis Erklärungen dozou ze ginn.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. An dësem Punkt geet et ëm een Avenant zu der Konventioun tëscht der Gemeng an dem Motoclub Black Wolves ASBL.

D'Konventioun huet misse geännert ginn, an deem Sënn, dass et eng reng Mise à disposition ass, wou déi reell Fraise gekuckt ginn, vu dass d'Gebai jo dem Staat gehéiert. An dëst par analogie zu den Artisten, déi hir Atelieren an dësem Gebai hunn.

Den Här Buergermeeschter hat dat jo scho virdrun erkläert.

Et ass ee Forfait pro Joer an Héicht vu 6.000 Euro hors TVA, fir d'Charge locative ofzedecken. De Montant huet zu der viregter Konventioun net geännert. Merci, fir dësen Avenant matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Wagner. Den Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Nous avons une objection la der-

La première passerait par le logement abordable, à travers le ministère du Logement. Dans ce cas, la commune resterait propriétaire et obtiendrait une subvention à 100 %, récupérant ainsi les 12,6 millions d'euros pour une durée de quarante ans. Cependant, la commune serait responsable de tous les travaux à venir et n'aurait plus aucun pouvoir de décision, ayant cédé la gestion à l'ONA.

La seconde option consisterait à vendre à l'État, impliquant alors le ministère des Finances. La commune récupérerait son argent et serait totalement dégagée de toute responsabilité. L'échevin précise avoir discuté de ces options avec les parties concernées. Ces dernières se sont engagées à prendre contact avec le ministère du Logement et le ministère des Finances pour organiser une réunion tripartite réunissant le ministère de la Famille, l'ONA, le ministère concerné et la commune, afin d'examiner quelle piste poursuivre.

Il souligne cependant que, comme partout, il s'agit de fonds européens, impliquant le respect de procédures et de lois spécifiques. Les interlocuteurs ont fait comprendre que le processus ne serait pas aussi rapide que souhaité, estimant que la mise en œuvre ne pourrait intervenir qu'en 2026 au plus tôt. C'est pourquoi la convention a été prolongée d'un an. L'échevin espère avoir plus d'informations d'ici la fin de l'année, après la réunion avec les deux ministères.

FRANÇOIS MEISCH (DP) intervient à nouveau pour clarifier que les 12,6 millions d'euros inscrits comme recette au budget 2025 ne seront donc pas versés cette année, ce que monsieur Hartung confirme brièvement.

(Vote)

THIERRY WAGNER (LSAP) propose un avenant à la convention entre la commune et le Motoclub Black Wolves ASBL. Il explique que la convention a dû être modifiée pour devenir une simple mise à disposition, où seuls les frais réels sont facturés, le bâtiment appartenant à l'État. Cette modification s'aligne sur le modèle appliqué aux artistes

5. Règlements communaux

ayant leurs ateliers dans le même bâtiment.

Un forfait annuel de 6000 € hors TVA couvre les charges locatives, montant inchangé par rapport à la convention précédente.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) exprime son soutien à ce contrat, rappelant leur objection précédente concernant la facturation d'une location pour une ASBL dans le cadre d'une mise à disposition d'un bâtiment communal. Il se réjouit qu'il s'agisse désormais uniquement de la facturation des charges. (Vote)

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente ensuite la prolongation de quatre mois de la convention avec Luxembourg Center for Circular Economy, jusqu'au 30 juin 2025. Elle demande l'approbation du conseil en raison du beau succès rencontré par The MuD, le musée du Déchet, à Differdange.

(Vote et pause)

Zenia Charlé reprend la parole pour présenter les modifications du règlement de circulation, incluant diverses adaptations, comme l'ajout de panneaux, de passages piétons, la limitation de vitesse à vingt kilomètres à l'heure au Fond-de-Gras, et l'aménagement de places de stationnement de trente minutes près du cimetière d'Oberkorn à la suite des remarques des citoyens.

Elle présente ensuite les modifications concernant Lasauvage. Elle explique qu'elle expose les points principaux et invite les conseillers à poser des questions concrètes s'ils en ont.

La vignette résidentielle est introduite dans tout le village de Lasauvage. Sans vignette, le stationnement est limité à 90 minutes maximum avec disque. Les quatre petits parkings — celui du cimetière, les deux parkings autour de l'école et celui près de l'église — sont limités à quatre heures. Cette disposition permet aux personnes assistant à des événements ou festivités, ou souhaitant se rendre au cimetière ou se promener en forêt d'utiliser ces parkings pendant quatre heures. Les résidents munis de la vignette résidentielle peuvent y sta-

nière fois que la mise à disposition était facturée, dont la location. Ceci, parce qu'on trouve qu'une ASBL ne devrait pas payer une location dans le cadre de la mise à disposition d'un bâtiment communal.

Dans ce cas, ici, c'est juste la facturation des charges. Nous soutenons ce contrat. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant à la convention de mise à disposition d'un local situé aux 88 et 88A de la rue Principale à Lasauvage avec Clubhouse Black Wolves ASBL.

Ech soen Iech Merci. Mir kéimen zum Punkt 4e). Madamm Charlé, wannech-gelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Et geet ëm eng Verlängerung vun der Konventioun mat Luxembourg Center for Circular Economy Sàrl – SIS, déi mer am Gemeenterot de 27. September 2024 gestëmmt hunn.

De MuD, de Musée du Déchet, gëtt véier Méint verlängert, also bis den 30.6.2025. Ech géif Iech bidden, dëst matzestëmmen, opgrond vum flotten Erfolg, deen de MuD hei zu Déifferdeng huet. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Eng Wuertmeldung? Nee. Mir kommen zum Vott. Ech proposéieren, nom Vott zéng Minutte Paus ze maachen, ier mer de Punkt 5 op de Leescht huelen. Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention avec le Luxembourg Center for Circular Economy SÀRL-SIS en relation avec l'exposition temporaire The MuD.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer eis an zéng Minutten erëmgesinn, no eiser klenger Paus. Merci.

(Paus)

Merci. Da kéime mer zum Punkt 5a), de Gemengereglementer. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, fir eis déi Modifikatiounen ze erklären, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Am Gemengereglement fanne mer méi oder manner kleng Upassungen, zum Beispill C18- oder C19-Schëlter op Plazen, wou deelweis Abus bedriwwen gouf beim Stationéiere respektiv Parken. Dann hu mer eng jett Plazen, wou Zebrastreife bäikommen hei an der Gemeng. Et gëtt och eng Verlängerung vun der Liwwerplaz bei der Post, eng Vitess-Limitatioun op 20 km/h am Fond-de-Gras, ab deem Moment, wou d'Borne steet.

Dann hu mer en zousätzleche Busarrêt, deen an der Lonkecher Strooss zu Nidderkuer bäikënnt. Dann hu mer markéiert 30-Minutte-Plazen op den éischte Plaze beim Uewerkuerer Kierfecht, vu datt dee ganz vill benotzt gëtt, an d'Leit, déi op de Kierfecht kommen, oft ganz wäit ewech da mussen hannen um Parking stoen. Bierger hunn eis dorop opmierksam gemaach. Dofir hu mer versicht, dat esou séier wéi méiglech nach matzehuelen.

Dee gréissten Deel vum Reglement beinhaltet d'Changementer zu Lasauvage. Hei géing ech eng Kéier d'Hauptpunkten duerchhuelen. Wann Dir méi konkret Froen hutt, kënnt Der déi natierlech gäre stellen.

Déi gréissten Deel ass am Fong, datt mer am ganzen Duerf zu Lasauvage d'Vignette résidentielle aféieren. Dat

5. Règlements communaux

heescht Leit ouni Vignette däerfe maximal 90 Minutte parken, mat Disk.

Déi véier kleng Parkingen, de Parking beim Kierfecht, déi zwee Parkinge ronderëm d'Schoul an de Parking bei der Kierch sinn op véier Stonne limitéiert. Wann Evenementer oder Festivitéite stattfannen oder Leit gären op de Kierfecht ginn oder an de Bësch spadséieren, datt een déi Parkingen notze ka fir véier Stonnen. D'Bierger mat Vignette résidentielle kënnen esou laang do stoen, wéi se wëllen.

Dann hu mer en Déplacement vum Busarrêt. De Busarrêt gëtt zéng Meter no vir geréckelt, fir datt d'Leit kënnen laanschtfueren, wann de Bus op d'Kanner waart nieft der Schoul, dass kee Stau do entsteet, bis d'Kanner ageluede sinn.

Dann hu mer dräi Zebrasträifen an der Rue Principale: eng Kéier an der Entrée vum Duerf, eng Kéier direkt bei deem zukünftege Busarrêt an eng Kéier am Ausgang vum Park, ongeféier an der Mëtt vum Park.

Dann hu mer eng kuerz Streck, déi als Vëloswee virgesinn ass, dëscht Richtung Kierfecht aus der Rue Principale eraus.

An der Rue Principale, direkt no der Schoul, wou et op de Bierg geet, hu mer virgesinn, e Camionnettë-Parking ze maachen. D'Camionnetten däerfen net méi am Duerf parken, mee just nach am Bierg. D'Leit, déi am Duerf wunnen, hu relativ vill Probleemer, fir Plazen ze fannen, zemools, well et schmuelt Haiser sinn, an d'Camionnettë gäre mol esou laang si wéi zwee Haiser. Wat heescht, datt d'Leit da keng Plaze méi fannen.

D'Camionnettë kënnen do parken. Och d'Bierger däerfen natierlech ganz normal mat hirer Vignette hei am Bierg stoen. Dëscht zielt ab 18:00 Auer owes.

Dat heescht am Dag kann och eng Camionnette natierlech ganz normal bei engem Chantier stoen. Dat ass natierlech kee Problem.

Da kënnt ee Sens unique an der Rue de la Crosnière. Wéi Der vläicht gesinn hutt, ass de Sens unique an der Rue des Mineurs kuerzzäiteg nach erausgeholl ginn. Dat, well ee Grupp vu Bierger hei

nogefrot huet, fir deen awer dann deen anere Wee ze dréien. A vu datt d'Bierger sech do net ganz eens sinn, wéi se dat léiwer gären hätten, géife mer déi be-
traffe Leit, déi do wunnen, vläicht selwer ofstëmme loossen. Mir géifen dat dann deemnächst och virhuelen. Dofir aktuell just de Sens unique an der Rue de la Crosnière.

An da wäerte mer eis och d'Aarbecht maachen, fir Verschiddenes nei ze zeechnen an nach méi opmierksam op d'Rietsvirfaarten ze maachen an der 30er-Zon.

Dat war e bësse méi grob. Wann dozou awer elo méi konkreet Froe sinn, kënnt Der Iech ganz gäre mellen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. D'Madamm Engel, wannechgelift.

MORGAN ENGEL (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Merci, Madamm Charlé, fir déi vill Informatiounen.

Mir haten Enn Abrëll eng Reunioun mat de Biergerinnen an de Bierger vu Lasauvage organiséiert, fir hinnen nozelauschteren an hir Suergen an Iddien opzehuelen. Et war eis immens wichteg, eng oppen an éierlech Kommunikatioun ze féieren, wou jiddereen zu Wuert komme sollt.

Mir soen all den Awunner ee grouse Merci fir hir Presenz, hir Oppenheet an hir wichteg Bäitrag. Opgrond vun deem, wat mir héieren hunn, setze mir eis elo geziilt dofir an, d'Fuerderungen an d'Wënsch vun de Leit esou gutt wéi méiglech ëmzesetzen.

Mir bleiwen an enkem Dialog mat de Bierger a wäerten d'Projeten, déi am Interesse vun der Gemeinschaft sinn, aktiv virundreiwen. Merci.

tionner aussi longtemps qu'ils le souhaitent.

L'arrêt de bus est avancé de dix mètres pour permettre aux véhicules de passer lorsque le bus attend les enfants près de l'école, évitant ainsi la formation d'embouteillages pendant que les enfants montent. Trois passages piétons seront aménagés sur la rue Principale : un à l'entrée du village, un juste avant l'arrêt de bus et un à la sortie du parc, situé à mi-chemin de celui-ci. Un court tronçon est prévu comme piste cyclable en direction du cimetière, sortant de la rue Principale.

Dans la rue Principale, directement après l'école, où la route monte, un parking pour camionnettes est aménagé. Les camionnettes ne peuvent plus stationner dans le village, mais seulement sur la colline. Les habitants du village rencontrent relativement beaucoup de problèmes pour trouver des places, notamment parce que les maisons sont étroites et que les camionnettes peuvent être aussi longues que deux maisons, empêchant les habitants de trouver des places. Les résidents peuvent naturellement stationner normalement avec leur vignette sur la colline. Cette règle s'applique à partir de 18 h. En journée, une camionnette peut évidemment stationner normalement près d'un chantier.

Un sens unique est instauré dans la rue de la Crosnière. Le sens unique dans la rue des Mineurs a été temporairement supprimé, car un groupe de citoyens a demandé de l'inverser. Les citoyens n'étant pas unanimes sur leur préférence, la commune propose de faire voter directement les habitants concernés. Cette consultation sera organisée prochainement. Actuellement, seul le sens unique de la rue de la Crosnière est maintenu. Des travaux de marquage seront réalisés pour mieux signaler les priorités à droite dans la zone 30.

MORGAN ENGEL (LSAP) remercie madame Charlé pour les informations. Elle évoque la réunion organisée fin avril avec les citoyens de Lasauvage pour écouter leurs préoccupations et idées. Elle souligne l'importance d'une communication

5. Règlements communaux

ouverte et honnête, où chacun peut s'exprimer. Elle remercie tous les habitants pour leur présence, leur ouverture et leurs contributions importantes.

Sur la base de ce qui a été entendu, l'équipe s'engage maintenant de manière ciblée à mettre en œuvre les demandes et souhaits des habitants aussi bien que possible. Elle affirme maintenir un dialogue étroit avec les citoyens et faire avancer activement les projets dans l'intérêt de la communauté.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate que le conseil communal n'était pas invité à l'assemblée citoyenne mentionnée dans l'ordre du jour de la Commission de la mobilité. Elle indique avoir reçu une réponse rapide de madame Charlé expliquant qu'il s'agissait d'une réunion d'information uniquement pour les citoyens. Elle trouve étrange d'entendre madame Engel, conseillère et habitante de Lasauvage, parler comme si elle y avait participé.

(Interruption)

Laura Pregno se réjouit qu'on lui ait confirmé que les futures assemblées citoyennes seraient communiquées, estimant que les membres du conseil communal, élus par les citoyens, devraient pouvoir y assister à titre informatif.

GUY ALTMEISCH (LSAP) explique que les assemblées citoyennes sont généralement des réunions de quartier pour lesquelles ils n'invitent pas systématiquement tous les ménages, mais font plutôt un appel ciblé aux habitants concernés. Il reconnaît cependant qu'ils pourraient rendre ces réunions plus accessibles politiquement.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) rappelle que le conseil communal avait été invité lors des phases II et III des travaux à Niederkorn, qui étaient aussi spécifiques à un quartier. Elle demande une clarification sur ce qui constitue une réunion de quartier et sur les critères d'invitation du conseil communal pour plus de transparence.

(Vote)

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci Madamm Engel. Madamm Pregnno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert.

Ech wollt bemierken, wéi ech dat scho per Mail gemaach hat, dee Moment, wou mer iwwer d'Invitatioun oder iwwer den Ordre du jour vun der Mobilitétskommisissoun gewuer gi sinn, dass de Gemengerot net zu där Biergerversammlung do ageluede war – ech hat och do ganz schnell eng Äntwert vun der Madamm Charlé kritt, wou ech frou driwwer war, wou et geheescht huet, dass et u sech eng Informatiounsversammlung gewiescht oder geduecht wär just fir d'Bierger.

Wann ech awer dann elo héieren, dass d'Madamm Engel als Conseillère, an dann natierlech och als Awunner vu Lasauvage, do war, da fannen ech dat awer e bësse komesch.

(Ënnerbriechung)

A, d'Madamm Engel war net do? Mee d'Madamm Engel huet awer elo esou geschwat, wéi wa si do gewiescht wier. Dann hunn ech dat vläicht falsch verstanen.

Ech wär awer frou, an ech krut dat jo dann och gesot, dass an Zukunft esou Biergerversammlunge géife kommunizéiert ginn.

Ech mengen, d'Memberen aus dem Gemengerot si jo vun de Bierger gewielt an et ass dann och interessant, wann een do ka lauschtere kommen, einfach och purement informatif, dass een einfach do dat aus éischter Hand ka matkréien. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech wëll dozou soen, dass mer op Biergerversammlungen, dat si jo awer meeschtens Quartiersversammlungen, dass mer do net tous les ménages ëmmer invitéieren, mee dass mer do en Opruff maachen, méi quartiersbezunn

a méi awunnerbezunn. Mee Dir hutt awer net Onrecht, dass mer dat och kënne da politesch méi populär maachen. Jo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ech wëll just bemierken, wou zu Nidderkuer d'Phas 2 an d'Phas 3 vum Chantier war, am Zentrum, do ass de Gemengerot invitéiert ginn. Dat ass och quartiersbezunn. Da musst Der vläicht delimitéieren oder erklären, wat quartierbezunn ass a wat de Public cible ass, dass mer einfach eng Linn drakréien, wéi a wou d'Leit oder wéini de Gemengerot invitéiert gëtt a wéini net. Dann ass et fir eis méi einfach a méi transparent. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Wuertmeldung? Nee. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du Règlement de circulation.

Ech soen Iech Merci. Punkt 5b), d'Drénglechkeetsreglementer am Verkéier. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. An den Drénglechkeetsreglementer si keng aussergewéinlech Saachen dobäi. Et ass wéi ëmmer: Parkverbueter, zum Beispill, wéinst Steeën, déi opgeriicht ginn, Containere oder soss Livraisounen op Chantieren. Et sinn e puer Zebrastreifen dobäi an d'Reglement vun der Kiermes.

Wann ee Froen dozou huet, ech si prett.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

6. Commissions et groupes de travail

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Ech soen Iech Merci. Mir si beim Punkt 6, eis Kommissiounen an eis Aarbechtsgruppen. Här Hartung, kënnt Dir eis déi Modifikatiounen erkläre vum Règlement de fonctionnement vun der Cellule consultative vum Logement. Här Hartung, wannechge-lift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. D'Cellule logement huet jo déi wichteg Aufgab, opgrond vun den Enquêtes sociales vun de Sozialaarbechterinnen Avisen ze ginn iwwer d'Zoudeeling, d'Relogement oder d'Kënnegung vun de Wunnengen, respektiv zu allem, wat sech op de Logement bezitt.

D'Reglement beschreift d'Zesummesetzung vun der Cellule, d'Mandatsdauer vun de Memberen, déi eethesch Richtlinie souwéi d'Aarbechtsweis an d'Decisiounsprozesser. Et soll d'Transparenz, d'Gerechtegkeet an d'Anhale vu perséinlechen Daten an dësem wichtege soziale Beräich sécherstellen.

Sengerzäit gouf een Dokument ausgeschafft, wat och ganz gutt war, dat wëll ech ganz kloer ennersträichen. Duerno koom awer en deementspriedend Gesetz mat Reglementer op Landesniveau, wéi d'Vergab ze organiséieren ass, d'Konditiounen, d'Kontrakter oder wéi d'Berechnunge genee ze maache sinn. Soudatt mer onst Règlement hu missen dëse legale Basissen upassen, fir eebe konform zu de verschidde Punkte vum Ministère ze sinn.

Et war méi einfach, d'Gesetz ze huelen an een neien Text ze erstellen. Entschëllegt, datt et net, wéi bei aneren Adaptatiounen, een alen Text ass, wou dann d'Ännerunge giel markéiert sinn, mee eben hei een neien Text ass.

Déi wichtegst Punkten aus dem Dokument si follgend:

D'Zil vun der Cellule ass et natierlech, fir weiderhin en Avis ofzegi bei der Zoudeeling, dem Relogement an der

Kënnegung vun abordabele Locatiounen.

An och datt d'Cellule selwer just d'Situatioun vun de Leit an de Famillje virleien huet, ouni Nimm, also alles anonymiséiert. Et weess also keen, ëm wien et konkret dobäi geet. Punkto Ethik an Diskretioun verfluchten all d'Membere sech, neutral, fair a vertraulich ze tranchéieren an evidentereis Interessekonflikter ze evitéieren.

Déi gréisst Kontradiktioun am ale Règlement zum neie Gesetz war, datt mer eeben, wéi deemools üblech, wat och an de GLSen esou gemaach gëtt, wann eng Persoun eng Propos vun enger Wunneng ouni valabele Grond refuséiert huet, sinn déi deemools vun der Lëscht geholl ginn. Dat geet mat den neie Gesetz net méi. Dofir sinn d'Kapitelen iwwer d'Radiatioun all ewechgeholl ginn. Et muss een awer soen, datt am neie Gesetz d'Leit zwar nach op de Lëscht bleiwen, awer an esou Fall d'Prioritéit kënnen verléieren. Wéi et eebe vum Gesetz virginn ass.

Bei der Zesummesetzung bestoung d'Cellule bis elo aus néng Persounen. D'Gesetz schwätzt vun engem minimum vun dräi Leit. Zukünfteg besteet eis Cellule aus fënnf Leit plus méiglechen Experten, déi a spezifesche Vergabe bäigezu kënnen ginn. Eppes, wat mer wollte maachen, wann et beispillsweis ëm Logements dédiés, zum Beispill fir Senioren, PMR, Jonker geet. Ech denken, dat ass och e wichteg Element.

Déi fënnf Leit sinn: ee Verrieder aus dem Logementsministère, ee Verrieder aus dem Schännerot, een aus der Oppositounssäit aus dem Gemengerot, een aus dem Service vivre-ensemble an een aus dem Service logement.

All Member huet ee Suppleant an d'Mandat dauert zwee Joer a ka verlängert oder ersat ginn. Natierlech, wann ee Kandidat sech virdrun zrëckzitt, da gëtt en direkt ersat.

Am Kontext vun der Besetzung muss een nach soen, datt dat aalt Règlement an der Haaptsaach en vue vun der Vergab vun de Logement am Gravity erstallt gouf. Wou jo zum engen déi éischt Erfahrungswärter gesammelt goufen, zum aneren och vill verschidde Servicer concernéiert waren.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) présente les règlements d'urgence de circulation qui comprennent des interdictions de stationnement pour l'installation de grues et conteneurs, des passages piétons et le règlement de la kermesse.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) aborde le point 6 concernant les commissions et groupes de travail communaux. Il demande à monsieur Hartung d'expliquer les modifications apportées au règlement de fonctionnement de la cellule consultative du logement.

JERRY HARTUNG (CSV) prend la parole pour détailler ces modifications. Il rappelle que la cellule logement a pour mission importante d'émettre des avis sur l'attribution, le relogement ou la résiliation des logements, sur base des enquêtes sociales réalisées par les travailleurs sociaux. Le règlement décrit la composition de la cellule, la durée des mandats des membres, les directives éthiques ainsi que les méthodes de travail et les processus décisionnels. Il vise à garantir la transparence, l'équité et la protection des données personnelles dans ce domaine social crucial.

Jerry Hartung explique qu'un document initial de qualité avait été élaboré, mais qu'une loi nationale avec ses règlements est venue ensuite préciser l'organisation de l'attribution des logements, les conditions, les contrats et les méthodes de calcul. Il a donc fallu adapter le règlement communal pour le rendre conforme aux différents points exigés par le ministère. Face à l'ampleur des modifications, il s'est avéré plus simple de rédiger un nouveau texte plutôt que d'amender l'ancien.

Il souligne que l'objectif principal de la cellule reste d'émettre des avis pour l'attribution, le relogement et la résiliation des locations abordables. Tous les membres s'engagent à examiner les situations de manière neutre, équitable et confidentielle, en évitant tout conflit d'intérêts. Les dossiers sont présentés de façon anonyme, sans mention des noms des personnes concernées.

7. Questions

La principale contradiction entre l'ancien règlement et la nouvelle loi concerne la radiation des listes. Auparavant, une personne refusant une proposition de logement sans motif valable était retirée de la liste d'attente. Cette pratique n'est plus autorisée par la nouvelle législation. Les personnes restent désormais sur les listes, mais peuvent perdre leur priorité dans de tels cas. Concernant la composition, la cellule passe de neuf à cinq membres permanents, conformément au minimum légal de trois personnes. Des experts peuvent être invités pour des attributions spécifiques, notamment pour des logements dédiés aux séniors, aux personnes à mobilité réduite ou aux jeunes. Les cinq membres permanents sont un représentant du ministère du Logement, un représentant du collège échevinal, un représentant de l'opposition du conseil communal, un membre du département du vivre-ensemble et un membre du service du logement.

Chaque membre dispose d'un suppléant et les mandats durent deux ans, renouvelables. La cellule se réunit au minimum deux fois par an, mais plus fréquemment à Differdange en raison du nombre d'attributions à traiter. Les décisions sont prises à la majorité simple et chaque réunion fait l'objet d'un procès-verbal. Les décisions sont soumises au conseil communal dans un souci de transparence.

Jerry Hartung propose ensuite la composition nominative de la cellule et insiste sur l'importance de ce document comme instrument de justice sociale pour garantir l'accès équitable aux logements abordables à Differdange, au-delà de toute considération politique partisane.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente les modifications proposées par les partis pour les différentes commissions communales. Déi gréng annonce que Jean-Paul Reuter remplace monsieur Salvi au sein de la Commission sociale.

Le CSV communique deux changements : dans la Commission de la mobilité, Julien Frenguelli remplace monsieur Spautz, et dans la

D'Cellule trëfft sech op d'mannst zweemol d'Joer an der Praxis. Hei zu Déifferdeng natierlech méi oft, well mer jo Saachen ze verginn hunn.

D'Decisioun gi mat einfacher Majoritéit geholl. All Reunioun gëtt protokolléiert an d'Decisioun ginn dem Gemengerot virgeluecht. D'Transparenz an d'Fairness waren am alen Text a bleiwen am neien Text ee wichtege Punkt.

Natierlech verflachte sech all d'Membre dem Dateschutz.

D'Logementskommissioun hat dat als Avis virleien an huet en Avis favorable ofginn.

D'Propos vun der Besetzung, déi mer dann och géifen direkt matstëmmen, dat war op der Säit vum Ministère du Logement et de l'Aménagement du Territoire d'Madamm Simone Hansel an den Här Christian Schubert. Ech nennen se einfach. Deen éischten Numm ass ëmmer de Representant, an deem zweeten ass de Suppleant.

Aus dem Service logement vun der Stad Déifferdeng ass et de Charles Berrang an de Yann Duprel. Fir den Département Vivre-ensemble vun der Stad Déifferdeng ass et d'Madamm Catia Pereira an d'Madamm Corinne Lahure. Aus dem Gemengerot vun der Opposition ass et den Här Gary Diderich an d'Madamm Manon Schütz. A fir de Schäfferot ass et dann – et ass mäi Ressort –, den Här Jerry Hartung an den Här Guy Altmeisch.

Dëst Dokument ass ee wichtegt Instrument, fir sozial Gerechtegkeet beim Zougang zu abordable Wunnengen an der Stad Déifferdeng ze garantéieren. A soll eeben net eng parteipolitesch Saach sinn. Duerfir war eis wichteg – ech mengen, wa mer scho vun Transparenz, Fairness an esou schwätzen, da soll all gewielte Vertrieeder do sech kënnen abréngen. Dofir bieten ech Iech, dëst esou matzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Hartung. Eng Wuertmeldung zu deenen Informatiounen, déi mer elo matgedeelt

kritt hunn? Dat ass net de Fall. Mir kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification des règles de fonctionnement de la cellule consultative du logement abordable.

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6b), do hu mer Ännerunge proposéiert kritt vun de Parteien. Dat musse mer duerch de Gemengerot bréngen, fir dass déi Leit, déi proposéiert sinn, och an noer Zukunft kënnen aktiv ginn an deene verschiddene Kommissiounen. Do hu mer ee Schreiwer vun der grénger Partei vun Déifferdeng, dass den Här Jean-Paul Reuter den Här Salvi an der Sozialkommissioun géif ersetzen.

Vun der CSV d'Matdeeling, dass an der Mobilitéitskommissioun den Här Spautz remplacéiert gëtt duerch den Här Julien Frenguelli. An an der Kannerkommissioun gëtt d'Madamm Catarina Gonçalves Da Silva remplacéiert duerch den Här Enzo Raoul.

Dann hu mer nach eng Matdeeling vun der Environmentskommissioun, dass een, dee sech ageschriwwen hat als Bierger, fir an där Kommissioun do matzeschaffen, demissionéiert huet, an zwar ass dat den Här Sébastien Meyer. An dass mer dann deem nächsten op der Lëscht géifen huelen an Iech proposéieren, dat war den Här Krzyzaniak Adrien, deem als éischte Reserv géif dann an déi Kommissioun noréckelen.

Mir brauchen net driwwer ofzestëmmen. Et ass eng Informatioun, dass wa mir domadder d'accord sinn, dann déi Leit kënnen direkt aktiv ginn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements proposés dans les commissions consultatives.

Wann dat okay fir Iech ass, géife mer zum nächste Punkt kommen, dem Punkt 7, zu de Froen, déi mer erakritt hunn. Hei fänke mer mat deene Gréng

7. Questions

vun Déifferdeng un, dass déi hir Froe virdroen. An da géife mir spontan do-robber äntwerten. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmoos merci, Här Meisch – Här Altmeisch. Ech war elo duercherneen, well Der „spontan“ sot. Ech hat gehofft, vu dass mer se schrëftlech eraginn hunn, dass Der Iech hätt kënne preparéieren, soudass et e bësse manner spontan wier. Mee mir kucken dat dann.

Mir hunn eis Froe schrëftlech eraginn. Ech erkläre se, fir déi, déi se elo net ënner den Aen hunn.

Mir hu vun engem Member aus der Logementskommissioun Bescheid gesot kritt, dass an der Kommissioun geschwat gi wier, dass et géif Probleemer an der Flüchtlingsstruktur ginn an der Spidolsstrooss. Et ass an där Reunioun geschwat ginn, dass eng Plainte deposéiert gi wär géint den ONA, den Office National de l'Accueil an d'Gemeinververwaltung, well an der Struktur Asbest wär. An Asbest ass jo, wéi mer all wëssen, eng Substanz, déi kribberreegend ass fir Leit, déi reegelméisseg där cheemescher Matière ausgesat sinn.

Dozou hu mer elo véier Froen: Stëmmt et, dass esou eng Plainte deposéiert ginn ass géint d'Gemeinververwaltung a géint d'ONA? Wa jo: Wat sinn d'juristesche Decisiounen, déi scho geholl gi sinn? Gëtt et direkt Léisungen oder ugeduechtener, fir d'Locataire ze relo-géieren an en Ëmfeld, wat fir si gesond ass?

An da wësse mer alleguerste scho méi laang, dass eis Flüchtlingsstrukturen op Gemeigenterrain wierklech an engem ganz schlechten Zoustand sinn, an dass d'Leit wierklech a schlechte Liewens-konditiounen do logéiert ginn, souwuel an der Spidolsstrooss wéi am Centre Noppeney.

Hei froe mer nach ëmmer, ob keng Transitionsméiglechkeet envisagéiert kéint ginn, fir déi Leit ze relo-géieren, ënner anerem, zum Beispill an där aler Maternité. Wat mer schonn eng Kéier suggeréiert haten.

Véier konkreet Froen. An ech si frou iwwer véier konkreet, méi oder manner spontan, Äntwerten. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Mir freeën eis, fir spontan a konkreet ze äntwerten. Den Här Hartung wäert dat maachen an da kucke mer, wéi mer eens ginn. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir hunn dat spontan a konkreet natierlech dës Woch alles zesummegeseet, fir Iech beschtméiglech drop ze äntwerten.

Ier ech konkreet drop aginn, wëll ech just den Ënnerscheid betounen tëscht enger Plainte an enger Condamnatioun. Eng Plainte bedeit nach net, datt eng Schold virläit. Et ass just eng Beschweier, déi juristesche iwwerpréift oder entscheet muss ginn.

Zum anere geet et drëm, Analysen ze maachen. Déi mer och scho gemaach hunn an – ech kann Iech do direkt berouegen – déi negativ ausgefall sinn.

Ech kommen zu Ärer éischter Fro, ob et stëmmt. Jo, d'Gemeng krut de 24. Mäerz dës Joer eng Assignatioun zougestallt, wou mir net eleng viséiert sinn, mee een Aarbechter vun der Sécherheetsfirma assignéiert sai Patron, G4S Security Solutions Sàrl, d'Stad Déifferdeng an de Lëtzebuerger Staat, fir Analysen ze maachen, fir d'Sécherheet vu senger Aarbechtsplaz ze garantéieren.

Zur zweeter Fro, wat déi juristesche Decisiounen sinn. D'Gericht huet, à ce moment, nach net tranchéiert. D'Plaidoirie ass fir de 26. Mee ugesat. Dofir wëll ech och elo net ze vill kommentéieren oder deem virgräifen, well et jo um Riichter ass, de Verdikt ze prononcéieren.

Wat ech Iech awer soe kann: Nodeems mir Enn Mäerz Kenntnis heivun haten, hu mir als Stad Déifferdeng direkt drop reagiert an den agreéierten Iwwerwachungsorganismus Luxcontrol ASBL beoptraagt, Loft-Analysen duerchze-féieren, fir ze kontrolléieren, ob eng

Commission de l'enfance, Enzo Raoul prend la place de Catarina Gonçalves Da Silva.

Concernant la Commission de l'environnement, Sébastien Meyer démissionne et Adrien Krzyzaniak, premier réserviste, le remplace.

(Vote)

Guy Altmeisch propose de passer au point suivant concernant les questions reçues.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) remercie le bourgmestre et exprime sa surprise face au caractère spontané des réponses, alors qu'elle espérait une préparation préalable puisque les questions ont été soumises par écrit. Elle présente ses questions pour l'information de l'assemblée. Elle rapporte qu'un membre de la Commission du logement l'a informée de problèmes dans la structure d'accueil pour réfugiés située rue de l'Hôpital. Lors d'une réunion, il a été mentionné qu'une plainte a été déposée contre l'ONA (Office national de l'accueil) et l'administration communale concernant la présence d'amiante dans cette structure. Elle rappelle que l'amiante est une substance cancérigène pour les personnes régulièrement exposées à cette matière chimique.

Elle formule quatre questions précises : premièrement, elle demande confirmation du dépôt de cette plainte contre l'administration communale et l'ONA.

Deuxièmement, si la plainte est confirmée, elle souhaite connaître les décisions juridiques déjà prises.

Troisièmement, elle s'enquiert de l'existence de solutions directes ou envisagées pour reloger les locataires dans un environnement sain.

Enfin, elle souligne que les structures d'accueil pour réfugiés situées sur le terrain communal sont dans un état déplorable depuis longtemps, que ce soit rue de l'Hôpital ou au centre Noppeney, et demande si une possibilité de transition n'est pas envisageable pour reloger ces personnes, notamment dans l'ancienne maternité, comme cela a déjà été suggéré.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie le bourgmestre et précise qu'ils ont rassemblé toutes les informations nécessaires cette semaine pour ré-

7. Questions

pondre au mieux. Il tient d'abord à distinguer une plainte d'une condamnation, rappelant qu'une plainte n'implique pas automatiquement une culpabilité, mais constitue une réclamation devant être examinée juridiquement. Il mentionne que des analyses ont déjà été effectuées et que leurs résultats sont négatifs.

Concernant la première question, il confirme que la commune a reçu une assignation le 24 mars 2025. Un employé de la société de sécurité assigne son employeur G4S Security Solutions SARL, la Ville de Differdange et l'État luxembourgeois pour exiger des analyses garantissant la sécurité de son lieu de travail.

Pour la deuxième question, il indique que le tribunal n'a pas encore tranché et que les plaidoiries sont prévues pour le 26 mai. Il préfère ne pas trop commenter le sujet pour ne pas anticiper sur la décision du juge. Il précise cependant qu'après avoir pris connaissance de la situation fin mars, la Ville a immédiatement mandaté Luxcontrol pour effectuer des analyses d'air afin de vérifier l'existence d'un danger imminent pour les travailleurs ou les résidents. Ces analyses, réalisées en avril, sont toutes négatives. Il dispose du rapport qu'il propose de faire circuler.

Concernant les questions 3 et 4 sur le relogement, il rappelle qu'en l'absence de verdict et, compte tenu des analyses négatives de Luxcontrol, les discussions se poursuivent avec l'ONA pour reloger les personnes, dans le cadre du projet de démolition prévu pour la construction d'un deuxième campus scolaire au centre de Differdange. Il souligne que les structures sont effectivement vétustes depuis des années et que des solutions alternatives sont activement recherchées, tout en précisant que l'ancienne maternité n'est pas adaptée et que deux tiers des résidents actuels sont en phase transitoire, ce qui complique tout relogement.

eminent Gefor fir d'Aarbechter oder d'Bewunner besténg oder net.

Dës Analyse goufen am Laf vum Abrëll gemaach a sinn all negativ ausgefall. Ech hunn de Rapport dobäi. Ech ginn e ganz gäre ronderëm. Et ass u sech dat, wat an der Plainte gefrot ginn ass.

Elo musse mer ofwaarden, wat vum Geriicht geschwat gëtt. Wéi gesot, mir hunn déi Analyse maache gelooss, wéi an der Plainte gefrot.

Déi drëtt an déi véiert Fro huelen ech zesummen, well se deels aneneen iwwerginn, punkto Relogementer vun de Bewunner.

Wéi virdru gesot, et gëtt nach kee Verdikt, an d'Analyse vu Luxcontrol weisen, datt keng eminent Gefor besteet. Mee mir haten a wäerte weiderhi Gesprécher mat der ONA féieren, well mer jo souwisou d'Leit wëlle relogéieren. Et ass jo geplangt, dat ofzerappen am Kader vun der Realisatioun vun engem zweete Schoulcampus am Zentrum vun Déifferdeng, mat Schoulraum, Maison relais, Crèche, Sportsinfrastruktur a Classes de cohabitation.

Erlaabt mer, op Är Formulierung anzugehen, ech zitieren: „Connaissant depuis plusieurs mois la situation vétuste...“ Ech denken, Dir mengt net Méint, mee Joren. D'Struktur an der Spidolsstrooss, déi d'Gemeng den 9. Juni 2021 vum Staat iwwerholl huet, war deemools schonns ganz schlecht an och schonns do virdrun. A se huet sech effektiv net verbessert, weeder ënner dem Schäfferot, wou Dir dobäi waart, nach ënner dem aktuellen.

A grad esou laang besteet de Problem mam Centre Noppeney, dee virun zéng Joer scho sollt dowéinst ofgerappt ginn.

Firwat? Ma wa mer d'Aarbechte géife maachen, missten d'Leit jo do all eraus an dat géif bedeuten, datt si dann op der Strooss séizen, well weeder mir nach d'ONA am Moment eng aner Léisung hunn. An dat wëll jo hei och bestëmmt keen. A souguer, wann eng Léisung do wier, muss ee wëssen, datt 2/3 vun de Bewunner an enger Phase transitoire sinn, dat heescht, déi géifen net mat relogéiert ginn an déi wieren d'office op der Strooss.

Aus humanitäre Grënn kucke mer da léiwer, eng Léisung ze fannen. Ech mengen, et wär am Interêt vun eis all, een uerdentlechen an durablen alternative Site ze hunn.

Déi zwou Optiounen, déi am virege Schäfferot ugeduecht waren, ware gutt. Dat ware Pisten, déi mer weider suivéiert hunn. Wou bei där enger awer, leider, de Staat virun e puer Wochen eréischt gesot huet, datt et net passt. A bei där anerer de sozialen Träger, deem Exploitant vum Terrain ass, do aner Projete maache wëll. Eppes, wat mer och eréischt zënter e puer Méint wëssen.

Selbstverständlech hu mer selwer no weidere méigleche Léisunge gesicht. Am Februar dëst Joer hate mer eng ganz gutt Versammlung mam Ministère, wou mer als Gemeng eng méigleche Léisung presentéiert hunn. De Familljeministère, d'ONA an de Logementsministère géifen dat ënnerstëtzen a sténgen hannendrun. Dat muss awer nach méi am Detail analyséiert ginn. Do freet de Staat eis, well et einfach nach ze fréi ass, fir zu dësem Moment net dorüwer ze kommunizéieren, well si nach Gesprécher intern musse féieren.

Et wär eng Léisung souwuel fir d'Struktur an der Rue de l'Hôpital wéi fir de Centre Noppeney.

An Ärer Fro zitéiert Der déi al Maternité. Déi Struktur ass net ugepasst, et felt do un néidege Raimlechkeete wéi Réfectoire, Kichen, Buanderie an esou weider. Dëst géif eng Situatioun erëmhuelen, déi scho virdrun am Centre Noppeney kritiséiert gouf. Leit vun enger schlechter Plaz op eng aner schlecht Plaz ze relogéieren, wär och keng gutt Léisung.

En plus géif ons dat jo och net wierklech weiderhëllefen, well dëst jo mat dem ugrenzende Refugiésgébaai an der Spidolsstrooss soll ofgerappt ginn, fir eben dee grouse Schoulcampus um ganze Site ze erméiglechen.

Ech hoffen, ech hunn op Är véier konkret Froe konkret äntwerte kënnen. Merci. Spontan.

7. Questions

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. An deem Kontext nach eng Fro oder en Zousaz vun der Madamm Pregno? Soss géife mer op déi nächst Fro agoen. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, just ee klengen Zousaz. Ech erënnere just drun, dass mer unanime eng Motioun gestëmmt haten am Gemengerot zu där doter Fro. An den deemolege Schäfferot huet deem keng Suite ginn. Mir hu keng nei Struktur deemools en place gesat. Dat heescht, dat ass keng nei Situatioun, déi gött schonn zënter Laangem thematiséiert. An et ass bedauerlech, dass mer do nach ëmmer keng Léisung hunn. Mee do sinn awer elo schonn e puer Schäfferéit an der Verantwortung gewiescht.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Schütz.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Also, wa mer dat do Thema ofgeschloss hunn, hunn ech nach Froen. Well Dir hat gesot, mir kéinten eis Froen hannerenee stellen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat kënnt Dir maachen. Da kommt Dir mat Ärer Fro, Madamm Schütz.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Nee, nee, nee, am Ufank vun der Sitzung, wou mir eis Hand ausgestreckt haten, hat Der gesot, mir géifen déi aner drun hänken un d'Madamm Pregno.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

A okay, da maache mer dat esou. Ech hat just den Här Diderich zu Wuert komme gelooss, well dat nach am Zesummenhang war mat där Ufro hei méi nobäi war.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Okay.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech géif Iech awer elo gär d'Wuert ginn, fir dat ze realiséieren, wat ech virdru versprach hunn. Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Okay, wann elo kee méi eng Wuertmeldung huet zu där Fro vu virdrun. Da kommen ech zu menger Fro oder meng Froen.

2020 ass NetZeroCities jo hei lassgaangen, wou eng ganz Rei Punkten ze erfëlle sinn, a wou och wierklech, wéi mer haut erëm gesinn hunn, gutt doru geschafft gött.

Am Juni 2021 hat eis Stad de Klimapakt ënnerschriwwen. Dat Joer drop, den 22. Januar 2022, dunn den Naturpakt.

Ech hunn d'Pakten eng Kéier duerchgekuckt. Wat den Naturpakt ugeet, datéiert eise leschten Zertifikat vum Mäerz 2023. Do louche mer bei 53 %, wat fir eis direkt eng Bronzemedail bedeit huet. Punkto Klimapakt war dee leschten Audit am Januar 2024, wou mer 52,4 % kritt hunn.

Ech ka mir dann och elo direkt d'Be-mierkung hei erlaben, éier se aus Äre Reie kënnt, dass déi Resultater do natierlech zum Deel op eis Aarbecht zrëckzeféiere sinn. An dat ass ganz richtig. Mee ech wéilt schonns gäre wëssen, wou mir am Moment stinn. Well a bëide Pakten ass et jo esou, dass ee sech soll weider verbessern.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) ajoute un petit complément. Il rappelle que le conseil communal avait voté unanimement une motion sur cette question. L'ancien collègue échevinal n'y avait donné aucune suite. Aucune nouvelle structure n'avait été mise en place à l'époque. Il souligne que cette situation n'est pas nouvelle ; elle est thématisée depuis longtemps. Il trouve regrettable qu'aucune solution n'ait encore été trouvée et note que plusieurs collègues échevinaux ont déjà porté cette responsabilité.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) rappelle qu'au début de la séance, lorsqu'ils avaient levé la main, le bourgmestre avait dit qu'ils pourraient enchaîner leurs questions après celles de madame Pregno.

GUY ALTMEISCH (LSAP) clarifie qu'il a donné la parole à monsieur Diderich, car son intervention était encore en lien avec la question précédente. Il donne maintenant la parole à madame Schütz pour réaliser ce qu'il avait promis.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) commence ses questions après s'être assurée que personne n'a plus d'intervention sur la question précédente. Elle évoque NetZeroCities, lancé en 2020 avec toute une série de points à remplir et sur lesquels un bon travail est effectué. En juin 2021, la ville a signé le Pacte climat, puis, en janvier 2022, le Pacte nature.

Elle a examiné les pactes. Concernant le Pacte nature, le dernier certificat date de mars 2023 avec 53 %, ce qui leur a directement valu une médaille de bronze. Pour le Pacte climat, le dernier audit date de janvier 2024 avec 52,4 %.

Elle aimerait savoir où ils en sont actuellement, car, dans les deux pactes, l'objectif est de s'améliorer continuellement.

Madame Charlé avait mentionné les deux pactes précédemment. Le conseil communal devrait recevoir des rapports annuels, mais elle ne se souvient pas avoir reçu de tel rapport jusqu'à présent. Malheureusement, tous les dossiers sur le nuage sont vides pour 2024. Le dernier rapport sur le nuage date

7. Questions

du 27 novembre 2023. L'année 2025 n'y figure même pas. Elle a l'impression que les deux pactes sont laissés en sommeil. Les membres des commissions ou équipes respectives disent que rien ne s'est passé depuis très longtemps et qu'aucune réunion n'a eu lieu. En tant que commune NetZeroCities, ils devraient être plus persévérants.

Elle pose quatre questions : où sont les rapports, sinon écrits sur le nuage, au moins présentés au conseil communal ? Où en sont-ils avec les deux pactes ? Pourquoi n'y a-t-il plus de réunions ? Ont-ils la volonté de relancer cela et quand peuvent-ils compter sur des réunions ?

ZENIA CHARLÉ (LSAP) remercie madame Schütz pour les questions. Elle confirme que le Pacte climat a été signé en 2021, le Pacte nature en 2022 et NetZeroCities en 2020. En signant, ils se sont engagés à accomplir des tâches. Elle trouve un peu insolent de dire que rien ne se passe. Elle pense à toutes les personnes avec qui ils travaillent, qui font vraiment beaucoup de travail concernant NetZeroCities et les autres pactes. Il y a vraiment beaucoup de personnes qui doivent beaucoup écrire et qui ont beaucoup de travail pour avancer.

Dans les deux pactes, quand on commence à travailler sur les dossiers après avoir signé, il s'agit dans un premier temps d'atteindre des pourcentages ou d'atteindre le plus de pourcentages possible. On prend en fait toutes les choses déjà existantes. Ils avaient déjà des choses en place. Ce n'est pas parce qu'ils n'avaient pas de Pacte climat que rien n'avait été fait en matière d'écologie.

Zenia Charlé précise qu'on commence par rechercher tout ce qui existe déjà et qu'on inclut les projets en cours. On établit ensuite une liste de ce qu'on possède et de ce qui est en développement, ce qui permet d'arriver aux pourcentages mentionnés.

La deuxième étape consiste à assurer le suivi de l'ensemble, non seulement en examinant ce qui existe, mais en travaillant concrètement sur des projets. Elle souligne

D'Madamm Charlé huet déi béid Pakte virdrun erwänt. Mee dem Gemengerot missten eigentlech järelech esou Berichter virgeluecht ginn, wou ech mech awer net erënnere kann, dass mer bis elo esou ee Bericht kritt hätten.

Leider sinn och sämtlech Dossiere vun 2024 op der Cloud eidel. Dee leschte Rapport op der Cloud ass vum 27. November 2023. 2025 steet emol als Joergang guer net drop.

Mir hunn iergendwéi d'Gefill, dass béid Pakte schleefe gelooss géifen. Eis Membere, déi an deene jeeweilege Kommissiounen oder Teame sinn, hu gesot, zënter wierklech laanger Zäit ass do näischt méi geschitt. Versammlunge fannen och keng méi statt.

An ech fannen, als NetZeroCities-Gemeng misste mer do awer méi hannendru bleiwen.

Duerfir meng Froen. Déi éischt: Wou bleiwen d'Berichter, wa schonns net schrëftlech op der Cloud, da wéinstens hei am Gemengerot?

Zweet Fro: Wou si mer dann elo mat deene béide Pakten drun?

Drëtt Fro: Firwat si keng Versammlunge méi?

Véiertens: Hutt Der wëlles, dat nees un d'Lafen ze kréien, wéini kënnen mer mat Versammlunge rechnen?

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir d'Froen. Ech géif d'Wuert un d'Madamm Charlé ginn, déi Iech dorobber äntwerte kann. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert a fir déi flott Froen.

Et stëmmt, wat Der gesot hutt, de Klimapakt ass 2021 ënnerschriwwen ginn, den Naturpakt 2022 an NetZeroCities 2020. Wéi dat ënnerschriwwen ginn ass, hu mir eis verpflichtet, do Aufgaben ze maachen. Da fannen ech et schonn e

bëssi frech ze soen, datt do näischt lafe géif.

Denkt un alleguerten déi Leit, mat deene mer do zesummeschaffen, déi sech wierklech ganz vill Aarbecht maachen am Hibleck op NetZeroCities wéi och an deenen anere Pakten. Do si wierklech vill Leit, déi vill musse schreiwen an déi vill Aarbecht hunn, fir hei virunzekommen.

A béide Pakten ass et jo esou, wann een ufänkt – mir hunn dat ënnerschriwwen, an da geet et jo drëm an engem éischte Schratt, Prozenter ze errechen oder esou vill wéi méiglech Prozenter ze errechen. Do hält een am Fong alleguerten déi scho besteeënd Saachen. Mir haten do jo scho Saachen. Et ass jo net, well mer kee Klimapakt haten, datt iwwerhaupt näischt an der Ekologie gemaach gi wär. Also ech mengen, dat ass jo kloer.

Dat heescht, da geet een alles sichen, wat schonn do ass. An et huet een natierlech och Projeten, déi am Lefe sinn, déi kann een dann do incluëieren. Da mécht een eng Oplëschtung: Wat hu mer? Wat si mer amgaangen? An da kënnt een op déi Prozenter, déi Dir dann do hutt.

Deen zweete Schratt, dat ass de Suivi vun deem Ganzen. An dat ass net just ze kucken, wat hu mer alles, mee et gëtt konkret u Saache geschafft. Mir musse, wéi Der sot, verschidde Berichter schreiwen. Dat si jo elo keng Saachen, déi mer aus dem Hutt zaubere, oder déi schonn do sinn, well déi Saache si schonn an deene Prozenter dran.

Wat mir elo maache mussen, si grouss nei Projeten, virukommen. Do si ganz vill Servicer, déi dermat befaasst sinn. Do geet et net méi just duer mat Klengekeeten, mee do muss, ech soen elo ee Beispill, e Verkéierskonzept sinn, wat an déi Pakten dann drapasst. An esou weider an esou fort. Dat heescht, dat si wierklech riseg Dossieren. Dat ass net: Wat hu mer schonn? An zack, zack ass dat fäerdeg.

Ech ka just soen, vu menger Säit, vum Service écologique hunn ech den Här Luc Arend u menger Säit, dee wierklech ganz vill Aarbecht hei drastécht, fir all déi Donnéeën zesummenzekréien. Deen an déi jeeweileg Servicer geet fir ver-

7. Questions

schidde Konzepter, wou si mer bei wat drun. Dat ass eis och ganz wichteg.

An et ass jo och sou, si hu jo net nēmen dat doten ze schreiwen. Déi Servicer hunn och hir eegen Aarbecht ze maachen. Soudatt dat automatesch mat sech bréngt, datt sech dat Ganzt an d'Längt zitt.

Ech wär och méi frou, déi Saache wäreschonn alleguerten um Dësch, mee wa mer dat elo alles an zwee Méint wëllen do leien hunn, da schaffen déi Leit un nāischt anescht méi. An dat geet einfach net. Déi aldeegleche Aufgaben, déi déi Leit ze erleedegen hunn, déi mussen och um Lafe bleiwen. Dat heescht, dat ass e Prozess, dee sech zēie wāert.

Är Fro par rapport zu deene Versammlungen. Et sinn zwou Saachen. Dat eent ass de Klimapakt, dat ass eppes, wat een ēnnerschriwwen huet. A vu wat Dir schwätzt, vun de Versammlungen, dat huet nāischt mam Pakt am Fong ze dinn, dat ass d'Klimateam. Dat si Leit, déi sech zesummesetze vu verschiddene Plazen. Dat ass eng Virgab, esou een Team ze hunn, wat mat dorunner schafft.

Dat sinn awer net déi Leit, déi schreiwen. Dat sinn net déi Leit, déi 200, 300, 400 Säiten do matschreiwen. Dat si Leit, wa mer eppes zesumme fonnt hunn an déi Servicer eppes geschriwwen hunn, da geet dat mat an déi Versammlungen, da gëtt doriwwer gekuckt: Wēi fannt Dir dat? Feele Saachen? Mee mir sinn net do, wou mer Saache virleien hunn.

Mir kēnnen och Versammlungen aberuffen, an dann einfach willkürlech iwwer Saache schwätzen, déi mer all gutt fannen, mee et läit nāischt um Dësch. Mir sinn nach net do ukomm. Mir hunn u ville Saache geschafft, mee et läit keen Dokument do, wat mer hinne virweise kéinten. Dat heescht: Mir kēnnen eis einfach do ee flotten Owend maachen. Mee dat ass jo am Fong net, firwat et geduecht ass.

Déi Reuniounen hu sech e bēsse verzögert. Déi lescht vum Naturpakt war Enn 2024, wou iwwer déi Nistkästen vun de Villercher geschwat ginn ass. Do ass et esou, dass déi virun enger Woch ukomm sinn. Wou mer d'Leit froen, fir

flott Plazen ze fannen, wou een déi ophänke kéint.

Dat heescht: Wa mer virukommen, ginn d'Leit ganz gären zesummegegruff. Bis ewell sinn awer nach keng Neiegekeiten do.

Op dēser Plaz géif ech gären, zemools dem Här Luc Arend an dem Här Kai Lacour, villmools Merci soe fir déi wierklech vill Aarbecht, déi si hunn. Well ech dat ganz ongär am Raum stoe loossen, datt déi Leit, déi eis do wierklech no vir bréngen, net géifen dru schaffen.

An dann och zesumme mat Schroeder & Associés, an och den Här David Everard vun EVERARD Consulting & Communication, déi eis do ganz vill hēllefen, datt mer virukomme beim Schreiwen, fir déi Dossieren zesummenzekréien.

Wēi Dir gesitt: Mir schaffen dorun. Wann d'Saachen um Dësch leien, wāert Der déi virgewise kréien. Dat ass e bēsse méi komplex wēi just Reuniounen, wou sech eng Dose Leit gesinn. Merci, Madamm Schütz.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

D'Madamm Schütz, nach eng Kéier.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Éischtens wollt ech absolutt net elo de Leit op der Gemeng soen, si géifen nāischt schaffen. Ech wollt einfach domadder soen, Dir schwätzt vun deenen Nistkästen an esou – dat steet néierens. Vu dass och déi Teams net sinn, well déi Teams, si heeschen eebe Klimateam, Naturpakt-Team, mee déi fonctionēiere jo esou wēi eis Commissions consultatives. Eng Kommissioun schafft jo och net Saachen aus, mee trotzdeem ginn do Informatiounen ausgetosch, wat mir zum Beispill dann och, well mir Memberen an deenen Teams hunn, kréien. A wēi gesot, et ass absolutt nāischt, nāischt op der Cloud.

A souwuel am Naturpakt wēi am Klimapakt steet genau dran, dass d'Bierger ēmmer sollen informēiert ginn.

qu'ils doivent rédiger différents rapports. Il ne s'agit pas de créer des choses à partir de rien ou d'utiliser ce qui existe déjà, car ces éléments sont déjà comptabilisés dans les pourcentages. Ce qu'ils doivent faire maintenant, c'est faire avancer de grands nouveaux projets. De nombreux services sont impliqués. Il ne suffit plus de petites actions, il faut par exemple un concept de circulation qui s'intègre dans ces pactes. Ce sont véritablement d'énormes dossiers, pas simplement un inventaire de l'existant.

Elle précise que, pour sa part, au service écologique, elle travaille avec monsieur Luc Arend, qui investit beaucoup de travail pour rassembler toutes les données. Il se rend dans les différents services pour vérifier l'avancement des divers concepts. Les services doivent également accomplir leur travail quotidien, ce qui allonge automatiquement le processus. Elle serait plus heureuse si tout était déjà sur la table, mais si on voulait tout avoir en deux mois, les employés ne feraient plus que cela. Les tâches quotidiennes doivent continuer ; c'est donc un processus qui prendra du temps.

Concernant les réunions, elle distingue deux choses : le Pacte climat est un engagement signé, tandis que les réunions dont parle son interlocutrice concernent l'équipe climat. Cette équipe rassemble des personnes de différents horizons, mais ce ne sont pas elles qui rédigent les centaines de pages de documentation. Quand les services ont produit quelque chose, cela est présenté lors des réunions pour discussion, mais actuellement, il n'y a pas encore de documents à présenter. Elle explique qu'ils travaillent sur beaucoup de choses, mais qu'aucun document n'est prêt à être soumis. Les réunions ont pris du retard. La dernière réunion du Pacte nature fin 2024 portait sur les nichoirs pour oiseaux, qui sont arrivés il y a une semaine. Elle remercie particulièrement messieurs Luc Arend et Kai Lacour pour leur travail considérable, ainsi que Schroeder & Associés et monsieur David Everard d'Everard Consulting & Communication pour leur aide.

7. Questions

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) précise qu'elle ne voulait absolument pas dire que les employés communaux ne travaillent pas. Elle souligne que les équipes fonctionnent comme des commissions consultatives, qui n'élaborent pas de documents, mais échangent des informations. Elle insiste sur le fait que rien n'est disponible sur le nuage et que les pactes prévoient l'information des citoyens et du conseil communal. Elle estime qu'on ne reçoit pas suffisamment d'informations et qu'il n'est pas nécessaire d'avoir un document de 200 pages pour discuter dans ces équipes.

GUY TEMPELS (CSV) mentionne que la personne qui assurait le suivi au Sicona n'y travaille plus, créant temporairement un vide jusqu'à ce qu'un nouveau collaborateur soit formé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond qu'elle n'était pas au courant de ce changement. Elle comprend que, lorsqu'on rédige des dossiers importants, on ne présente pas de travail inachevé. Les services travaillent ensemble pour produire quelque chose de correct et ne soumettent pas leurs contributions séparément.

Zenia Charlé comprend ce que madame Schütz veut dire, mais précise que le document est en cours de rédaction. Elle affirme qu'ils y travaillent et font de leur mieux.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que les deux parties font preuve de bonne volonté pour aboutir à une évolution positive.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Altmeisch pour la parole. Il déclare que les événements récents montrent que la situation d'insécurité à Differdange s'aggrave considérablement. Il note que, lors de diverses interviews données à la presse, le bourgmestre invoque de façon répétitive le Plan local de sécurité (PLS).

Dans ce cadre, il demande des réponses à plusieurs questions. Il veut savoir sur quelles informations le bourgmestre se base pour affirmer que le sentiment de sécurité des habitants s'est amélioré. Il demande

Dass de Gemengerot soll informéiert ginn. Et geet mir eigentlech méi dorëms. Ech wollt absolutt net géint déi Leit aus dem Service environnement oder esou goen, déi doru schaffen. Absolutt net. Mee ech fannen trotzdem, dass mir einfach net genuch Information kréien.

An Dir sot engersäits, mir schaffen andauernd drun, anerersäits sot Der, et ass awer nach guer keen Dokument do, wouriwwer mer kéinten an deenen Teams do diskutéieren. Ech denken, et muss jo net ëmmer een 200-Säiten-Dokument sinn, fir mat an esou een Team ze huelen. Esou een Dokument besteet jo aus ville kleng Punkten. An déi kënnen och an esou Versammlungen diskutéiert ginn. Dorëms ass et mer eigentlech gaangen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Den Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Ech wollt zum Naturpakt-Team soen, ech weess, dass den Här, den ëmmer de Suivi gemaach huet, den ëmmer fir Déifferdeng zoustänneg war – dat gëtt jo iwwer de SICONA gemaach –, den ass net méi am SICONA. Dat heescht, do wäert elo een neien Ament sinn, oder do wäert een neie Mataarbechter komme bei SICONA, den den dote Suivi mécht.

Vläicht ass do elo am Moment e bëssen esou ee klengt Lach, bis dee sech do ageschafft huet a bis erëm eng Kéier eng Versammlung aberuff gëtt, fir ze kucken, wat de Stand der Dinge ass.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Madamm Charlé.

SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Wat den Här Tempels elo gesot huet, doriwwer sinn ech net um Courant, dofir kann ech mech elo dozou net äusseren. Mee ech ginn dann dovun aus, et ass ëmmer esou, wann dann een Neien

erakënnt, dass dee sech jo e bësse muss eraschaffen.

Ech géif awer dann nach eng Kéier drop zrëckkommen, wat Dir gesot hutt, wat ech zwar scho gesot hunn, mee dass ech dann nach eng Kéier dorop geäntwert hunn: Ech weess net, Dir hutt warscheinlech alleguereet schonn iergendwann missen Aarbechte schreiwen an déck Dossieren ofginn, universitär oder fir soss Projeten. An Dir gitt jo net iergendeppes of, wat nach net fäerdeg ass. An et ass jo iergendwéi normal, datt déi Leit, déi u Saache schaffen, fir déi dann an deenen Teams virzestellen, gären hir Saachen zesummen hunn an net kleng Deeler do fäerdeg hunn. Well eeben do ganz vill Servicer do beträff sinn. An d'Servicer gi jo och net hir Saachen do eenzel eran, déi schaffen zesummen, déi wëllen zesummen eppes Uerdentlech op d'Bee setzen.

Do ass elo näischt do, wat deene Leit ka virgeworf ginn. Mee mir kënnen awer – da luede mer jiddwereen an an da maache mer déi zwee Teams, an da gëtt gesot, wou mer do dru sinn. Mee et ass keng Nouvelle do, well schreiwen ass nun emol schreiwen. An dat gëtt net do gemaach, dat maachen déi Leit, déi halt vun der Gemeng aus dofir bezuelt ginn.

Also ech verstinn, op wat Dir do eraus wëllt, mee dat Dokument ass amgaange verfaasst ze ginn. A mir schaffen drun. A mir maachen eist Besch.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé, fir déi Erklärungen. Soudass mer gesinn, dass mer vun deenen zwou Säite gudde Wëllens sinn, fir do eng positiv Entwécklung ze begéinen.

Da géif ech d'Wuert un den Här Aguiar ginn, als Verrieder vun Déi Gréng, fir seng Fro virzedroen. Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Monsieur le Bourgmestre, les événements récents montrent que la situation de l'insécurité

7. Questions

té à Differdange est en train de s'aggraver considérablement.

Lors de divers interviews que le monsieur le bourgmestre a donnés à la presse, vous évoquez, de façon répétitive, le plan local de sécurité, le PLS. Dans ce cadre, nous vous demandons de bien vouloir nous fournir des réponses aux questions suivantes.

Lors de l'interview, monsieur le bourgmestre affirme que le sentiment de sécurité auprès des habitants se serait amélioré. Sur quelles informations vous basez-vous pour faire de telles affirmations? Est-ce qu'il existe une étude ou un sondage faits auprès de la population de Differdange à ce sujet? Est-ce que les statistiques récentes de la police grand-ducale justifient un tel constat?

Combien de fois le comité de pilotage du PLS s'est-il réuni dans les années 2024 et 2025? Est-ce qu'il existe des rapports dressés de ces réunions auxquels les conseillers communaux peuvent avoir accès?

Vu que le PLS prévoit une évaluation du dispositif : est-ce que le comité d'évaluation a mis en place des réunions à cet égard? Si oui, quelles ont été les conclusions et recommandations émises? Est-ce qu'il existe un rapport d'une telle réunion, auquel nous, en tant que conseillers, pouvons avoir accès?

Ce sont exactement cinq questions, Monsieur le Bourgmestre. Merci de nous répondre.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi interessant Froen. Ech si frou, Iech Ried an Äntwert ze stoen. Et ass awer eng dobäi, do muss ech eng Recherche maachen, wéi vill Reuniounen, wéi vill Leit, wéi laang déi gedauert huet a wéi do d'Resonanz war. Wéi do d'Statistike sinn, dat weess ech, beim beschte Wëllen, net auswennen.

Zum Sentiment de sécurité, wat Der ugeschwat hutt. D'Gefill vu Sécherheet ass am Fong geholl jo, wéi den Ausdrock et seet, ee Gefill. An ee Gefill vu Sécherheet ass schwéier schrëftlech festzehalen. Ee Gefill vu Sécherheet

kritt Der, wann Der Iech fir d'Sécherheet interesséiert an Dir Iech ënner d'Vollek mëscht. Dir mëscht Iech ënner d'Leit, Dir mëscht Iech ënner déi Plazen, wou et wierklech derwäert ass, fir d'Leit ze froen, wéi hiert Gefill ass, um Terrain. Wéi d'Gefill an engem Zentrum ass, wéi d'Gefill a verschiddene Quartieren ass. Dat Gefill, dat kritt Der nëmmen, wann Der mat de Leit am Dialog stitt.

Wann Der mat de Leit am Dialog stitt a mat deene Leit schwätzt, déi Police heeschen, déi Police locale heeschen. An deem Dialog bréngt eng positiv Entwécklung zu deem ganze Gefill, a bréngt Iech zu enger Ausso, déi ech dann och gemaach hunn, nodeems ech mat deene Leit geschwat hunn, awer och mat eise Streetworker geschwat hunn a mat deene Leit aus deene verschiddenen Officen, déi sech ëm d'Sécherheet këmmen. Do sinn ech deem Gefill awer wierklech net lassginn, dass mer een anert Sécherheitsgefill a verschiddene Quartieren hunn.

Wëssend natierlech, dass dat Gefill vu Sécherheet duerch spontan Aktiounen, ech weess jo, op wat Der do uspillt, kann troubléiert ginn. Dofir kann awer kee kommunalen an och keen nationale Politiker responsabel gemaach ginn, wa mer un déi lescht Eventer denken, wou ech frou war, dass kee blesséiert ginn ass – ech ginn net an den Detail –, a wou ech frou war, dass et just beim Materialschued bliwwen ass.

Dat kënne mir natierlech net beaflossen. An ech wëilt, mir kéinten et beaflossen, well da wär d'Situatioun, kënnt Der Iech jo gutt virstellen, eng ganz aner wéi déi, déi mir um Terrain begéinen.

De Comité de prévention an de Comité de sécurité, déi Der ugeschwat hutt, dozou wëll ech Iech awer eppes soen, ech muss dat einfach lassginn, well dat läit mer wierklech um Häerz: An där Zäit, wéi ech an der Oppositioun war, hat ech zweemol eng Demande gemaach, fir kënne Member an deene Kommis-siounen ze ginn. Zweemol sinn ech awer du vu Leit refuséiert ginn, déi haut dann esou dréngend Froe stellen, déijéineg, déi meng Kompetenz déi Zäit net wollten. Dofir sinn ech frou, haut op dëser Plaz hei ze setzen, a mech an-zesetze mat all mengem Wëssen a mat

s'il existe une étude ou un sondage réalisé auprès de la population de Differdange à ce sujet.

Il s'interroge sur les statistiques récentes de la police grand-ducale. Justifient-elles un tel constat ?

Il souhaite connaître le nombre de réunions du comité de pilotage du PLS en 2024 et 2025. Il demande s'il existe des rapports de ces réunions auxquels les conseillers communaux peuvent avoir accès. Étant donné que le PLS prévoit une évaluation du dispositif, il veut savoir si le comité d'évaluation a organisé des réunions à cet égard et, le cas échéant, quelles ont été les conclusions et recommandations émises.

Il demande enfin s'il existe un rapport d'une telle réunion auquel les conseillers peuvent avoir accès.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie monsieur Aguiar pour ces questions intéressantes et se dit heureux de répondre. Il admet cependant qu'il doit faire des recherches concernant le nombre de réunions, de participants, leur durée et les statistiques, car il ne connaît pas ces détails par cœur.

Concernant le sentiment de sécurité évoqué, il explique qu'il s'agit, comme l'expression l'indique, d'un sentiment difficile à consigner par écrit. Ce sentiment de sécurité s'obtient en s'intéressant à la sécurité et en se mêlant à la population, en allant sur le terrain pour demander aux gens comment ils se sentent dans le centre-ville et dans les différents quartiers. Ce sentiment ne s'obtient qu'en dialoguant avec les habitants. Il affirme avoir parlé avec les citoyens, la police locale, les travailleurs sociaux de rue et les différents services s'occupant de sécurité. Ces échanges l'amènent à constater une évolution positive du sentiment de sécurité dans différents quartiers, tout en reconnaissant que ce sentiment peut être troublé par des actions spontanées, dont aucun homme politique ne peut être tenu responsable. Il évoque des événements récents, où, heureusement, personne n'a été blessé et où il n'y a eu que des dégâts matériels.

Il aborde ensuite les comités de prévention et de sécurité. Il tient à pré-

7. Questions

ciser que, lorsqu'il était dans l'opposition, il a demandé deux fois à être membre de ces commissions, mais a été refusé par des personnes qui aujourd'hui posent des questions urgentes. Il se dit heureux d'occuper aujourd'hui cette fonction et de s'investir avec tout son savoir et son temps pour la sécurité et le sentiment de sécurité des habitants.

Il annonce qu'en novembre 2024, ils ont reçu l'accord ministériel pour connecter leurs caméras de surveillance à Visupol, ce qui représente un grand pas vers plus de sécurité. Plus de cent caméras ont été installées depuis dans les infrastructures sportives et aux endroits où il y avait beaucoup de vandalisme. L'année dernière, ils ont eu environ 50 000 € de dépenses en moins concernant le vandalisme. Grâce aux caméras, plusieurs personnes au comportement inapproprié ont pu être identifiées et tenues responsables des dommages causés. Il souligne que ces mesures nécessitent des aménagements de sécurité importants, notamment l'installation de quarante poteaux et de lignes sécurisées pour l'électricité et la transmission des images vers Luxembourg-Ville, où elles sont visionnées par du personnel assermenté. Il ne peut pas donner les détails des réunions aujourd'hui, mais promet de les transmettre au prochain conseil communal.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) demande quand les caméras seront installées.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que cela ne dépend pas uniquement de lui. L'installation dépend de l'avancement des préparatifs techniques. Dès que le volet technique et l'État le permettront, le ministère lui a promis que les caméras pourront être installées avant la fin de l'année, ce qui apportera une grande plus-value au sentiment de sécurité et à la sécurité des habitants du quartier.

FRANÇOIS MEISCH (DP) soulève la question de la piscine en plein air, qui reste fermée pour la troisième année consécutive. Il explique que les citoyens s'interrogent et qu'ils

menger Zäit, déi ech affere fir d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun de Leit. Net nëmmen d'Sécherheetsgefill vun de Leit, mee och point de vue Sécherheet.

Mer sinn esou no wéi nach ni. Am November 2024 krute mer den Accord ministériel, fir eis Iwwerwaachungskameraen u Visupol unzeschleissen. Ee grouss Schratt a Relatioun zu méi Sécherheet.

Iwwer 100 Kamerae goufe säitdeem installéiert: an de Sportsinfrastrukturen, op Plazen, wou vill Vandalismus war.

D'lescht Joer hate mer ronn 50.000 Euro manner Depensen, wat de Vandalismus ubelaangt. Dank de Kamerae konnte verschidde Leit, déi sech net behuelen, wéi mir eis et virstellen, ermëttelt an zur Rechenschaft gezu ginn. Fir dann och emol fir dee Schued, dee se uriichten, opzekommen. Et ass nämlech einfach, Vandal ze sinn an net ze wëssen, wien dee Schued duerno bezilt. Dass d'Allgemengheet ëmmer muss fir dee Schued opkommen, ech mengen, dat ass jo jiddwerengem een Dar am A hei am Sall. Dat ass esou eng Plus-value, déi mer bréngen duerch déi Schrëtt, déi mer maachen.

Leider benéidegen déi Schrëtt och verschidde Sécherheetsmoossnamen – oder Gott sei Dank, soen ech op där anerer Säit, wann ech esou un déi vill Kameraen denken, déi mer amgaange sinn ze installéieren. An ech wäert méi wéi alles drusetzen, dass mer dat bis um Enn vum Joer operationell hunn. Zesumme mam Staat, mat deene budgetäre Moyenen, déi eis do zur Verfügung stinn. Wëssend dass mer fir 40 Kameraen 40 verschidde Pottoe musse maachen. Mir mussen ofgeséichert Leitungen hu fir de Stroum a fir déi Biller, déi iwwermëttelt ginn an d'Stad, wou se da visionéiert gi vun appropriéierte Leit, déi assermentéiert sinn. Soudass mer duerno kënnen op déi Biller zréckgräifen, en cas d'urgence oder wann ee Virfall ass.

Wéi gesot, d'Detailer vun de Reuniounen kann ech Iech haut net ginn. Ech maache mer awer eng Freed, fir deen nächste Gemengerot respektiv fir Iech als Fraktioun den Detail dovunner zoukommen ze loosse.

Dat war mol een Deel vu mengen Äntwerten. Ech gesinn, Dir hutt awer nach déi eng oder déi aner Fro.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Diverses questions, monsieur le bourgmestre. Quand les caméras seront-elles installées ?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wéi gesot, et hänkt net eleng vu mir of, soss wiere se muer do. Et hänkt dovun of, wéi séier mer mat de Preparatiounen vun deem technesche Volet virukommen. Soubal deen technesche Volet et erlaabt, an de Staat et erlaabt, hunn ech versprach kritt vum Ministère, dass dat ausganks dëses Joers, dass mer virun der Joreswenn déi Kameraen installéiere kënnen. Wat eis eng grouss Plus-value gëtt zum Sécherheetsgefill an zu der Sécherheet vun de Leit an deem Quartier.

An deem Zesummenhang nach eng Fro oder vun Iech? Da soen ech Iech Merci. Da géife mer zum Här Meisch senge Froen kommen. Här Meisch, wannech gelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Et geet em d'oppe Schwämm. Mir ginn elo an den drëtte Summer, wou eis oppe Schwämm zou bleift. D'Leit froen eis, wat leeft. A mir hu keng direkt Äntweren.

An der Sitzung vum 18. Dezember 2024 krute mer ganz kuerz, virum Vott vum Budget, e puer flott Billercher gewise betreffend eng eventuell Ëm- an Ausstrukturéierung vum Aquasud, wéi och eng Sanéierung vun der oppener Schwämm. Mir wäer frou, wann Der deen Dossier vun deemools un déi eenzel Fraktiounen vläicht schécke kéint, fir dass mer zumindest emol mat eise Leit driwwer kucke kéinten an diskutéieren.

D'Fro: Wou ass dee Projet drun? Wéi gesäit den Zäitplang aus punkto zukünftiger Notzung vun der fréierer oppener Schwämm?

7. Questions

Soll ech direkt déi nächst Fro drun hänken, zu engem aneren Thema? Oder kläre mer dat do fir d'éischt?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech géif mengen, mir probéieren, dat elo mol ze klären, an da géife mer zu där nächster Fro kommen. Ech wëll Iech, vu menger Säit aus, just soen, dass déi flott Biller, déi Der gesinn hutt, dat war am Fong geholl een Avant-Projet de loi, dass mer amgaange sinn, dat ze finaliséieren a kucken, sou gutt wéi méiglech, dann un d'Finanzen unzepas-sen.

Dass mer awer do um Ball bleiwen, an dass et eis och wichteg ass. Dat Aus-hängeschëld Uewerkuerer Schwämm, dat muss een Aushängeschëld bleiwen, net nëmme fir Uewerkuer, mee fir ganz Déifferdeng. Mir wäerten alles maachen, fir den Zäitraum vun der Modi-fikatioun an den Zäitraum vum Nei-bau, Vergréisserung Aquasud sou kuerz wéi méiglech ze halen.

Mir musse wëssen: Am Aquasud si mer momentan op iwwer 2.500 Abonnenten, déi vun deem ganze Site profitéieren, sief et am Wellness-, am Sauna-oder am Schwammberäich an esou vi-run. Dofir kucke mer dee Projet oppe Schwämm a Relatioun zu dem Bau an zu deem Neibau, awer och zu der Re-novatioun Aquasud, dass mer dat esou séier wéi méiglech finaliséiere kënnen.

Dofir hu mer och profitéiert vun der Si-tuatioun, dass vir déi Gebaier ofge-rappt gi sinn, fir deelweis scho mat an der Schwämm unzerappen, fir déi Re-novatioun an Ugrëff ze huelen.

Ech géif d'Wuert un den Här Wagner ginn, wann Dir do eventuell nach wei-der Detailer hutt betreffend de Sports-infrastrukturen. Här Wagner, wannech-gelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt praktesch alles gesot, wat ze soen ass. Ech ka just erwänen, dass mer e bësse méi eng animéiert Sitzung hate mat de Leit, déi um Plang dru sinn, den Archi-tekten, dem Büro. Dass mer do awer

wierklech och wëllen Drock maachen, dass et virugeet. Dat kann een nach ën-nersträichen.

Mee u sech huet den Här Buerger-meeschter alles dozou gesot. A mir sinn alleguete frou, ech als éischten – ech hu laang genuch dru geschafft –, dass mer do erëm un d'Rulle kommen, dass erëm eng flott Summersaison an der op-pener Schwämm ka realiséiert ginn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Ech kann nach zousätzlech soen, dat ass mer elo grad bäigefall: An där animéierter Reunioun ass och geschwat gi vun enger Garantie décennale, déi elo zum Asaz kéim am Aquasud. Dass verschidden Aarbechten ënner déi Garantie falen, déi da vun de Constructeuren a vun de Promoteure musse finanziell ofgedeckt ginn. Déi wäerten och elo mat exekutéiert ginn am Rame vun der Renovatioun vum Gebai vum Aquasud. Soudass mer her-no ee revidéiert Gebai, an deem Sënn, virfannen.

Da komme mer zu der nächster Fro. Den Här Meisch nach eng Kéier, elo hat ech Iech bal iwwersinn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Et war nach eng zweet Fro. Et wär awer flott, déi initial Billercher oder den initialen Dossier un d'Fraktiounen ze verschécken, vläicht hätte mir jo nach déi eng oder déi aner Iddi oder ee klengen Input, wat da soss eventuell géif vergiess ginn.

Déi zweet Fro betrëfft de City Parking oder wéi en da schlussendlech wäert heeschen. An der Press gouf jo emol proposéiert „Parking bei de Flicker“.

D'Parkplaz-Situatioun am Zentrum gëtt ville Leit ze denken. Dofir wollte mer wëssen, ob Der scho Parkplaz-Al-ternativen hutt, wann de Chantier vum City Parking lassgeet? Kéint Der eis an-engems matdeelen, wéini geplangt ass, dee Chantier ze starten.

Et ass dat, wat mir och gefrot ginn do-baussen. Merci.

n'obtiennent pas de réponses di-rectes.

Il rappelle que, lors de la séance du 18 décembre 2024, juste avant le vote du budget, quelques images ont été brièvement présentées concernant une éventuelle restruc-turation d'Aquasud ainsi qu'une rénovation de la piscine ouverte. Il demande que ce dossier soit trans-mis aux différentes fractions poli-tiques afin qu'elles puissent l'exa-miner et en discuter avec leurs membres. Il souhaite connaître l'avancement du projet et le calen-drier concernant l'utilisation future de l'ancienne piscine ouverte.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que les images présentées constituaient un avant-projet qu'ils sont en train de finaliser en l'adaptant aux contraintes financières. Il affirme que l'équipe communale reste mo-bilisée sur ce dossier, car la piscine d'Oberkorn doit rester un lieu em-blématique non seulement pour Oberkorn, mais pour tout Differ-dange. Il précise qu'ils feront tout pour réduire le plus possible la pé-riode de modification et de construction de l'agrandissement d'Aquasud.

Il souligne qu'Aquasud compte ac-tuellement plus de 2500 abonnés, qui profitent de l'ensemble du site, que ce soit pour le wellness, le sauna ou la natation. Il explique qu'ils ont profité de la démolition partielle des bâtiments pour com-mencer les travaux de rénovation dans la piscine.

THIERRY WAGNER (LSAP) complète en mentionnant qu'ils ont organisé une réunion animée avec les archi-tectes et le bureau d'études pour ac-célérer le projet. Il se réjouit de la perspective de pouvoir à nouveau organiser une belle saison estivale dans la piscine ouverte.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ajoute que, lors de cette réunion animée, il a été question de la garantie décennale, qui s'applique maintenant à Aqua-sud. Certains travaux tombent sous cette garantie et seront financés par les constructeurs et promoteurs dans le cadre de la rénovation du bâtiment.

7. Questions

FRANÇOIS MEISCH (DP) intervient à nouveau pour demander que le dossier initial soit transmis aux fractions politiques, qui pourraient avoir des idées ou des suggestions. Il pose ensuite une question concernant le City Parking, mentionnant que la presse a proposé de le renommer « Parking bei de Flicker ». Il souligne que la situation du stationnement au centre-ville préoccupe de nombreux citoyens et demande quelles solutions de rechange de stationnement sont prévues pendant les travaux. Il souhaite également connaître la date prévue pour le début du chantier.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il transmettra les derniers plans retenus aux fractions.

Concernant le parking, il reconnaît l'importance des places de stationnement et la volonté de maintenir la kermesse attractive pendant les travaux, ainsi que de permettre aux clients de continuer à faire leurs achats au centre-ville.

Il explique qu'ils envisagent, en collaboration avec l'État, d'aménager provisoirement l'ancien CID en parking. Il précise que cela nécessite la démolition des halls existants et l'assainissement du terrain contaminé. Il annonce qu'ils procéderont d'abord à la démolition et à l'assainissement pour créer un parking provisoire en attendant l'achèvement du nouveau parking.

ERNY MULLER (LSAP) prend ensuite la parole pour aborder la trame verte du plateau du Funiculaire. Il félicite d'abord la commune pour ce projet réussi, puis exprime sa surprise d'apprendre que l'aire de jeux adjacente à la place Marie-Paule-Molitor-Peffer reste fermée depuis deux ou trois mois, malgré le non-respect de cette interdiction par les enfants, qui contournent les barrières.

Erny Muller demande quelles sont les raisons pour lesquelles l'aire de jeux reste fermée depuis si longtemps et souhaite savoir quand elle sera définitivement mise en service. Il aborde ensuite une question plus générale concernant les aires de jeux du plateau du Funiculaire. Il rappelle avoir déjà évoqué ce sujet lors de discussions précédentes sur

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat si ganz gutt Froen. Als Éischt wëll ech emol soen, dass ech dat erméiglechen, dass Der eng Kopie vun deem leschte Plang, deem dann zrëckbehale ginn ass, vun den Avant-Pläng, dass Der déi kritt. Dass Der wësst, wann Der Froe gestallt kritt, wou mer do dru sinn.

Déi aner Saach, den Detail vum Parking, dat ass am Fong geholl dem Här Ulveling säi Spezialgebit. Et ass eis bewosst, a mir sinn amgaangen, eis do-riwwer Gedanken ze maachen.

Well mer gesinn, speziell an dëser Zäit vun haut, dass mer éischters Parkplaze brauchen, dass mer, zweetens, déi flott an déi fir d'Populatioun interessant an attraktiv Kiermes net wëlle verléiere während der Chantierszäit. A mer wëllen och deene Leit, déi am Zentrum nach akafe respektiv am Opkorn akafen, net d'Méiglechkeet huelen, fir do keng Plaz méi ze kréien. Da si mer amgaangen ze iwwerleeën, an Zesummenaarbecht mam Staat, dass mer deem CID, dee mer oftrieden, dee mer dem Staat zur Verfügung stellen, provisoresch amenagéieren als Parking.

Wat soe wëll: Fir deem ze amenagéieren, müssen déi Halen, déi elo do stinn, wat ee gréissere Volume ass, ofgerappt ginn. An da gëtt do geschwat vu Sanéierung vum Terrain, well dee verseucht ass an esou virun. Mee mer wëssen, dass mer müssen eng Léisung fannen.

A mer wäerten elo an enger éischer Phas kucken, fir deem alen CID ofzerappen, den Terrain ze sanéieren an doraus ee provisoresche Parking ze maachen, en attendant, d'Fäerdegstellung vum Parking, dee mer dann och wëllen nennen, wéi hat Der gesot: „Bei de Paschtéier“? Dass mer deem dann aweie mat engem anstännegen Numm an eng anstänneg Plaz ëmmer hu fir déi Leit, déi ee Parking brauchen.

Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Meng Fro behandelt d'Trame verte um Plateau du Funiculaire, méi

speziell d'Spillplaz, déi do amenagéiert gëtt an och nach zwou aner Froe betreffend de Quartier Plateau du Funiculaire.

Fir d'éischt emol wëll ech soen, dass déi Trame verte wierklech reusséiert ass, dass dat ee ganz flotte Projet ass, deem do vun der Gemeng duerchgezu ginn ass an deem elo praktesch fäerdeg ass.

Duerfir war ech verwonnert, wéi ech vu Leit aus deem Quartier ugeschwat gi sinn, dass déi Spillplaz, déi jo amenagéiert gouf, déi un d'Place Marie-Paule Molitor-Peffer grenzt, nach ëmmer net a Betrib wär, mee gespaart wär. Dat heescht, mat Ofgrenzung gespaart. An dat schonn elo zwee, dräi Méint.

Ech muss och soen, dass dat net vun de Kanner respektéiert gëtt. Well d'Kanner, déi sinn ugezu vun där Plaz, déi ginn natierlech ronderëm d'Ofspärunge op d'Spiller.

Ech wollt emol froen, wat d'Ursaach ass, dass déi nach gespaart ass, an esou laang schonn ofgespaart ass. Wéini geet déi Spillplaz dann definitiv a Betrib? Dat zu där spezifischer Fro.

Dat anert, méi eng allgemeng Fro zu de Spillplazen, wat de Plateau du Funiculaire ubelaangt. Ech hat dat schonn eng Kéier hei gesot, wéi mer iwwer dee Projet geschwat hunn. Et ass ee jonke Quartier, mat jonke Leit, mat Kanner, vill jonk Leit mat Kanner, an do ass keng Spillplaz fir ganz kleng Kanner. Och déi hei Spillplaz ass net gëeegent fir kleng Kanner.

Ech hat dem Här Ulveling schonn eng Kéier gesot, wannechgelift, kuckt emol, ob mer net kéinten an deem Quartier eng spezifesch Spillplaz amenagéiere fir méi kleng Kanner. Well déi Leit, déi wëlle jo am léifste spadséiere ronderëm de Parc de la Chiers an hirem Quartier. An deem Quartier ass jo och esou geduecht, dass en och fir de Loisir soll déngen an och fir Spill-Aktivitéite fir d'Kanner an esou weider. An dann niewendrun direkt nach d'Recreatioun mat deem flotte Parc de la Chiers.

Dann hätt ech nach eng Saach, wat ech wëilt a Rappel bréngen, fir elo ofzuschléissen de Projet. Fir do ee Panno opzestelle mat engem Bild, deem d'Seel-

7. Questions

bunn weist, wéi se fréier ausgesinn huet. Ech hunn eng Foto viruginn. Wat ech ganz flott géif fannen, fir dass déi jëtzeg Generatiounen och gesinn, wat fréier op deem Plateau war. Dat muss awer elo net esou ee Rouer sinn, dee Wuerm, deen do war, wat jo näischt Schéines war. D'Seelbunn charakteriséiert d'Landschaftsbild, déi laang Joren hei zu Déifferdeng war a wat och dem Plateau du Funiculaire den Numm ginn huet.

Et wär flott, wa mer dat kéinte maachen. Dat géif der Trame verte mam Spadséierwee an dem Véloswee, deen do derlaanscht géif féieren, wou een dat kéint op déi fréier Fondatiounen opbauen, och méi ee komplett Bild ginn. Och der Populatioun, wat dat am Fong heescht Plateau du Funiculaire.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir d'Froen, Här Muller. Et ass dem Här Ulveling säi Gebitt. Déi Detailfroen huelen ech mat bei hien, fir Iech d'Datumen ze soen, wéi et do mat den Aarbechte steet.

Ech kann op jidde Fall novollzéien, an ech verstinn dat och vun de Kanner hirer Säit, wann eng Spillplaz zougespaart ass, dass et dann nach méi interessant ass, fir drop ze goen, wéi wann ee fräien Accès huet. Ech mengen, mir wëssen dat jo och selwer, wéi mer kleng waren, datt mer léiwer iwwer en Drot geklomme si wéi duerch eng Paart, déi op war. Dat ass kloer.

Ech deelen do ganz Är Meenung, dass wa mer Spillplazen nei amenagéieren, respektiv déi mer reforméieren, déi mer renovéieren, mer un all Alter sollten denken. Ech huelen dee Gedanken och mat bei de Kolleeg, den Här Ulveling, fir him dat matzedeele.

Ech sinn och ganz bei Iech, dass et méi schéin ass, ee Panno explizitt, oder eng grouss Foto vun enger Seelbunn, wéi dat fréier war, wéi vun deem Rouer, oder dee Wuerm, wéi Dir et bezeechent, deen net esou schéi war.

Ech huelen déi Gedanken an déi Froe mat bei den Här Ulveling, an Dir wäert

a kuerzer Zäit eng Äntwert dorop kréien. Merci fir Är Froen, Här Muller.

Dann hunn ech nach den Här Cillien hei stoen. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Villmools merci fir d'Wuert. Et ass eng Fro par rapport, zum wëlle Parken. D'Kollegen aus der Internationaler Schoul hu mer gesot, zënter se eng Barriär do hunn, géif owes vun de Leit do wëll ronderëm geparkt ginn. Da wär och emol den Zougang zu der Schoul blockéiert, wa si owes wëilten eraus oder eran. Och sonndes wär dat de Fall.

D'Fro wier: Kéint ee virgesinn, déi Parkplazen anescht anzezeechen? Oder einfach kucken, fir eis Agents municipaux zu deenen Zäite mol laanscht ze schécken an d'Leit ze verbaliséieren, gegebenefalls ofzeschleefen, wann et net anescht geet. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Cillien, Är Fro an Är Bemierkung ass berechtigt. Et fält mir selwer och op, wann ech heiansdo an deem Quartier do ënnerwee sinn. Mir kréien dat just an de Grëff, andeem – esou schro wéi et och ass –, mer méi Kontrolle maachen a mer méi verbaliséieren. Mat gudde Wieder eleng kritt een d'Leit net ëmmer zur Uerdnung bruecht.

Ech mengen, no all deene gudde Wieder, muss een dann awer emol eng Kéier sanktionéieren, fir ze weisen, dass een d'Leit och net ëmmer mat Heemele an de Rechtsstaat zrëckkritt, mee dass een och heiansdo muss sanktionéieren.

Mee ech ginn Iech ganz Recht. Op der Plaz si mer amgaangen, Iwwerleeungen unzestriewen, vu dass mer d'Naturschutzgebidd auswäiten, am Zesammenhang mat Péiteng ëmmer méi no beieneekommen, an ee vun eise Agents municipaux elo a Pensiouen geet, dee sech méi ëm den environnementale Beräich gekëmmert huet, dass mer net derlaanscht kommen, fir nach deen een an deen anere weider anzestellen. Fir

ce projet. Il souligne qu'il s'agit d'un quartier jeune, habité par de nombreuses familles avec enfants, mais qu'aucune aire de jeux n'est adaptée aux tout petits. Il demande à monsieur Ulveling d'examiner la possibilité d'aménager dans ce quartier une aire de jeux spécifiquement conçue pour les jeunes enfants, car les parents préfèrent se promener dans leur quartier, autour du parc de la Chiers. Ce quartier a été conçu pour servir aux loisirs et aux activités ludiques pour enfants, avec à proximité le magnifique parc de la Chiers pour la récréation.

Pour clore le projet, il rappelle sa proposition d'installer un panneau avec une photo montrant l'ancien funiculaire. Il possède une photographie qu'il trouve intéressante pour permettre aux générations actuelles de découvrir ce qui existait autrefois sur ce plateau. Il ne s'agit pas de mettre en avant l'aspect industriel peu esthétique de l'époque, mais le funiculaire caractérise le paysage qui a marqué Differdange pendant de nombreuses années et qui a donné son nom au plateau du Funiculaire. L'installation de ce panneau, combinée à la trame verte avec le chemin piétonnier et la piste cyclable qui longeraient les anciennes fondations, permettrait d'offrir à la population une vision complète de ce que signifie le plateau du Funiculaire.

GUY ALTMEISCH (LSAP) remercie monsieur Muller pour ses questions et indique qu'il transmettra les questions détaillées à monsieur Ulveling, qui est responsable de ce domaine. Il comprend parfaitement que du point de vue des enfants, une aire de jeux fermée devient encore plus attractive que si elle était en libre accès. Il partage l'avis que, lors de l'aménagement ou de la rénovation d'aires de jeux, il faut penser à tous les âges. Il transmettra cette réflexion à monsieur Ulveling.

Il approuve également l'idée d'un panneau avec une photo du funiculaire plutôt que de l'aspect industriel moins attrayant de l'époque.

ERIC CILLIEN (DP) soulève un problème de stationnement sauvage.

7. Questions

Les collègues de l'école Internationale l'ont informé que, depuis l'installation d'une barrière, des véhicules se garent anarchiquement le soir, bloquant parfois l'accès à l'école. Ce phénomène se produit également le dimanche. Il demande s'il serait possible de revoir le marquage des places de parking ou d'envoyer des agents municipaux pour verbaliser et, si nécessaire, faire enlever les véhicules mal stationnés.

GUY ALTMEISCH (LSAP) reconnaît la légitimité de cette remarque et constate lui-même ce problème lors de ses passages dans le quartier. Il explique que la solution passe par davantage de contrôles et de verbalisations. Après les avertissements, il faut sanctionner pour montrer qu'on ne peut pas toujours s'en sortir avec de bonnes paroles.

Il évoque les réflexions en cours concernant l'extension des zones naturelles protégées en collaboration avec Pétange et le départ à la retraite d'un agent municipal spécialisé dans l'environnement. Il souligne la nécessité de recruter du personnel supplémentaire pour mieux protéger la nature tout en gérant l'affluence croissante dans les espaces naturels.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) exprime sa surprise après avoir lu dans le « Tageblatt » du 26 avril que jusqu'à cinquante employés du TICE pourraient être intégrés temporairement dans neuf à dix communes membres, notamment des chauffeurs de bus ne pouvant plus exercer pour raisons médicales. Différence serait concernée par cette convention.

Il demande quand l'accord a été conclu, quelle est la position du collège échevinal et combien d'employés Différence devrait accueillir pour quelles tâches.

GUY ALTMEISCH (LSAP) profite de l'occasion pour rectifier les informations qui circulent. En tant que membre du conseil d'administration du TICE, il précise qu'aucune convention n'a été signée entre le TICE et la commune de Différence concernant l'accueil de personnes en incapacité de travail pé-

och op eng besser Resonanz bei der Population ze stoussen.

Zemools se gesinn, dass se net nëmmen Auto-Schreck sinn, mee dass se awer och fir d'Protektioun vun der Natur sinn. Wann ech kucken, eis Plazen an der Natur, et ass jo bemierkenswäert, wéi vun deene profitéiert gëtt. De Weekend, soubal d'Wieder e bësse gutt ass, fänke mer scho bal un, een zweete Camping ze kréien. Uewe bei der Stengercherswiss fänken d'Leit u schonn ze picknicken an esou virun, deen Dag virun, fir eng Plaz ze kréien.

Och dat ass eng Motivatioun, fir weider Agenten anzustellen. Fir dass d'Propretéit do op deene Plazen an d'Uerdnung do e bësse respektéiert gëtt. Mer sinn a Gespréicher mat den Nopeschgemengen, fir do zesummenzeschaffen, fir dee ganzen Naturberäich „Giele Botter“ an dat besser ze iwwerwaachen. Déi zwou Gemengen. Wou mer eis géifen d'Chargen an d'Laaschten an d'Freed dann och opdeelen.

Mee ech huelen Är Gedanke mat an ech wäert dat och matdeelen, dass se méi intensiv duerno kucken. An der grousser Hoffnung, dass mer eng besser Léiung fannen, wa mer dat anert Gebai sanéieren oder méi kleng maachen, fir dass mer do Plaz schafen. An da kucke mer, wéi mer virufueren am Respekt vun deem Besoin, deen d'Leit, déi do schaffen, an d'Bierger, déi do wunnen, brauchen. Merci, Här Cillien.

Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hätt Froe bezüglech dem TICE. Mat e bëssen Iwwerraschung hu mer de 26. Abrëll am „Tageblatt“ liese kënnen, aus dem Gemengerot vu Schëffleng, dass bis zu 50 Mataarbechter vum TICE sollen an néng bis zéng Member-Gemenge vum TICE integréiert ginn, temporär. Eemoleg Buschaufferen déi aus gesondheetleche Grënn net kënnen als Buschauffer aktuell schaffen. Ënner anere, ass och d'Gemeng Déifferdeng genannt ginn als eng vun deenen, déi eng Konventioun mam TICE ënnerschriwwen hätten, fir dat ze maachen.

Meng Froen: Wéini ass dëst Ofkommen tëscht de Gemengen an dem TICE zustane komm? Wéi steet de Schäfferot dozou? Wat ass do virgesinn? Wéi vill Mataarbechter solle vun Déifferdeng iwwerholl ginn, mat wéi engen Tächen? Wäerten d'Aarbechtskonditiounen fir déi Leit änneren? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci fir déi Froen, Här Diderich. Ech wäert vun der Geleeënheet profitéieren, fir déi verschidde Gespréicher oder verschidden Aussoen, déi do am Ëmlaf sinn, richtegstellen. Ech hu selwer d'Chance, fir an deem Verwaltungsrot vum TICE matzeschaffen, wéi och aner zwee Verrieder hei aus dem Schäfferot. Éischters emol ass keng Konventioun mam TICE an och keng Konventioun mat der Gemeng Déifferdeng ënnerschriwwen ginn, fir Leit opzehuelen, déi bei deene 50 sinn, déi keng Incapacité de travail permanente, mee eng Incapacité de travail périodique hunn, well se net kënnen Bus fueren. Eng 45 Leit si vun der Medezin zertifizéiert ginn, dass se momentan net dierfe Bus fueren.

Déi Leit hunn ee Statut, déi hunn de Statut vum Fonctionnaire. A wa mer déi wëllen deplacéieren op eng aner Aarbechtsplaz oder op eng aner Destinatioun, da mussen déi Leit hire perséinlechen Accord dozou ginn. Mir hunn déi Leit gefrot, an do waren zwou, dräi Persounen, déi sech interesséiert hu fir eng aner Plaz. D'Gemeng Schëffleng hat sech gemellt, fir ee vun deene Fonctionnaires temporär ze beschäftegen op hirer Gemeng. Dat ass dee Versuch, deen elo momentan leeft.

Et stëmmt, dass et net flott ass, wa mer vu Leit schwätzen, déi moies op d'Aarbecht kommen an da musse se laanscht de Sall goen, wou 40 Leit present sinn, déi hirer Aarbecht net méi noginn an déi hire Certificat médical do mussen ausleeën. Dat ass net flott. Net fir déijéineg, déi schaffe kommen, an et ass och net flott fir déijéineg, déi net dierfe schaffen.

D'Brisanz vun deem Dossier ass eis wuel bekannt. Mee Dir wësst, dass mer a Verhandlung sinn. An ech widderhuele mech dann, mee ech maache mer

7. Questions

awer eng Freed, Iech dann nach eng Kéier ze widderhuelen, dass mer a Verhandlung si mam Staat, fir do eng aner Konventioun, fir do een anere Modus ze fannen, fir déi ganz al Lokomotiv TICE an ee schnellen TGV ze verpaken, deen eisem Zäitalter entsprécht, deen eise Besoinen an deen eise Sécherheitsvirstellungen entsprécht. A mir sinn do um gudden Punkt, fir zu engem Ofschluss ze kommen.

Mee mir sinn eiser awer eens, all d'Parteien, déi do ronderëm deen Dësch setzen. Dat sinn nun emol déi néng konventionéiert Gemengen, déi an deem Syndikat do mat dra sinn, dat ass de Ministère des Transports, dat ass de Ministère des Finances, deen och eng grouss Roll do matspillt. Dat dierfe mer net vergiessen, dass mer wëllen eng Autonomie communale behalen, déi sech net just op den ëffentlechen Transport beschränkt an esou virun. Do si mer um gudden Wee.

A mir wäerten, an ech perséinlech wäert mech och dorunner halen, wat mer ofgemaach hunn, do keng Detailler erauszeginn, bis déi Detailler an déi Punkten alleguerten aus där Konventioun mat deene verschiddene Ministären, mat deene Fonctionnaires ofgeschwat sinn, mat den Delegatiounen, mat de Gewerkschaften, bis déi räif sinn, fir dat public ze maachen.

Publikatiounen tëschent Dier an Aangel, wou net alles richteg ass, de Journalist nëmme mat engem Ouer nolauschert, deen anere mat zwee Mënnern schwätzt, dat bréngt mer net vill. An dat bréngt deem Ganzen net vill positiv entgéint. Dofir muss Der Iech elo, leider, zefridde gi mat mengen Erklärungen, déi ech hei hunn, zu deem Zäitpunkt. Soubal ech Detailler hunn, déi méi ëffentlech sinn, sidd Dir déi Éischt, déi dovunner gewuer gitt.

Ech soen Iech awer Merci fir Ären Interessi. Als Stad Déifferdeng wäerte mer eis staark maachen, dass déi al Lokomotiv TICE engem neien TGV wäert gläichen. Merci.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, fir dës Äntwerten.

Déi aner Fro, déi ech hunn, dat ass: De Maxim's ass jo elo ofgerappt ginn. Wéi mer den Dossier hei haten, do hat ech d'Fro gestallt vum Isolatiounsmaterial, wat do verschafft wäert ginn. An Dir hat gesot, dat wär nach net esou am Detail gekläert, le moment donné géif dat gekuckt ginn. Do wollt ech nach eng Kéier nohaken, ob Der méttlerweil déi Detailler ausgeschafft hutt mam Promoteur, dass séchergestallt gëtt, dass do Naturmaterial benotzt gëtt, also näischt Synthetesch benotzt gëtt, wat à l'encontre wär zu den ekologeschen a klimafreundlechen Ziler, déi mer eis gesat hunn als Gemeng.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do hutt Der ganz Recht. Ech erënnere mech och un Är Froen. Ech hunn Är Froen nach net vergiess. Mee ech kann Iech se, leider, op dem Datum vun haut net beäntwerten, well dee ganzen Dossier elo e bëssen ee Retard kritt huet duerch Enregistrementen vun Akten an esou virun.

Well do net alles ganz kloer war. Mee dat ass awer elo amgaangen, sech ze regulariséieren, nodeem mer während, ech menge Méint, Schrëftverkéier haten, fir d'Akten ze enregistreieren, d'Confirmatiounen ze kréie vun deene verschiddenen Nottären, déi déi Akte gemaach hunn.

Dat ass awer elo alles a gereegelte Bunn. Soudass mer an noer Zukunft Detailler kënne gi betreffend déi Isolatioun vun deem Gebai.

Mee ech kann Iech dat haut nach net ginn, well mer do nach net esou wäit sinn.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay. Da sinn ech frou, wann Der mer dat noliwwert an engem nächste Gemengerot, oder einfach dertëscht schrëftlech. Et wonnert mech och elo net onbedéngt ze héieren, dass et mat

riodique. Il s'agit d'environ 45 personnes certifiées médicalement inaptes à conduire des bus temporairement.

Guy Altmeisch explique que les employés concernés possèdent le statut de fonctionnaire. Pour les déplacer vers un autre poste ou une autre destination, leur accord personnel est nécessaire. La commune a interrogé ces personnes et deux ou trois se montrent intéressées par un changement de poste. La commune de Schiffange s'est manifestée pour employer temporairement l'un de ces fonctionnaires, et cet essai est en cours.

Il reconnaît que la situation n'est pas agréable lorsque les employés doivent passer devant une salle, où quarante personnes présentes ne peuvent pas travailler et doivent présenter leur certificat médical. Cette situation est difficile tant pour ceux qui viennent travailler que pour ceux qui ne peuvent pas exercer leurs fonctions.

Le bourgmestre souligne l'urgence du dossier tout en rappelant que des négociations sont en cours. Il répète que la commune négocie avec l'État pour établir une nouvelle convention et trouver un autre mode de fonctionnement. L'objectif est de transformer l'ancienne locomotive TICE en un TGV moderne qui correspond à l'époque actuelle, aux besoins et aux exigences de sécurité. Ces négociations progressent favorablement vers une conclusion.

Il précise que toutes les parties concernées s'accordent sur ce point : les neuf communes conventionnées membres du syndicat, le ministère des Transports et le ministère des Finances, qui jouent un rôle important. L'autonomie communale, qui ne se limite pas au transport public, doit être préservée. Le bourgmestre s'engage personnellement à respecter les accords conclus et refuse de divulguer des détails avant que tous les points de la convention soient finalisés avec les différents ministères, fonctionnaires, délégations et syndicats. Il considère que les publications prématurées, où les journalistes n'écourent que partiellement ou parlent avec des interlocuteurs différents, n'apportent rien de positif.

7. Questions

au processus. Il demande donc de se contenter pour l'instant de ses explications et promet d'informer le conseil dès que des détails pourront être rendus publics. Il réaffirme l'engagement de Differdange pour transformer TICE en une structure moderne.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie monsieur Altmeisch pour les réponses et pose une question concernant le bâtiment Maxim's, qui est en cours de démolition. Il rappelle avoir interrogé sur les matériaux d'isolation qui seront utilisés et souhaite savoir si les détails ont été établis avec le promoteur pour garantir l'utilisation de matériaux naturels, conformément aux objectifs écologiques et climatiques de la commune.

GUY ALTMEISCH (LSAP) reconnaît la pertinence de la question, mais ne peut y répondre actuellement. Le dossier a pris du retard en raison de problèmes d'enregistrement d'actes et de manque de clarté. Des échanges écrits durant plusieurs mois ont été nécessaires pour régulariser la situation avec les différents notaires. Tout est maintenant en voie de régularisation et des détails sur l'isolation pourront être fournis prochainement.

Gary Diderich (déi Lénk) exprime ensuite son mécontentement concernant la représentation dans les commissions depuis les élections. Il constate l'absence de plusieurs rapports de commissions importantes, notamment la Commission des finances, dont seul un rapport de juin 2024 est disponible. Il relève également des manquements pour les commissions de la jeunesse, des sports, de l'environnement et de la culture. Il souligne les problèmes de communication et demande au bourgmestre s'il ne souhaite pas renforcer la démocratie en ouvrant les commissions à l'opposition.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond aux questions de monsieur Diderich en commençant par la fin. Il affirme que la proportionnalité démocratique n'est pas liée aux taux de présence ou aux pourcentages de re-

deem doten Akt Schwieregkeete gëtt oder dat méi laang dauert.

Meng lescht Fro, déi ech wollt stellen, ass punkto Kommissiounen. Dir wësst, dass mir, zënter de Wale ganz onzefridde si mat där Situatioun, dass mir als déi Lénk, obwuel mer am Gemengerot vertruede sinn, net méi an alle Kommissiounen vertruede sinn.

Elo ass dat neit Joer schonn e bëssen en cours, ech hunn elo nach eng Kéier op der Cloud an an den E-Mailen de Bilan gemaach an ech muss, leider, constatieren, dass et vun enger ganz wichtiger Kommissioun, zum Beispill der Finanzkommissioun, just ee Rapport vu Juni 2024 gëtt. Soss keng aner Rapporten, weeder fir dëst nach fir d'lescht Joer, ze fanne sinn, weeder an den E-mailen nach op der Cloud. Wat fir eng Finanzkommissioun awer, mengen ech, eng dramatesch Situatioun ass. A wou ech de Schäfferot froe wollt, wéi en déi Situatioun wëll remediéieren.

Vun der Jugendkommissioun gëtt et keng fir 2025 a just véier fir d'Joer 2024. Et ka sinn, dass do just véier Reuniounen waren. Mee dat géif mech awer e bësse wonneren.

An der Sportskommissioun, do ass en Duercherneen, do gëtt et zum Beispill eng Invitatioun am Januar, awer kee Rapport. Da gëtt et ee Rapport fir Mäerz, mee keng Invitatioun. Fir de Mee geet per Mail eng Invitatioun eraus, déi aner sinn net per Mail komm.

An der Ëmweltkommissioun an an der Kulturkommissioun kann et sinn, dass zënter Februar elo näischt Neies geschitt ass, respektiv zënter Mäerz.

Soss sinn awer ganz vill Kommissiounen, déi d'Situatioun verbessert hunn. Dat ass gutt. Mee d'Situatioun ass net komplett. De Minimum misst sinn, dass dat komplett wär, dass een dat ëmmer kréich. Zum Beispill, den Owend ass Jugendkommissioun, eise Verrieder huet d'Been am Gips, an ech hu gekuckt, per E-mail ass do näischt verschéckt ginn. Ech kann och elo net vun de Moien op den Owend improviséieren an hien do ersetze goen. Well einfach d'Informatioun och net kënnt. Dat ass ongëschteg.

Zousätzlech dozou wollt ech d'Fro stellen, wéi et mat de Piraten ass, déi no de Wale d'Hallschent vun de Mandater kritt hunn, elo mol kee Verrieder méi am Gemengerot ass. Ech net weess, ob si oft present sinn an deene Kommissiounen, déi se hunn. An ech weess am Fong och net, wie si vertritt. A wéi iwwerhaapt do d'Situatioun ass.

Wéi Der punkto Kommissiounen wëlles hutt weiderzefueren. A wann Der selwer bedauert hutt, an der Kommissioun zur lokaler Sécherheet net d'Méiglechkeet hat, do dobäi ze sinn, ob Der dann net de Prinzip, deen Der selwer bedauert hutt, wëllt revidéieren an esou demokratesch sinn a jidderengem den Accès zu enger basis-demokratescher Instanz wéi berodend Kommissiounen gläichermoossen ze erméiglechen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Froen, Här Diderich. Ech fänken hannen u mat där leschter, déi ech nach am beschte Verhalen hunn. Also d'Verhältnisméissegkeet an der Demokratie, dat ass jo net a Relatioun mat de Presenzen a mat de Pourcentage vum de Verriedungen an deene verschiddene Kommissiounen. Ech mengen, et ass keen heibannen, dee sech de Virwurf ka gefale loosse respektiv unhéiere muss, ouni ze reagéieren, wa mer iwwer Demokratieverständnis an eise Breedegraden hei an Europa schwätzen.

Dat emol gesot, sinn ech frou, dass Der awer nach ee Luef hutt fir d'Kommissiounen. Ech fänken dann u mat deene positive Saachen. Mir si frou, wa Saache sech veränneren, wa Saache sech verbessern, wéi Der selwer gesot hutt. A mir wäerten och déi Verbesserungen nach besser maachen.

Déi Saachen, déi net gutt lafen, ech verstinn Iech, an ech wäert Iech elo erëm dat selwecht soen, wéi ech Iech schonn e puermol gesot hunn: Ech huele mer dat zu Häerz an ech probéieren, do Remedur ze schafen, wa Rapporten ze spët erauskommen oder wa Leit, déi sech ofmellen, net kënnen ersat ginn, well den Delai einfach ze spët ass.

7. Questions

Dir musst awer och verstoen, déi grouss Zuel vun deene Kommissiounen – wou mer och frou sinn driwwer, dass mer op déi zréckgräife kënnen –, déi grouss Zuel vun de Kommissiounen an déi vill Leit, déi do engagéiert sinn, beschäftegt sinn an dat musse plangen, wat de Sall ubelaangt, wat d'Convocationen ubelaangt, wat den Écrit ubelaangt, maachen dat no hirer Aarbechtszäit an esou virun. All Respekt fir dat, wat déi Leit maachen.

Et ass natierlech ëmmer esou: Wa Leit zesumme sinn, geschéie gutt Saachen an et geschéie manner gutt Saachen. Ech huelen dat do mat op d'Lëscht vun deene manner gudde Saachen. An ech wäert mer déi Reprochen, déi Der elo mëndlech virgedroen hutt, d'nächst Woch nach eng Kéier ullauchteren an dann nach eng Kéier spezifesch op déi Leit zréckgräifen, déi mer erwänt hunn, oder do, wou mer kënnen, Remedur schafen.

Méi kann ech Iech net versprechen, well dat ass schonn – ech kann Iech soen, dass ech probéieren, dat ze realiséieren. Awer ech verstinn Är Doleancen.

Déi aner Saach vun de Kommissiounen, ech mengen, mir sinn eis an eise Koalitionsgespräicher an an eise Opbau vun eiser Politik fir déi nächst Joren, wou mer da kënnen hei schaffen, eens, fir déi Decisioun ze huelen. An et ass och momentan kee vun eiser Säit, kee Gedanken an och keng fundamental Motivatioun do, fir dat, wat mer decidéiert hunn, wéi mer hei ugefaangen hunn, ze änneren. Dat wëll ech awer och nach gesot hunn, ier ech Iech dann déi aner Saache schrëftlech noreeche vun deene verschiddene Kommissiounen, wou mer dann och probéieren, besser ze schaffen.

Ech soen Iech Merci.

Sinn nach Froen am Raum? Den Här Wagner.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Ech stelle keng Fro. Ech beäntwerte Froen, déi d'leschte Kéier am Gemengrot gestallt gi sinn. Den Här Cillien hat eng Fro gestallt gehat par rapport zu engem Virfall um Woiwer bei der

Schoul. Et ware chaotesch Zoustänn, ee Feieralarm ass vun engem Kand ausgeléist ginn, grad just an deem Moment – an dat ass natierlech eng Situatioun, déi net ganz gutt ass –, wou d'Schoul fäerdeg war an d'Maison relais ugefaangen hat. Dat heescht, d'Leit sinn e bëssen hin an hier gelaf a kee wousst esou richteg, wéi e sollt reagéieren.

Déi Saach hate mer ugeschwat. Mir versichen, dass esou eppes an Zukunft net méi virkënnt, dass mer eis eng Prozedur ginn, grad wann, soe mer mol, Schichtwiessel ass, esou an deem Stil, dass mer op esou Situatiounen awer virbereet sinn. Dat wollt ech just nach äntwerten op d'Fro vun där leschter Kéier. Merci.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Wa keng Froe méi wieren, da géife mer an d'Non-publique iwwergoen.

présentation dans les différentes commissions. Il refuse que quiconque dans cette assemblée doive accepter sans réagir des reproches concernant sa compréhension de la démocratie en Europe.

Le bourgmestre se réjouit des compliments exprimés pour les commissions et des améliorations constatées, promettant de les améliorer encore davantage.

Concernant les dysfonctionnements, il comprend les préoccupations et prend à cœur les problèmes soulevés, notamment les rapports tardifs et l'impossibilité de remplacer les membres absents faute de délais suffisants. Il souligne toutefois la complexité de gérer le grand nombre de commissions, rappelant que leurs membres travaillent bénévolement après leurs heures de travail, ce qui mérite tout le respect.

Il reconnaît que, dans tout groupe humain, il y a des réussites et des échecs. Il s'engage à réécouter les reproches formulés oralement la semaine prochaine et à contacter spécifiquement les personnes mentionnées pour apporter des solutions. Concernant la structure des commissions, il confirme qu'aucune modification n'est envisagée par rapport aux décisions prises lors des négociations de coalition.

THIERRY WAGNER (LSAP) répond ensuite à une question de monsieur Cillien posée lors de la dernière séance concernant un incident à l'école du Woiwer. Une alarme incendie déclenchée par un enfant pendant la transition entre l'école et la maison relais a créé une situation chaotique. Il assure qu'une procédure sera mise en place pour éviter de tels incidents.

JERRY HARTUNG (CSV) propose finalement de passer à la séance non publique s'il n'y a plus de questions.

EXPOSEZ VOTRE TALENT À L'ÉGLISE SAINTE-BARBE À LASAUVAGE

Vous êtes un artiste en quête d'un lieu unique pour exposer votre travail ? La Ville de Differdange met à votre disposition l'église Sainte-Barbe à Lasauvage, à titre gracieux, pour cueillir vos créations lors de la troisième édition de la Popup Art Gallery.

Cette initiative s'inscrit dans la volonté de la Ville de soutenir la création artistique en offrant aux artistes un lieu d'expression unique et chargé d'histoire. Rejoignez-nous pour transformer l'église Sainte-Barbe en un lieu d'expression artistique cet été 2026. Faites partie de cette aventure culturelle exceptionnelle !

Sept weekends d'exposition sont proposés :

- 17-19 juillet ;
- 24-26 juillet ;
- 31 juillet-2 août ;
- 7-9 août ;
- 14-16 août ;
- 21-23 août ;
- 28-30 août.

Les expositions seront ouvertes au public les vendredis de 14 h à 18 h et les samedis et dimanches de 11 h à 18 h. Les artistes disposeront d'un espace de 212 m² pour mettre en valeur leurs créations. La Ville fournira le matériel d'exposition nécessaire (chevalets, socles, panneaux) ainsi qu'un soutien logistique. La surveillance de l'exposition doit être assurée par l'artiste.

Votre candidature

Envoyez un dossier complet comprenant :

1. votre portfolio et CV artistique ;
2. une description du projet d'exposition ;
3. vos préférences de dates.

Date limite de candidature : 31 janvier 2026.

Envoyez votre dossier par courriel à info@stadhaus.lu.



PERMANENCE AU CONSULAT DU PORTUGAL À DIFFERDANGE

Le consulat du Portugal à Differdange tiendra une permanence les 29 avril et 3 décembre 2026 de 9 h à 13 h et de 14 h à 16 h (sur rendez-vous préalable).

Vous pouvez demander un rendez-vous en vous adressant directement au consulat par courriel à consulado.lux@mne.pt en indiquant *Demande de rendez-vous pour la permanence de Differdange*.

Les données à fournir par courriel sont les suivantes :

- Nom complet ;
- Date de naissance ;
- Contact téléphonique ;
- Courriel.

Vous devez indiquer le document que vous souhaitez demander ou modifier : carte d'identité ou passeport. Si le rendez-vous est pour plusieurs membres d'une même famille, des données de chaque personne doivent être indiquées dans le courriel au consulat.





Medikamente

Was zählt dazu und die richtige Entsorgung

Wegen ihre Inhaltsstoffe sollten abgelaufenen und nicht genutzte Medikamente nicht über Restmüll, Toilette oder Abwasser entsorgt werden. Die SuperDrecksKëscht® kümmert sich auch um eine umweltgerechte Behandlung von Kosmetika und Medikamenten. Diese Produkte können nicht recycelt werden, deshalb werden sie in speziellen Hoch-temperaturverbrennungs-Anlagen verwertet.

Vermeidung

- Nutzen Sie für Spritzen und Kanülen den Sicherheitsbehälter erhältlich auch in Ihrer Apotheke.
- Vor der Entsorgung korrekt verschliessen!
- Nur so viele Medikamente und Kosmetik kaufen, wie man auch wirklich nutzt.
- Beipackzettel und Verpackungen werden recycelt.

Information Informations

Zur Produktkategorie Medikamente zählen wir:

- Pillen, Zäpfchen und Kapseln
- Tropfen, Sirupe und andere Flüssigkeiten
- Medizinische Sprays
- Vitamintabletten
- Cremes und Salben
- Mascara und Nagellack

Die SuperDrecksKëscht® nimmt auch kosmetische Produkte die abgelaufen, nicht abgelaufen, benutzt, teilbenutzt oder gar unbenutzt sind. Für Spritzen und Kanülen, verwenden Sie die Sicherheitsbehälter, die Sie zum Beispiel im Ressourcenzenter, bei der mobilen Sammlung der SDK oder in der Apotheke erhalten.

Korrekt entsorgen



Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcenzenter
Apotheke

Médicaments

Ce qui compte et le recyclage correct

Les médicaments périmés et non utilisés ne doivent pas être jetés dans les déchets ménagers, les toilettes ou les eaux usées en raison de leurs composants. La SuperDrecksKëscht® s'occupe également du traitement écologique des produits cosmétiques et des médicaments. Ces produits ne peuvent pas être recyclés, c'est pourquoi ils sont valorisés dans des installations spéciales d'incinération à haute température.

Prévention

- Utilisez le récipient de sécurité pour les seringues et les aiguilles, également disponible dans votre pharmacie.
- Fermez correctement les emballages avant de les jeter !
- Ne pas acheter plus de médicaments et de produits cosmétiques qu'on n'en utilise réellement.
- Les notices et les emballages sont recyclés.

Produktkategorie Catégorie de produits

La catégorie de produits Médicaments comprend:

- pilules, suppositoires et gélules
- les gouttes, sirops et autres liquides
- sprays médicaux
- comprimés de vitamines
- crèmes et pommades
- mascara et vernis à ongles

La SuperDrecksKëscht® accepte également les produits cosmétiques qui sont périmés, non périmés, utilisés, partiellement utilisés ou même inutilisés. Pour les seringues et embouts de canules, utilisez les récipients de sécurité que vous recevrez par exemple au centre de ressources, à la collecte mobile de la SDK ou à la pharmacie.

Elimination correcte



Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®
Centre de ressources
Pharmacies

Für weitere Informationen
scannen Sie den QR Code
Pour plus d'informations,
scannez le code QR



Kosmetikprodukte

Umgang mit Kosmetika und Medikamenten

Inhaltsstoffe von Körperpflegemitteln und Kosmetika können am falschen Ort schädlich sein. Bringen Sie Kosmetika und Körperpflegemittel, egal ob unverbrauchte bzw. verdorbene Cremes oder Lotionen, daher zur SDK. Auch Behälter mit Resten von chemischen Haarfärbemitteln oder ähnlichen aggressiveren Produkten, gehören nicht in den Restmüll.

Vermeidung

- Achten Sie bei Seifen und Reinigungsmitteln auf milde und hautverträgliche Produkte.
- Dies gilt auch für Kosmetika und andere Produkte wie z.B. Haarfärbemittel.
- Bei Naturkosmetik werden ausschließlich natürliche Rohstoffe, wie pflanzliche Öle und Fette, verwendet.
- Viele Naturkosmetik-Produkte sind von unabhängigen Instituten getestet und als empfehlenswert eingestuft.

Produits de beauté

Manipulation de cosmétiques et de médicaments

Les ingrédients des produits de soins corporels et des cosmétiques peuvent être nocifs s'ils sont placés au mauvais endroit. Apportez donc vos cosmétiques et produits de soins corporels, qu'il s'agisse de crèmes ou de lotions non utilisées ou abîmées, à la SDK. Les récipients contenant des restes de colorants chimiques pour cheveux ou de produits similaires plus agressifs ne doivent pas non plus être jetés avec les déchets résiduels.

Prévention

- Pour les savons et les produits de nettoyage, choisissez des produits doux et bien adaptés à la peau.
- Cela vaut également pour les cosmétiques et autres produits comme les teintures pour cheveux.
- Les cosmétiques naturels utilisent seulement des matières premières naturelles, comme des huiles et des graisses végétales.
- De nombreux produits cosmétiques naturels ont été testés par des instituts indépendants et ont été considérés comme recommandables.

Information Informations

Produktkategorie Catégorie de produits

Zur Produktkategorie Kosmetika und Medikamente zählen wir:

- Cremes und Salben
- Mascara und Nagellack
- Pillen, Zäpfchen und Kapseln
- Tropfen, Sirupe und andere Flüssigkeiten
- Medizinische Sprays
- Vitamintabletten

Die SuperDrecksKëscht® sammelt kosmetische Produkte ein egal ob diese abgelaufen, nicht abgelaufen, benutzt, teilbenutzt oder gar unbenutzt sind. Für Spritzen und Kanülen, verwenden Sie die Sicherheitsbehälter, die Sie zum Beispiel im Ressourcencenter, bei der mobilen Sammlung der SDK oder in der Apotheke erhalten.

Korrekt entsorgen



Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht®
Ressourcencenter
Apotheke



Nous comptons dans la catégorie de produits cosmétiques et médicaments :

- crèmes et pommades
- mascara et vernis à ongles
- pilules, suppositoires et gélules
- les gouttes, sirops et autres liquides
- sprays médicaux
- comprimés de vitamines

La SuperDrecksKëscht® accepte également les produits cosmétiques qui sont périmés, non périmés, utilisés, partiellement utilisés ou même inutilisés. Pour les seringues et embouts de canules, utilisez les récipients de sécurité que vous recevrez par exemple au centre de ressources, à la collecte mobile de la SDK ou à la pharmacie.

Elimination correcte



Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®
Centre de ressources
Pharmacies

Für weitere Informationen
scannen Sie den QR Code
Pour plus d'informations,
scannez le code QR

